

Ordre du jour

1.

5163 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 29 avril 1999 portant création d'un droit à un revenu minimum garanti  
*(Dépôt de trois amendements par M. Aly Jaerling)*
2.

4536 - Projet de loi portant création d'une administration des services de secours  
*(Rapport de la Commission des Affaires intérieures - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motion)*
3.

5264 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au financement des travaux nécessaires à
  - l'extension et à la modernisation de la station d'épuration de Beggen
  - la construction d'un collecteur de transport des eaux résiduaires entre Bonnevoie et Beggen*(Rapport de la Commission des Affaires intérieures)*
4.

Ordre du jour
5.

Projet de loi 5264 (suite)  
*(Rapport de la Commission des Affaires intérieures - suite - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi)*

Au banc du Gouvernement se trouve M. Michel Wolter, Ministre.  
*(Début de la séance publique à 9.00 heures)*

**M. le Président.**- D'Sitzung ass op.  
Den Här Aly Jaerling huet elo grad nach eng Kéier seng dräi Amendementer zum Projet de loi 5163 iwwert de Mindestloun deposéiert. D'Ënnerschrëften, déi gëschter gefeelt hunn, stinn elo drop an d'Amendementer sinn deemno recevabel.

**1. 5163 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 29 avril 1999 portant création d'un droit à un revenu minimum garanti**  
*(Dépôt de trois amendements par M. Aly Jaerling)*

**Amendement 1**  
*À l'article 1<sup>er</sup> l'article 3 (1) b) est supprimé.*  
*(s.) Aly Jaerling, Jean Colombara, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Robert Mehlen.*

**Amendement 2**  
*Est ajouté un article 17 qui prend la teneur suivante:*  
*„Article 17*  
*L'article 6 de l'article III de la loi du 28 juin 2002 1. adaptant le régime général et les régimes spéciaux de pension 2. portant création d'un forfait d'éducation 3. modifiant la loi modifiée du 29 avril 1999 portant création d'un revenu minimum garanti est supprimé.“*  
*(s.) Aly Jaerling, Jean Colombara, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Robert Mehlen.*

**Amendement 3**  
*Est ajouté un article 18 qui prend la teneur suivante:*  
*„Article 18*  
*L'article 5 de l'article III de la loi du 28 juin 2002 1. adaptant le régime général et les régimes spéciaux de pension 2. portant création d'un forfait d'éducation 3. modifiant la loi modifiée du 29 avril 1999 portant création d'un revenu minimum garanti est supprimé.“*  
*(s.) Aly Jaerling, Jean Colombara, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Robert Mehlen.*

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4536 iwwert d'Schafung vun enger Verwaltung vun den Hëllefsdéngschter. D'Riedezäit

ass nom Modell 2 festgeluecht. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Nico Loes. Här Rapporteur, wann ech glift. Här Loes, Dir hutt d'Wuert.

**2. 4536 - Projet de loi portant création d'une administration des services de secours**  
*Rapport de la Commission des Affaires intérieures*

**M. Nico Loes** (CSV), *rapporteur*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, all Dag stelle sech hei zu Lëtzebuerg vill Leit an den Déngscht vun alle Matbirger. Iwwer 9.000 fräiwëlleg Pompjeeën: Männer, Fraen a Jugendlecher sinn an iwwer 200 Pompjeescorpsen zoustänneg fir d'Feierläschwiesen an eisem Land. Iwwer 2.000 fräiwëlleg Mataarbechter, verdeelt op 25 Asazzentren a véier Spezialunitéite sti grad wéi hir Pompjeeskolleegen siwen Deeg op siwen, 24 Stonnen op 24 bereet fir eis alleguer ze hëllef an a Bäistand ze leeschten, wann Accidenter oder Katastrophe geschitt sinn.

Mir kënnen, jo mir musse stolz sinn op all dës fräiwëlleg Hëllefskräften, déi sech ronderëm d'Auer an den Déngscht vun hire Matbirger stellen an déi sech am Bénévolat engagéieren. Dëse Leit gehéiert eise Respekt an eise groussen oprichtege Merci fir dat, wat si an hirem dagdeeglechen Asaz fir eis leeschten. A mengem Merci wëll ech awer och d'Berufspompjeeë mat aschléissen, déi den Déngscht um Bierger als Beruff ausüben. Et ass eng nobel Liewensaufgab, déi all dës Leit erfüllen. D'Membere vun der Protection civile a vun de fräiwëllege Pompjeeë sinn d'Garante vun engem optimale Schutz vun der Bevölkerung virun Accidenter a Katastrophen.

Mir sinn awer mat méi oder manner grouse Problemer konfrontéiert. Dat heescht, datt mir musse fäerten, datt mëttel- oder laangfristeg Enkpäss am Bénévolat kënnen entstoen, well et ass dëst jo den Haaptpunkt, deen eis Rettungsdéngschter charakteriséiert. All dës Aarbecht, all dësen Asaz an all dës Disponibilitéit gëtt vu Leit geleescht, déi hir Missiounen op bénévoler Basis verrichten. Den Innenminister Michel Wolter huet dat viru kuerzem nach eng Kéier ën-

nerstrach, datt et ëmmer méi schwéier gëtt fir de Beruff mat dësem Éierenamt optimal ze verban-

nen.  
Op dësem Niveau läit eng vun de groussen Erausforderungen. Et muss ee scho soen, datt mir momentan en Enkpäss hunn, an et gëtt virun allem während de Stonnen am Dag ëmmer méi schwéier, fir Leit ze fannen, déi genügend Zäit hunn a Bereetschaft weisen, fir bei eisen Hëllefsdéngschter, sief dat bei de Pompjeeën oder bei der Protection civile, aktiv ze sinn. Déi politesch Mandatairë mussen alles maachen, fir méi Jugendlecher an och Erwuessener fir den Engagement bei der Protex a bei de Pompjeeën ze begeeschteren an d'Konditiounen fir eng besser Koordination tëschent Beruff an Hëllefsdéngscht ze verbesseren.

De Stat muss awer och d'Bedingunge schafen, fir datt d'Rettungsservicer virun allem op koordinativem Plang besser funktionnéieren. Dat ass den Haaptobjekt vun deem Gesetz, dat mir haut an dësem Haus diskutéieren.

Et ass e Projet, deen eng laang Geschicht huet. Et ass e Projet, deen awer och den 99er Koalitionssaccord ëmsetzt, dee virgesäit, an ech wëll dat hei kuerz zitieren: „Comme le domaine des risques s'est diversifié et compliqué et qu'il exige en conséquence une intervention efficace des secours, le Gouvernement poursuivra les procédures pour faire entrer dans notre droit les nouvelles dispositions légales et réglementaires en matière de services de secours.“ Ech hunn et virdu gesot, et ass dëst de wichtigsten Aspekt vum Gesetz.

D'Risiken an d'Geforen hu sech an deene leschte Joren a Jorzéngte grondleeënd geännert. Mir liewen an enger ëmmer méi moderner an techniséierter Welt, an där d'Risiko vum Onfall a Katastroph och ëmmer méi grouss ginn. Zum anere muss ech awer och ervirhiewen, datt eis Hëllefsdéngschter sech op Dispositiounen baséieren, déi bis un d'Enn vum 19. Jorhonnert zrëckreechen, an dat virun allem un Niveau vum Feierläschwiesen. Aus Zäitgrënn kann ech net op déi historesch Entwécklung vun eisen Hëllefsdéngschter agoen. Am Text vum Projet de loi a vum Avis vum Conseil d'État kann een dës Detailer och noliesen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Diskussiounen iwwert dëse Projet, an ech hat et virdu gesot, ginn zrëck bis an d'Joer 1995. En éischten Text ass am Februar 1999 vum Innenminister Michel Wolter deposéiert ginn. An der Kommissiounssitzung vum 30. September 1999 ass de Rapporteur bestëmmt ginn, a vum November 2001 bis zum Abrëll 2004 hunn eng ganz Rei vu Kommissiounssitzunge stattfonnt, an deenen de Gesetzestext analyséiert ginn ass.

D'Kommissioun huet eng ganz Rei Emännerungen zum initialen Text virgeholl, op déi ech natierlech wäert zrëckkommen. An der Kommissioun sinn déi jeeweileg Avisé vun der Chambre de Commerce, der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, der Chambre des Métiers, der Chambre d'Agriculture an dem Syvicol diskutéiert an analyséiert ginn. De Statsrot huet seng Avisé vum 19. Februar 2002 an dem 30. Mäerz 2004 an d'Kommissioun eraginn.

No ausféierlechen Diskussiounen an der Kommissioun hu mir an der Sitzung vum 22. Oktober 2003 eng Rei Amendementer ugeholl, déi am Januar vun dësem Joer un de Statsrot weidergeleet goufen. Een Amendement vun der grénger Fraktioun ass an der Kommissioun

diskutéiert ginn, ass awer net zrëckbehalte ginn. An der Réunioun vum 8. Mäerz 2002 ass d'Kommissioun vum Gesondheetsminister gebiede ginn, fir déi initial Dispositiounen aus dem Kapitel 4 iwwert d'Services d'aide médicale urgente - dat waren d'Artikelen 19 bis 31 - aus dem initiale Projet erauszehuelen.

D'Ursaach vun dëser Démarche läit an deenen eenzelnen Dispositiounen, déi och d'Spideeler mat abegraifen a wouriwwer nach zousätzlech Iwwerleeunge musse gefouert ginn, fir datt déi och an ee legalen Text kënnen afléissen. D'Kommissioun huet och decidéiert, fir dëser Demande nozekommen an de Gesetzesprojet deementspreechend ëmzeänneren. De schrëftleche Rapport vun der Kommissioun konnt an der Sitzung vum 28. Abrëll analyséiert an ugeholl ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse wichtege Gesetzesprojet huet véier grouss Objeten, déi sech folgendermoossen ëmräisse loossen. Éischstens, de Regroupement vum Service national de la Protection civile an dem Service d'Incendie et de Sauvetage zu där sou genannter Administration des Services de Secours ass den Haaptuleies vun dësem Text. Domat gëtt virun allem eng besser Zesummenaarbecht vun eisen Hëllefskräften ugestriift.

Dëst Gesetz soll och en neien Elan an d'Zesummenaarbecht vun eisen Hëllefskräfte bréngen. Et ass och dëst den Haaptgedanken, deen den Innenminister Michel Wolter ëmmer ervirstraicht, nämlech net géinteneen, mä mateneen ze schaffen.

D'Gesetz gesäit eng Fusioun vun de staatleche Servicer vir, déi sech ëm d'Protection civile an ëm d'Feierläschwiese bekëmmern. Ech wëll hei ënnersträichen, datt et sech bei dem virleiende Gesetz net ëm eng Fusioun vun den Hëllefsdéngschter selwer handelt; wéi ech virdu gesot hunn, ënnersteet d'Protection civile weider dem Innenministère an d'Pompjeescorpsën deenen eenzelne Gemengen.

D'Regierung plädéiert fir eng besser a méi zolidd Ausbildung vun den Intervenanten - an dat ass den zweete Volet vun deem Gesetz, op dat ech zrëckkommen -, wéi gesot eng besser a méi eng zolidd Ausbildung vun den Intervenantë vun eisen Hëllefsdéngschter, eng Formatioun an eng Schoulung, déi sech den Erausforderunge vun eiser moderner Zäit upasst. D'Technicitéit vun den Interventiounen verlaangt ëmmer besser équipéiert a forméiert Hëllefsdéngschter. Et muss also selbstverständlech sinn, datt eis Volontairen an deenen zwee Servicer eng Rei vu Formatiounen matmaachen, déi hinnen et erlaben déi elementar Gesten an Handgrëffer ze vermëttelen, déi si brauche fir hiren Asaz am Sauvetage, am Ambulanzdéngscht, beim Brandasaz oder bei engem techneschem Asaz mat Erfolleg duerchezeféieren.

Aus dësen Ausféierungen, déi ech elo opgezielt hunn, ass et evident, dass d'Gesetz an dat derzougehéierend Reglement virgesinn, dass nëmmen ausgebild, gutt forméiert Volontairen an den Asaz kënnen goen. Dëst ass alles am Intérêt vun de Leit, déi solle gehollef kréien, mä och am Intérêt vun de Volontairë selwer, déi kee Schued sollen an hirem Asaz erliden. De Projet de loi gesäit dofir eng Partie Coursé vir, déi déi Volontairë matmaache mussen, fir dann och eng Attestatioun oder e Brevet ze kréien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Formatioun, oder d'Konditiounen vun der Formatioun, déi e Volontaire brauch fir an den Asaz ze goen, soll awer net dozou féieren, dass mir déi Fräiwëlleg, déi sech kenger Formatioun wëllen

oder kënnen ënnerzéien, aus de Centres de secours oder aus de Pompjeescorpsen eliminéieren. Och all dës Leit musse weiderhin d'Méiglechkeet hunn, fir sech kënnen an den Déngscht vun der Allgemengheet ze stellen. Si kënnen virun an der Protection civile an an de Pompjeeën aktiv matschaffen, awer net méi an deenen Asätz, wou eng bestëmmten Ausbildung a Qualifikatioun noutwendeg ass.

Den drëtten Objet vun deem Gesetz ëmfaasst d'Modalitéiten iwwert déi obligatoresch medezinesch Iwwerwaachung an Ënnersichung vun de Bénévolen aus der Protection civile an aus de fräiwëllege Pompjeeën. D'Suerg, esou gutt wéi méiglech am Noutfall ze intervenéieren an och sech selwer net onnëtz a Gefor ze bréngen, spiegelt sech an den Dispositiounen vum Gesetz erëm, déi verlaangen, dass d'Volontairen aus den Hëllefsdéngschter an engem medezinesch einwandfräie Gesondheetszoustand sinn. De Stat an och d'Gemege kënnen et net verantworten an därferen et net zouloosen, dass ee vun hire Leit sech bei engem Asaz a Gefor begëtt, well hien déi virgeschriwwen medezinesch Konditiounen net erfüllt.

E véierte Volet, deen ech wollt ervirstäichen, ass dee vun dem Personalkader. Dëst Gesetz schaaft, och op Interventioun vun de Membere aus der Kommissioun, e modernen, gutt strukturierte Personalkader, deen den Erausforderunge vun deenen nächste Jore ka standhalen. Et ginn nei Carrièren agefouert, déi engem modernen Hëllefsdéngscht, esou wäit wéi mir dat elo decidéieren, Rechnung droen. Ech denken hei un d'Carrière vum Ingénieur nucléaire, dem Expert en sciences hospitalières an esou weider. Dem Préposé vum Service d'urgence seng Carrière gëtt reklasséiert. Hien ass haut méi wéi nëmmen en Opérateur vum 112. Seng grouss Verantwortung a sai Wëssen, dat vun him verlaangt gëtt, gëtt duerch dëst Gesetz unerkannt.

En anere Volet, deen ech wollt ervirstäichen, ass dee vun dem preventive Brandschutz, och wann opgrond vu Bedenke vun dem Statsrot de Projet vun der Regierung an dësem Punkt huet missen ëmgeännert ginn. De preventive Brandschutz bleift e wichtegt Thema. Eis Gemege musse méi staark an dësem Domän an d'Verantwortung geholl ginn. Laut Gemegegesetz an dann neierdéngs opgrond vun dësem Gesetz, dat mir haut hei diskutéieren, sinn eis Gemege gehalten, all Moosnamen ze huelen, déi d'Ausbrüche vun engem Feier verhënneren. Och wann dës Texter heiandsdo ganz al sinn an och relativ onprezis, muss ee soen, dass se d'Gemengen dozou verpflichten, op dësem Gebitt aktiv ze sinn.

Och vun der Säit vun de Pompjeeën aus ass de preventive Brandschutz en neit an e wichtegt Betätigungsfeld, well wien ass besser placéiert wéi eis Pompjeeë fir matzeschwätzen iwwert d'Moosnamen, déi mussen um bauleche Plang geholl ginn, fir dass et net zu engem Brand ka kommen. De Conseil d'État seet mat Recht, dass eis Pompjeeën ëmmer méi vun Zaldote vum Feier zu Techniker vum Risiko ginn. A bei den Diskussiounen an der Kommissioun vun den Affaires intérieures am Kader vun dem 37er Gesetz kënnt och e Reglement derbäi, wou déi éischt Usätz, dat heescht deen éischten Text a puncto Brandschutz och festgehalte gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, op den Historique vun dem Pompjeeswiesen a vun dem Entstoe vun der Protection civile kann ech, wéi virdu gesot, aus Zäitgrënn net méi zrëckkommen. Den Exposé des motifs an de schrëftleche Rapport zu dëser Gesetzesvirlag si ganz explizit doran. Ech wëll awer an der Haaptsaach op



den Avis vum Statsrot vum 19. Februar 2002 zrëckkommen, deem eng Rei Iwwerleeunge grondleeënd der Natur gemaach huet a wou sech eng Partie vu senge Propositionen an deem virleienden Text niddergeschloen hunn.

De Statsrot huet fir d'éischt emol bedauert, dass den Text net genuch Raum gelooss huet fir eng verbessert Zesummenaarbecht um Niveau vun de Gemengen, an dat virun allem op interkommunalem a regionalem Plang. Virun allem solle sech déi lokal Corpsen an de Gemengen zesummendoe fir méi effikass schaffen ze kënnen a virun allem op finanziellem Plang méi Spillraum ze hunn. De Statsrot freet an deem Kontext, ob d'Obligation fir d'Gemengen, en eegene Service d'incendie an d'Liewen ze ruffen, verhënnert fir op de Wee vun engem interkommunale Syndikat mat anere Gemengen ze goen. De Statsrot geet esouguer esou wäit fir zu enger regelrechter Coopération transfrontalière opzeruffen an zum aneren e professionellen Encadrement fir déi Fräiwëlleg ze fuerderen.

De Statsrot huet och ugereegt fir de Feierschutz an d'Rettungsdéngschter um Niveau vun eise Gemengen an d'Repartition vun deene jeeweilegen Tächë bei der Neiopdeeling vun de Kompetenzen tëschent Stat an de Gemengen ze thematiséieren. An deem Kontext wier d'Iwwerleeung ze féieren, fir d'Organisation an de Fonctionnement vum Feierschutz a vun de Rettungsdéngschter duerch de Stat ze garantéieren, dëst um Niveau vun där nei geschafener Administration.

De Statsrot hat sech och op enger Rei Punkte formell opposéiert op déi ech wëll kuerz agoen. Éischens, de Statsrot hat am Artikel 5 vum initialen Text kritiséiert, dass ee Règlement grand-ducal keng nei Plazen an der Fonction publique ka schafen, well dëst géint d'Artikele 35 an 99 vun der Verfassung verstéisst. Zweet Opposition: De Gesetzesprojet huet a senger initialer Versioun virgesi gehat, dass déi autoriséiert Persounen, fir Coursen ze halen, mussen vum Innenminister agréiert sinn. De Statsrot mengt awer an deem Kontext, dass dës Dispositione géint de Prinzip vun der Liberté de commerce et d'industrie verstousen.

Drëttens, de Statsrot ass doriwwer eraus der Meenung, dass d'Attributione vun enger Verwaltung nëmmen duerch eng Loi formelle kënnen definéiert ginn an net duerch ee Règlement grand-ducal. Véiertens, och wat de personelle Kader vun där neier Verwaltung ubelaangt, ass de Statsrot der Meenung, dass nëmmen e Gesetz d'Unzuel vun de Salariéen an enger Administration kann definéieren, an dat nom Artikel 35, Alinea 2 vun der Verfassung. De Statsrot befënt des Weideren, dass et net um Regierungsrot ass fir d'Indemnitéit vun engem Fonctionnaire festzelleen, an och an deem Punkt kann nëmmen e Gesetz doriwwer befannen. An zu gudder Lescht huet de Statsrot sech kloer derfir ausgeschwat fir déi strofrechtlech Dispositionen am Gesetzestext besser ze preziséieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Kommissioun huet hir jee-weileg Positionen a Verbesserungsvorschläi an net manner wéi 18 Amendementer gegoss, déi den 22. Oktober 2003 un de Statsrot iwwermëttelt gi sinn. Ech kann aus rengen Zäitgrënn net op all dës Vorschläi zrëckkommen, mä ech wëll mech dofir op déi grouss Propositionen oder déi méi grouss Propositione konzentréieren, déi opgrond vum Avis vum Statsrot geholl goufen.

De Koalitiounsaccord vun 1999 gesäit a sengem Kapitel iwwert d'Aussepolitik vir, e sou genannte Corps civil an d'Liewen ze ruffen, e Projet, deem 1999 an 2000 op den EU-Sommetë vu Feira a vun Helsin-

ki och op europäescher Basis envisagéiert gouf. D'Analys vun de Capacitéiten zu Lëtzebuerg huet erginn, datt mir duerchaus à même si fir esou e Corps civil ze schafen, deem niift de Volontairen aus dem Zvilschutz och déi fräiwëlleg Pompjeeë mat abegräift.

Zweetens: Och goufen d'Dispositionen iwwert de Congé spécial fir déi Fräiwëlleg adaptéiert, well et haut ëmmer méi schwierig ass, fir d'Berufsliewe mam fräiwëllegen Déngscht ze verbannen. De Congé spécial gouf op siwen Deeg erhéicht, well d'Formationen, déi d'Pompjeeën oder d'Leit vun der Protection civile matmaachen, gewéinlech iwwert d'Dauer vu siwen Deeg lafen. Dës Dispositionen iwwert de Congé spécial trëfft bei Leit, déi enger Missioun vum Corps civil bäidroen, net zou, well déi iwwert déi Period eraus kënnen an deelweis och mussen am Ausland schaffen.

Drëttens sinn des Weideren och zwou nei Carrières supérieures an d'Liewe geruff ginn, an zwar déi vum Ingénieur nucléaire an déi vum Expert en sciences hospitalières.

Eis Protection civile ass haut mat enger Rei Obligationen nationaler an internationaler Natur konfrontéiert, déi eng gewëssen Expérience an eng gewësse Fachkenntnis op dem Niveau vun der Nukleartechnik erfuerdert, fir an deenen internationale Gremie kënnen matzeschwätzen.

Um Niveau vun der Expertise ass d'Protection civile och verantwortlech fir d'Gestaltung vun Evenementen oder Accidenter an den Industrien, déi mat radioaktivem Material schaffen. Doriwwer eraus brauch den Transport vu radioaktivem Material och eng fachmännesch Begleitung, an déi nei Carrière, déi hei geschafe ginn ass, erlaabt eis an deem dote Punkt och kënnen déi néideg Ënnerstëtzung ze ginn. Den Expert en sciences hospitalières ass mat der genereller Politik am Beräich vum Rettungs- a Fléegedéngscht chargéiert.

Véiertens huet d'Kommissioun och vun der Geleeënheet profitéiert, fir verschidde Reclassementer an e puer Carrière virzehuelen. Betreff vun dëse Moossname sinn de Préposé vum Service d'urgence, den Direkter vun der neier Verwaltung, deem säi Responsabilitätsberäich erweidert gëtt, an d'Fonctionnaires, déi als Dokteren an där neier Administration tätig sinn. Si kréien déiselwecht Promotionsméglechkeete wéi hir Kolleegen an anere staatleche Verwaltungen.

Fënneftens huet d'Kommissioun des Weideren den initialen Artikel 23 festgehalten, deen d'Konditione vum Transport vu Blessierten definéiert, am Fall wou keng Urgence besteet.

Sechstens an zu gudder Lescht huet d'Kommissioun d'Dispositions pénales, d'Dispositions particulières, d'Dispositions transitoires an d'Dispositions abrogatoires méi prezis ausgeluecht, esou wéi de Statsrot dat vun hir verlaangt huet. Et geet hei virun allem drëm, d'Dispositionen esou auszegestalten, datt den Iwwergank vun de Fonctionnaires vun der Administration de la Protection civile an déi nei Administration esou reibungslos wéi méiglech iwwert d'Bühn geet.

De Statsrot huet a sengem Avis vum 30. Mäerz 2004 dee gréissten Deel vun den 18 Amendementer iwwerholl. Wat déi formell Oppositionen ubelaangt, esou ass d'Kommissioun mat op de Wee gaangen, fir dem Statsrot Rechnung ze droen. Och hei wëllt ech aus Zäitgrënn op dee schrëftleche Rapport verweisen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no den Explikationen zu deene wichtegste Punkte vum Gesetz, an och zu de Bemierkunge vum Statsrot, sief et mir erlaabt, nach eng kéier op ee Punkt zrëczegoen, dee mir an där éischter Sitzung vun der Kommissioun be-

handelt haten, esou wéi de Statsrot et och gesot huet, firwat datt de Législateur net méi wäit gaangen ass, wat d'Organisation vum Rettungswiesen ubelaangt. Ech denken hei un d'Zesummeleee vum de Pompjeescorpsen.

Eng Rei vu Kommissionsmembere waren der Meenung, datt mir op dës Wee hätte misse goen. Eng Meenung, déi den Innenminister och gedeelt huet. Well awer keng Unanimitéit op deem Plang ze fanne war, hu mir schliesslech dovun ofgesinn.

Trotzdem mussen d'Gemenge sech d'Fro stellen, ob eng fräiwëlleg Zesummeleung vun de Corpsen innerhalb vun deenen eenzelne Gemengen net zu enger Bündelung vun de Kompetenzen an de Moyenné féiere kann, déi am Intérêt vun de Corpsen a speziell am Intérêt vun de Bierger ass.

Och misste mir eis, an ech soen esouguer mussen mir eis an där nächster Legislaturperiod Gedanken maachen iwwer eng méi regional Kollaboratioun vun eise Pompjeescorpsen.

An deem Zesammenhang duerfe mer och net fäerten d'Fro ze stellen, inwiefern mer regional Pompjeeszentre schafen, an deenen déi fräiwëlleg Pompjeeë vu Leit encadréiert ginn, déi do haaptberufflech ugestallt sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech denken, datt dës Projet zu gudder Lescht dem Bierger zegutt kënn, well d'Koordinatioun vun de Rettungsdéngschter substanzieell verbessert gëtt. Eis Regierung ass mat dem Zil an dës Legislaturperiod gaangen, fir dem Land effikass a leeschungsfäeg Verwaltungen ze ginn. Dat hei gëtt eng vun dëse performante Verwaltungen, well vill Leit eng Hand mat upaken, déi mat Häerz an Ausdauer un hir Aufgab erugin. Déi zukünfteg Administration des services de secours wäert et awer net einfach kréien. Dëst Gesetz ass en zolitte Point de départ fir déi nei Verwaltung. Deen neien Direkter kann elo mat enger neier gesetzlecher Basis dës Aufgab ugoen.

Ech wëll all deenen, déi bei deem Text matgeschafft hunn, speziell dem Häre Jean-Paul Conzemius aus dem Innenministère an dem Ralph Kass aus eiser Fraktioun, merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht. Ech wëll awer och de Kolleegen aus der Kommissioun merci soe fir déi Zesummenaarbecht an déi gutt fair Kollaboratioun, déi si bei der Ausaarbechtung vun deem Text geleescht hunn, well et eng Noutwendegkeet ass vun dëser Verwaltung a well mer och do partei-iwwergräifend eisen Apport dozou ginn hunn. Ech wäerten et als ee gutt Zeeche fir ee gudden Start an déi Aarbecht, déi déi nei Administration viru sech huet.

Zum Schluss wëllt ech awer nach eng kéier vun der Geleeënheet profitéieren an an deem Kontext drop hiweisen, datt et net nëmmen aus budgetäre Grënn ass, wéi mer de Bénévolat mussen gestalten a bäibehalen. Et kann een ni genuch dee fräiwëllegen Engagement an déi onermiddlech Aarbecht vun all deene Leit ervirhiewen, déi am Intérêt vun eis alleguer schaffen. Eng Gesellschaft, déi op de fräiwëllegen, net bezuelten Asaz vu senger Matmensche verzicht, eng Gesellschaft, déi de Bénévolat virun allem bei den Hëllefdsdéngschter net méi kennt, ass eng aarm Gesellschaft, déi Wäerter wéi Solidaritéit, Respekt, Toleranz, Unerkennung a Mënschlechkeet vergësst.

An deem Sënn bieten ech lech dës Projet ze stëmme an ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix.** - Très bien.

**M. le Président.** - Merci, Häre Rapporteur. Als éischte Riedner ass den Häre Nicolas Strotz age-droen. Häre Strotz, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

**M. Nicolas Strotz** (CSV). - Häre President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem Rapporteur, dem Kolleeg Nico Loes, merci soe fir deen ausféierleche schrëftlechen, mä besonnesch fir säin excellente mëndleche Rapport, deen hien eis hei de Moie virgedroen huet. Hien huet dat, wéi ee seet, mat Häerz a Verstand gemaach, an ech soen him dofir e ganz grouse Merci.

Hien ass am Detail op d'Philosophie vum Projet agaangen an op den Avis vum Statsrot. Dat erlaabt et mir mech méi allgemeng mat der Problematik vun den Hëllefskräften an do besonnesch dem Feierläsch-a Rettungswiesen ze befaassen. Ech mengen dat duerf lech net wonneren, fir all déi, déi meng Vergaangenheet kennen.

D'Geschicht léiert eis, datt säit der Franséischer Revolutioun d'Organisation vun Feierläschwiesen a vun der Sécherheet un déi kommunal Autoritéiten offiziell iwwerdroen ginn ass. D'Gemengegesetz vum 1843 operleet dem Schäfferot an de Gemenge Mesuren ze ergräifen a Material unzeshafe fir Bränn ze verhënnern, respektiv ze läschen. Awer och scho virun ass an de Gemengereglementer erlooss ginn, wéi d'Bierger sech bei de Bränn ze verhalten haten.

No 1843 huet d'Feierläschwiesen zu Lëtzebuerg ugefaange sech ze organiséieren. Gréiwemaacher, Groussbus an esou weider waren déi éischt Corpsen, déi gegrënnt gi sinn, an 1883, also viru méi wéi 120 Joer, ass de Lëtzeburger Pompjeesverband gegrënnt ginn, déi no an no déi Struktur am Feierläschwiesen opgebaut hunn, déi mer haut kennen. 1905 ass d'Feierschutzsteier agefouert ginn, déi haaptsächlech dozou sollt déngen, fir d'Pompjeeën, déi an den Asaz ginn, ze ënnerstëtzen.

Duerch den Artikel 100 vum Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 an deem all Gemeng ugehale gëtt, fir e Service d'incendie et de sauvetage ze schafen an ze ënnerhalen, an duerch e Règlement grand-ducal vum 7. Mee 1992, sinn d'Corpsé quasi Gemengeservicer ginn.

De Ministère de tutelle ass de Ministère de l'Intérieur mat sengem Service d'incendie. Dee begräift de Conseil supérieur, d'technesch Kommissioun an den Inspektorat. Si surger fir een eenheetleche Fonctionnement vum Feierläsch-a Rettungswiesen. D'Corpsé selwer ënnerleien der Tutelle vun de Schäfferéit aus de Gemengen. D'Ausbildung an d'Koordinatioun um Terrain awer geschitt duerch d'Pompjeesfédératioun, déi domadder e wichtege Bestanddeel vum Rettungswiesen ass; an dat scho säit 120 Joer. Si suert och duerch eng gutt organiséiert Jugendorganisation fir den Nowuess an hire Reien, mä och an de Reie vun der Protection civile.

D'Origine vun der Protection civile geet op d'Joer 1936 zrëck an hire But war, fir d'Bevölkerung géint militäreschen Ugrëffer ze schützen. Dëst huet bis un d'Enn vum Kale Krich gegoll, dat heescht bis d'Enn vun de 60er Joren. Nei Iwwerleeunge sinn duerno gefouert ginn, fir der Protection civile zousätzlech Missiounen unzevertrauen. Duerch e Gesetz vum 1976 a Reglementer vum 1980 an 1991 krut d'Protection civile déi Base légale, déi mer haut nach kennen. Si kruten och eng eege Verwaltung, déi direkt der Tutelle vum Innenministère ënnerläit.

An deem Projet de loi geet et elo drëm, eng ministeriell Verwaltung mat deenen zwou Organisationer ze bilden. Dat heescht, d'Verwaltung vun der Protection civile mat all hiren Ënnersektionen an de

Service d'incendie et de sauvetage aus dem Ministère, an enger Verwaltung, der Administration centrale des Services de Secours zesummenzeschleissen. Dës Verwaltung ënnersteet mat senger Direktioun direkt dem Innenministère an deelt sech op an dräi verschidde Sektionen: der Division de la Protection civile mat allen Ënnergruppen, der Division d'incendie et de sauvetage an enger Division administrative technique et médicale, déi déi administrativ Aarbecht vun deenen zwou aneren Divisione bündelt a koordinéiert. Esou gëtt et méiglech e bessert Zesummeschaffen ze garantéieren, dat souwuel am Beräich vun der Ausbildung, wéi am Beräich vun der praktescher Zesummenaarbecht um Terrain.

Zur Ausbildung ass ze soen, dass fir de Moment d'Instruktioun nach op zwou Plaze gemaach gëtt: zu Schëmpech fir d'Protex an zu Feele fir d'Pompjeeën. Dës Zweegleisegkeet ass net falsch, well de groussen Deel vun der Ausbildung net identesch ass; jo eenzel Coursé ganz verschidde sinn. Gewosst ass awer, datt et eenzel Iwwerschnidungen an de Programmer gëtt. Gewosst ass och, datt souwuel op där enger, wéi op där anerer Plaz d'Ausbildungsméiglechkeeten net optimal sinn an dofir ass et ze begrëssen, dass de Stat an d'Stad Lëtzebuerg gewëllt sinn, eng nei modern Schoul opzerichten an där zesummen d'stater Berufspompjeeën, déi fräiwëlleg Pompjeeën an d'Protection civile eng beschtméiglech Ausbildung kënnen ugebuede kréien. Da kënnen och eenzel Programmer nach besser openeen ofgestëmmt ginn.

Dësen zentrale Bau gëtt kombinéiert mat enger neier Kasär, déi fir d'Berufspompjeeën zu Gaasperech no beim Rond-point Gluck opgericht gëtt. Dës Kasär wäert dann och eng Base nationale fir de Service d'incendie et de sauvetage ginn, wou spezifesch spezialiséiert Material stationéiert wäert ginn. Doduerch wäerten de Berufspompjeeën aus der Stad nei Aufgaben erwuessen, déi nach méi eng enk Zesummenaarbecht tëscht dem Stat, der Stad Lëtzebuerg an den anere Gemenge vu ronderëm noutwendeg maachen - mäi Fraktiounskolleeg, den Häre Laurent Mosar, wäert am Detail dorobber agoen.

Och wäert déi nei Verwaltung hire Sëtz an deem ganze Komplex kréien; an d'Büro vum Pompjeesfédératioun ginn och do ënnerbruecht.

Niift enger Base nationale sollen, laut Gesetz, och fir d'Feierläsch-a Rettungswiese Bases régionales kënnen geschafe ginn. Dat mussen elo keng nei Zentre sinn. Niift de bestehende Basen Ettelbréck an Esch kënnen regional Basen, déi bei gréissere Corpsen, an zwar do wou e gréissere Risikopotential besteet, entstoën. Mat dëse Basen mussen dann d'Corpsé vu ronderëm enk zesummeschaffen, nom Modell vun der Stad Lëtzebuerg, wou déi fräiwëlleg Corpsen deelweis elo scho mam Berufscorps zesummeschaffen.

Häre President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt elo hei e Modell entwéckele wéi ee sech an der Zukunft en Zesummeschaffe kéint virstellen. Et ass e Modell, deen ech vun der Pompjeesfédératioun iwwerholl hunn. Dës Proposition soll zu Diskussioun Ulass ginn, fir doraus eventuell zukünfteg Léisungen an deem Beräich ze fannen.

Als Zukunftsorientéierung kënn ech mer virstellen:

1. Eng enk Zesummenaarbecht ënnerhalb vun enger Gemeng mam Zil fir ee Service d'incendie et de sauvetage communal pro Gemeng, oder jee no Situatioun och pro zwou oder dräi Gemengen, ze schafen. Ech sinn do an deem Punkt net grad eens mam Häre Rapporteur, dee gesot huet, et wier dem Häre Minister säi Wëlle ge-



wiescht d'Corpsen zesummenzeleeën. Ech mengen, de Minister huet déi Méiglechkeet ausgedréckt, huet awer och ëmmer drop gepocht, datt dat op fräiwëlleger Basis soll geschéien.

#### (Interruptions)

Dat heescht, déi Zesummeleung soll net iwwer forcéiert Fusioune geschéien, mä se soll harmonesch zesummewuessen. Wann de Wonsch do ass, sollen déi Corpsen als Veräin an engem Duerf bestoe bleiwen, well d'Pompjeeën aus der Tradition eraus och nach eng wichteg Gesellschaftsroll ze erfëllen hunn an dann do geziilt och nach fir Jugendpompjeeë werbe kënnen.

2. Eng enk Zesummenaarbecht vun de Corpsen iwwert d'Gemeengegrenzen eraus; jo souguer do, wou et méiglech ass, iwwert d'Landesgrenzen eraus.

3. D'Schafung vu regionale Stützpunkten, déi bei gréissere Corpsen unzesiedele sinn an déi mat regional spezifeschem Material équipéiert ginn a mat deene d'Corpsé vu ronderëm mussen zesummeschaffen. Wann noutwendeg kënnen dës Stützpunkte mat e puer Berufspompjeeën oder Semi-professionnellë besat ginn, respektiv mat Leit, déi Pompjee sinn, an der Gemeng schaffen a vun de jeeweilege Gemengen détachéiert ginn.

4. D'Schafung vun engem nationale Stützpunkt, dee bei de Berufs-pompjeeën an der Stad unzesiedelen ass - sou wéi ech dat elo just beschriwwen hunn.

5. Do wou e Centre de secours vun der Protection civile ugesiedelt ass mussen d'Pompjeeën an d'Protex sech an enger gemeinsamer Struktur zesummenfannen an och zesummeschaffen.

De Statsrot huet gemengt, dass dat d'office iwwerall misst geschéien. Wahrscheinlech wouss hien awer net, dass mer nëmmen 21 Centres de secours vun der Protex am Land hunn, esou dass dës net méiglech ass. Et soll elo och keen op d'Iddi kommen, fir ze menge mat 21 oder och e puer méi Zentren am Land géing et duergoen. Wann am Gemengegesetz steet, datt all Gemeng e Service d'incendie soll hunn, dann ass dat net aus der Loft gegräff, mä dann ass dat aus der Erkenntnis eraus, dass wa méiglech no aacht bis zéng Minuten, wat en international festgeluechte Wäert ass, Hëllef soll op der Plaz sinn. Et muss also dofir gesuergt ginn, dass e flächendeckend Feierläsch- a Rettungswiesen iwwert d'Land verdeelt erhalte bleift.

Wéi eng Roll huet déi nei Verwaltung an deem Rollespill am Feierläsch- a Rettungswiesen? Si ka berodend awierken, hir Ënnerstëtzung bei esou engem Opbau ubidden a Richtlinne festleeën. De Gemenge kennt awer an deem Ganzen eng ganz wichteg Roll zou an et schéngt mir, wéi wann d'Gemenge sech dees net ëmmer richteg bewosst wieren a sech op de Stat verlossen.

■ **Une voix.** - Ouh?

■ **M. Nicolas Strotz (CSV).** - Et ass ze bedauern, dass déi Fro beim Débat iwwert d'Kompetenzopdeeling tëschent Stat a Gemengen net weider zur Sprooch komm ass. Esou wéi et de Moment ass, si souwuel de Stat fir d'Protection civile an d'Gemenge fir d'Feierläsch- a Rettungswiesen an der Verflchtung.

Et ass gewosst, dass et bei de Pompjeeën, mä haaptsächlech bei der Protection civile, Problemer gëtt fir besonnesch während dem Dag genuch Leit zur Verfügung ze hunn, fir eng Permanence ze garantéieren. Ëmmer méi muss d'Protection civile op d'Pompjeeën zréckgräifen. Nach ass et awer net zum Normalfall ginn, datt d'Pompjeeë beim Sauvetage agesat ginn; wat zwar awer ëmmer méi de Fall ass. Et muss een och wëssen, datt

d'Pompjeeën e Service d'incendie et de sauvetage sinn, also eng geziilten Ausbildung och mam Sauvetage maachen. Dofir wier et net méi wéi verständlech, wa se och méi mam Sauvetage géifen erugezu ginn. Méi wëll ech dozou net soen, mä hei ass déi nei Verwaltung gefuerdert, fir deem Mëssstand opzehëlfen. Hei muss et zu engem Ëmdenke kommen.

■ **Une voix.** - Bekennt Faarf!

■ **M. Nicolas Strotz (CSV).** - Wou soll ech da Faarf bekennen?

Ech soe just, datt d'Pompjeeën net matgeruff ginn, deemno wéi de Fall läit.

#### (Interruptions)

Déi Problematik muss kloer am Règlement grand-ducal geléist ginn. Et kann net sinn, dass bei de Missioune vum Service d'incendie et de sauvetage am Règlement steet: „...de mettre en oeuvre les opérations de sauvetage sans préjudice des attributions de la protection civile.“ Neen, et muss heeschen: „...de mettre en oeuvre les opérations de sauvetage en collaboration avec la division de la protection civile.“ De Sënn an den Zweck vun dëser Reform muss jo si fir d'Kollaboratioun ze fërden an net fir festzeschreiwen, dass keen op deem anere seng Plate-banden duerf trëppelen. Esou séier wéi méiglech déi beschtméiglechste Hëllef ubidden an dat mateneen an net géinteneen, dat muss zum Leitmotiv ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass eng Tatsaach, wéi ech scho gesot hunn, datt dat fräiwëllegt Engagement an den Hëlleforganisatiounen ofhëlt. Dat heescht, dass d'Fräiwëllegkeet amgaangen ass u seng Grenzen ze stoussen. Verschidden Ursaache kënnen dorunner schold sinn, an ech erlabe mer der e puer ze ernimmen. Et ass deels déi grouss Zuel vun Asätz, souwuel bei der Protection civile wéi bei de Pompjeeën, déi ofschrecken. D'Pompjeeën an d'Protex si quasi an der Gesellschaft zum Meedche fir alles ginn. D'Protection civile dierf an der Zukunft zum Beispill net méi als Taxi benotzt ginn, fir a banale Fäll een an d'Klinik ze féieren.

Schued ass et, dass de Volet vun de Krankentransporter op Wonsch vum Gesondheetsminister, wuel aus verständlechen Ursaachen - dat hat mat der Definition vun der Astufung vun de Kliniken ze dinn - aus dem Projet de loi erausgeholl ginn ass, soss hätt de Problem vläicht scho geléist kënne ginn. D'Pompjeeë sinn zum Beispill och net do, fir all Uelechspuer vun der Strooss ewechzemaachen, fir all Aascht, dee vun engem Bam op d'Strooss fällt, ewechzemaachen, fir den Dreck vun der Strooss ze kieren no engem Accident an esou weider.

Wann eng direkt Gefor besteet, da sinn d'Pompjeeën um Dill, och an esou Fäll. Elo fällt awer den Ënnerhalt an d'Sécherheet op der Strooss an d'Attributiounen an domat an d'Responsabilitéit vun der Bauverwaltung, esou dass hir Brigade mobile misst an esou Fäll untrieden, wat awer ze dacks net de Fall ass, an et freet ee sech, firwat dass se eng Prime d'astreinte kréien. An dës Beräicher ass déi nei Verwaltung gefuerdert, fir nom Rechten ze kucken a fir d'Missioune vun de Rettungskräfte genau ze definéieren.

Et ass dann d'Ausbildung, déi villen ëmmer méi ze schafe mécht. Et ass gewosst, datt een haut net méi laanscht eng performant Ausbildung kennt. Bei der Vielfältgkeet an der Geféierlechkeet vun den Incidenten ass et wichteg am Interesse vun der eegener Sécherheet, awer och am Interesse vun de Sinistérierten, dass ee säin Handwierk och als Fräiwëllege versteet. Et ass haut jiddferree sech bewosst, dass een net méi ouni Ausbildung an den Asaz ka goen. Bei der Viel-

falt vu Coursen, déi zum Beispill e Pompjeeë muss maachen, ass et net verwonnerlech, datt ee sech et dräimol iwwerleet, ob een esou en Engagement nach ageet.

Et geet u mat engem medezineschen Test. Da muss een en Éischt-Hëllef-Cours maachen - 28 Stonne mat engem Test verbonnen. Duerno kennt ee Grondléiergank - 24 Stonnen an en Test. Dann den theoreteschen Deel vum Otemschutzléiergank - 10 Stonnen an en Test. Dann de prakteschen Deel - dräimol aacht Stonnen an e Passage op der Otemschutzstreck zu Schëmpech. Dann de BT1 - e brandtechnesche Léiergank -, sechs Deeg an den Examen. Dat ass de Minimum, deen all Pompjee nom neie Gesetz muss maachen.

Wëllt ee Responsabilitéit an engem Corps iwwerhuelen, kennt derbäi e BT2, sechs Deeg an en Examen, e Sauvetage-Cours, 12 Deeg an en Test; a fakultativ e BT3, sechs Deeg an en Test, an e Preventiounscours, sechs Deeg an en Test. Dobäi komme speziell Léiergänger vun engem Dag. Dann d'Üben am Corps, d'Material an de Pompjeesbau an der Rei halen an esou weider. Plus dann zur Verfügung stoe fir de Permanencedéngscht an d'Asätz, fir déi eng gutt kierperlech Verfaassung muss do sinn an déi oft mat enger grousser psychescher Belaaschtung verbonnen ass. A fir déi Fräiwëlleg ass dann och nach keng Prime de risque mat derbäi.

Mat esou engem Pflichtprogramm ass et net verwonnerlech, datt sech ëmmer manner Leit fräiwëlleg fir esou eng Missioun hierginn. Hei geet all Fräizäit drop an et bleift wéineg Zäit fir d'Famill. Eng drëtt Ursaach, firwat der vill engem fräiwëllegen Akt de Réck dréinen, ass déi wéineg Unerkennung, där de Bénévolat an eiser Gesellschaft begéint. Ausser schéine Sonndesriede leeft net vill. Ech begrëssen dofir dem Här Statsminister Jean-Claude Juncker seng Aussoen an dem État de la Nation iwwert de Bénévolat an ech hoffen, dass an enger neier Regierung no de schéine Wieder sech och eppes deet.

#### (Interruption)

Och am CSV-Wahlprogramm ass festgeschriwwen, datt et zu enger Unerkennung vum Bénévolat muss kommen.

#### (Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

Wéi war et an Ärem? Ech mengen, do stoung och näischt dran.

■ **Une voix.** - Do stoung et dran!

■ **M. Nicolas Strotz (CSV).** - Ouh? Ouh?

■ **La même voix.** - Jo!

#### (Interruptions)

■ **Une voix.** - Dir sidd erëm esou gutt informéiert wéi gëschter.

■ **M. Nicolas Strotz (CSV).** - De Stellwäert vun engem fräiwëllegen Engagement an enger Hëlleforganisatioun geet menger Meinung iwwert den einfache Bénévolat an engem Veräin eraus.

An enger Rettungsorganisatioun ze sinn, ass keen Hobby an net nëmmen en einfachen Engagement. Neen, et ass eng Verflchtung, e „must“, deen een hei ageet, deen ee sech operleet an och muss erfëllen. Esou en Engagement muss iwwer eng normal Unerkennung eraus honoréiert ginn. Dës muss op verschiddenen Niveaue geschéien. Als Beispill zitieren ech e Chef de corps. Hie muss sech enger spezieller Aus- a Weiterbildung stellen, kritt eng Nominatioun vum Gemengerot, woumat hien och d'Responsabilitéit vum

Corps iwwerdroe kritt, ass zoustänneg fir d'Ausbildung vu senge Leit a fir d'Leedung vun den Asätz, muss dofir suergen, dass d'Material an de Bau an der Rei sinn. Säi Luef ass e Merci op der Generalversammlung. Ass dat nach normal?

Et muss zu engem Mentalitéitswiessel an eise Betriber, de Schoulen, jo an eiser Gesellschaft kommen. Deen, dee sech hiergëtt aneren ze hëlfen, muss als Virbild an eiser Gesellschaft ugesi ginn. Pompjee ze sinn duerf kengem zum Nodeel ausgeluecht ginn, wann ee sech ëm eng Plaz bewerbt; au contraire, et muss zu engem Virdeel ausgeluecht ginn. D'Diplomer, déi ee mécht, e BT1, e BT2, e Sauvetage-Cours an esou weider, mussen eng Valeur duerstellen. Et kann net sinn, wann e Patron freet: „Bass du an de Pompjeeën?“, wa jo, da gëtt en net agestallt, aus der Gefor eraus, hie misst deem neien Aarbechter ze oft fräi ginn, fir an den Asaz ze goen. Dat sinn Tatsaachen. Richteg misst et awer sinn, datt een aus enger Hëlleforganisatioun als éischt misst agestallt ginn.

E Pompjee oder en Ambulancier, dee 25 Joer am Asaz war an dee seng Ausbildung absolvéiert huet, misst kënnen eng Zousazpensioun kréien. E Modell wier, dass dës Pensioun no engem eegestännege Regime géif fonctionnéieren, wou de Stat, d'Gemengen an deen Einzelne géifen no engem festzelleende Schema cotiséieren. Duerch kéim et engersäits zu enger Fidélisatioun vun deem Einzelnen an anerersäits zu méi enger héijer Zousazpensioun. Dës ass eng Iddi, déi eis franséisch Kollegeen amgaange sinn en musique ëmsetzen. D'Héicht vun där geplangter Zousazpensioun a Frankräich läit bei 1.500 Euro pro Joer.

Et kann ee sech och aner Modeller vun Unerkennung nach am steierleche Beräich virstellen, zum Beispill d'Befreiung vun der Autossteuer an esou weider. Ze begrëssen ass op jidde Fall, dass den Här Minister Wolter op der Generalversammlung vun der Pompjeesféderatioun viru 14 Deeg ugekënnegt huet, fir d'Allocation de vétérance eropzesetzen. Dës Allocatioun vu 15 Euro de Mount kritt de Moment all Pompjee mat 65 Joer, wann en 20 Joer Service gemaach huet, oder 12 Euro bei 15 Joer.

Hu fréier d'Gemengen an den Einzelnen déi Allocatioun matfinanzéiert, esou gëtt se elo integral vun der Feierschutzsteuer bezuelt. Dës Ënnerstëtzung, a Pompjeeskreeser Tubaksrent genannt - se geet knapps duer fir den Tubak ze bezuelen -, ass 1969 agefouert ginn. Et ass eng éischt Unerkennung, déi den eelere Pompjeeën zegutt kennt. Et muss awer méi geschéie fir Perspektiven opzemaachen. Och hei ass déi nei Verwaltung gefuerdert fir Propositionen auszeschaffen.

E puer Wuert zum Gesetzestext. Am Chapitre 2, wou d'Attributiounen vun der Protection civile festgeluecht ginn, gëtt am Artikel 5 och e Groupe d'intervention, dee fir humanitär Aktiounen am Ausland geduecht ass, institutionaliséiert. D'Missiounen, d'Organisatioun an d'Kompositioun vum Grupp ginn duerch e Règlement grand-ducal festgeluecht.

En ähnliche Grupp sollt och am Chapitre 3 am Beräich Incendie institutionaliséiert ginn. De Statsrot huet do eng Opposition formelle gemaach. Kann een d'Iwwerleung vum Statsrot och verstoen, sou sinn et dach zwou verschidde Saachen, besonnesch well den Incendie ënnert der Responsabilitéit vun de Gemenge steet. Mat senger Propos fir béid Organisatiounen an engem Grupp ze vereenegen, kann ech liewen. Jo, dat huet wahrscheinlich esouguer Virdeeler. De Règlement grand-ducal muss awer un déi Spezifisitéite vun deenen zwou Organisatiounen ugepasst ginn.

D'Artikelen 6 an 9 vum Projet de loi handelen iwwert d'Formatioun vun deenen zwou Unitéiten. D'Programmer an d'Organisatioun vun der Formatioun ginn iwwer Règlement grand-ducal fixéiert. Dës erméiglecht elo, dass déi eenzel Formatiounen besser openeen ofgestëmmt ginn, wuelwëssend, dass béid Formatiounen a groussen Deeler ganz ënnerschiddlech sinn. De Projet de règlement grand-ducal iwwerhëlt dann och quasi integral d'Ausbildungsprogrammer esou wéi se bis elo scho bestinn. D'Ëmsetze vun der Formatioun louch bis elo, laut Konvention mam Ministère de l'Intérieur, wat d'Services d'incendie et de sauvetage ugeet, an den Hänn vun der Pompjeesféderatioun. Hir ënnerlouch ënnert der Tutelle vum Ministère déi ganz Schoulorganisatioun, déi zu Feelen stattfonnt huet. Si hu Coursen an déi néideg Examen ofgehalen an Diplomer ausgestallt. Dës wäert sech elo änneren, zumindest laangfristeg gesinn, wann déi nei modern Schoul zu Gaasperech gebaut ass.

Dat, wat ech elo hei ausgesprach hunn, ass zwar eng perséinlech Vermutung. Laut dem Projet de règlement grand-ducal kann nämlech och weider d'Fédératioun mat der Gestiou vun der Schoul betreit bleiwen. Wéi d'Formatioun och ëmmer an der Zukunft ausgesi wäert, esou hoffen a wënschen ech am Interesse vum fräiwëllege Feierläsch- a Rettungswiesen hei zu Lëtzebuerg, dass de Pompjeesverband mat senge Fachleit, mat sengen Instrukteren, mat sengem Know-how enk an der Organisatioun mat agebonne bleift, esou wéi et der Fédératioun ëmmer an der Diskussioun versprach ginn ass. Ech wollt dat elo hei soen, fir dass et nach eng Kéier festgehele gëtt. Ech hoffen, dass den Här Minister dat duerno och nach eng Kéier widderhëlt. Op jidde Fall kann ee mech ëmmer als Zeien zitëiere fir dat wat ech elo hei gesot hunn.

Wann een dat ka bezeien, da sinn ech et! Zéng Joer begleeten ech dës Projet! A ganz ville Stonnen hunn ech de Projet an de Gremie vun der Fédératioun mat duerchdiskutiert a versicht ze erklären.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Nicolas Strotz (CSV).** - Ech hunn et awer ni fäerdeg bruecht, jiddferree fir de Projet voll ze iwwerzeegen. Ech soen elo schonn, dass ech de Projet, wat e gudde Projet ass, wäert stëmmen, well en à la longue am Interesse vum Rettungswiesen hei zu Lëtzebuerg ass, hoffen awer och, dass déi Responsabel vum Ministère an der neier Verwaltung, wou ech deem neien Direkter eng gutt Hand wënschen, dat néidegt Taktgefill un den Dag leeë bei der Ëmsetzung vum Projet.

Dat wat ech elo fir d'Formatioun gesot hu gëllt och fir d'Preventioun. Preventioun ass eppes wat de Pompjeeën um Häerz läit. Bal all Joer sinn et eng bis dräi Persounen, déi bei engem Brand duerch en Erstéckungsdoud ëmkommen. Dat deet och engem Pompjee wéi! All Brand, deen net entsteet, brauch net geläscht ze ginn, all Accident, dee vermiede ka ginn, brauch net betreit ze ginn. Ech bedauern, dass op Grund vum Statsrot sengem Refus, de preventive Brandschutz iwwer e Règlement grand-ducal ze regléieren, en net an dësem Gesetz verankert konnt ginn.

Just en eenzege Saz am Artikel 10 ass iwwreg bliwwen. Dësen Artikel 10 seet: „Les communes sont tenues d'organiser pour leur territoire un service assurant la prévention d'incendie.“ Dee klunge Saz erméiglecht trotzdeem villes fir am preventive Brandschutz weiderzkommen. D'Viraussetzung ass awer, dass d'Gemenge matmaachen, an et ass ze begrëssen, dass d'Reform vum Gemengegesetz vun 1937 och elo schonn deem Deel Rechnung dréit.



D'Pompjeesféderatioun huet op hirer Journée des bourgmestres et des chefs de corps z'joert am Kader vun hirem Kongress Weeër opgezeechent, wéi e flächendeckende Réseau an de Gemenge fir de preventive Brandschutz kéint opgebaut ginn. Hei ass déi nei Verwaltung gefuerdert, fir zesumme mam Syvicol, de Berufspompjeeë mat hirer grousser Erfahrung, de fräiwëllege Pompjeeën, déi och op eng ganz Rei Fachleit zrëckgräife kënnen, an dem ITM Richtlinien auszeschaffen.

Am Organigramm vun der neier Verwaltung Division d'incendie et de sauvetage ass e Service Prévention incendie virgesinn. An och hei krut d'Fédératioun versprach, dass Fachleit aus dem Pompjeeswiese mat erugezu ginn, fir matzeschaffen. Dat géllt och fir de Service technique a selbstverständlech och fir de Conseil supérieur des services de secours.

De Chapitre 4, Sektoun 3, Artikel 13 a 14 behandelen de Service médical. Op d'Wichtigkeet vum Médico, wéi e bei de Pompjeeë genannt gëtt, brauch ech net anzugeen. Dat muss fir all Pompjee an Ambulancier eng Selbstverständlechkeet sinn. D'Natur an d'Périodicitéit vum Contrôle médical gëtt iwwer Règlement grand-ducal festgeluecht. De Moment besteet e Règlement ministériel doriwwer. Et gëtt hei elo keen Neiland betrueden.

Ech kann nämme soen, dass den Dokter Metzler, deen de Pionéier vum Médico war, an den Dokter Carlo Steffes a seng Equipe bis elo gutt Aarbecht gemaach hunn. Ouni valable Médico keen Asaz, dat muss de Leitmotiv vun all Pompjee ginn! De Service vum Médico gëtt assuréiert vun Dokter an a vun Assistants techniques médicaux. Wat d'Definitioune elo genau vum Assistant technique médical ass, do wär ech nawell frou vläicht eng Äntwert vum Här Minister doriwwer ze kréien.

Ech wollt nach op ee Punkt opmierksam maachen, deen näischt mam Projet de loi ze dinn huet, deen awer an der Zukunft ëmmer méi aktuell wäert ginn. Gewosst ass, dass bei engem Häerzinfarkt déi éischt, an nëmmen déi éischt Minutte liewensrettend sinn, wann déi richtig Hëllef ugebuede gëtt. Zesumme mat Spezialisten aus dem Centre hospitalier sinn d'Berufspompjeeën amgaangen, d'Effikassitéit vum Défibrillateur semi-automatique ze testen. A si konnte scho liewensrettend agräifen.

**Une voix.** - Très bien!

**M. Nicolas Strotz** (CSV). - Aner Länner sinn eis an deem Beräich scho villes virus. Kéint een esou e Service net och nach weider ausdehnen? Et misst wahrscheinlech doriwwer légiféiert ginn, mä och hei kéinten ausgebildete fräiwëlleg nëtzelech mat agesat ginn. Ech wär frou, wann aus dëser Observatioun eng Affaire à suivre géif entstoen.

Zum Congé „sapeurs“ ass ze soen, dass et doriwwer och schonn e Gesetz gëtt, wat elo e bësse verfeinert gëtt. Ze bemierken ass, dass déi 42 Deeg Spezialcongé, déi ee maximal ka kréien, net duerginn, fir all noutwendeg Coursen ze absolvéieren wann een e Responsabilitéitspostë wëllt iwwerhuelen. Wann een och elo nach an der Protection civile ass - 50% vun hiren Effektiver kommen aus de Reie vun de Pompjeeën -, da geet et scho guer net duer. Ech verstinn, dass et net ka méi wäit goen, vu déi Problemer, déi d'Patronat scho mam Congé huet. Ech wëll awer och soen, dass de Moment wou en agefuert ginn ass, dat war 1994, d'Chambre de Commerce an hirem Avis näischt géint de Congé „sapeurs“ anzuwenden hat. Par contre hu se sech negativ vis-à-vis vun anere Congéen deemools ausgeschwat gehat.

Niewent dem Congé fir d'Ausbildung muss e Pompjee sowuel am öffentleche wéi am Privatsektor vum Arbeitgeber fräigestallt gi fir an den Asaz, virausgesat de Betrib bleift net stoe wann deejeinen de Betrib verléisst. Och hei kënn et ëmmer nees zu Problemer. Bei engem klengen Betrib huet ee Versteedemach dofir. Wann awer bei Betriber, wéi zum Beispill bei der Post, et quasi zur Regel gëtt, dass een net kann an den Asaz goen, da misst säitens der Obregkeet intervenéiert ginn. Hei ass also och e Betätigungsfeld fir déi nei Verwaltung. Dass elo och Fräiberuffer - ech denken do un Handwierker, Baueren a Wënzer, déi Eenzeg, déi ganz oft an den Dierfer während dem Dag disponibel sinn - hire Lounausfall zrëckerstatt kréien, wa se an den normalen Asaz ginn, begreissen ech.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer nach e Wuert zum Projet de règlement grand-ducal, wou et drëms geet, den Alter festzeleeën, wéini e Jugendpompjee kann antrieden an aktiv ginn. D'Pompjeesféderatioun ënnerhält eng ganz aktiv Jugend. An der Jugend kann ee si vun 8 Joer u bis 16 Joer. Niewent Spill, Sport a Spaass kritt een do eng Ausbildung, déi gläichgestallt ass mam Programm vum Grondléiergang.

#### (Coups de cloche de la Présidence)

Mat 16 Joer kéint ee quasi eriwuer an den Asaz goen, wat d'Wëssen ugeet. Et dierf een awer eréischt mat 18 Joer an den Asaz. Zweek Joer wou déi Jonk dann d'Flemm kréien an oft austrieden, well se an hirem Elan gebremst ginn. De Verband, am accord mam Médecin-inspecteur, hat gangbar Léisunge proposéiert, fir eng theoretesch Ausbildung am schwéieren Otenschutz, selbstverständlech ënnert Opsiicht, während där Zäit ze absolvéieren. Da wär dee jonke Mënsch prett gewiescht, fir mat 18 Joer an den Asaz ze goen. Dëst wär am Interesse vum Opbau vum Nowuess, an ech hoffen, dass deem am Règlement grand-ducal Rechnung gedroe gëtt.

Zu de Règlement-grand-ducaux, déi nach all geholl musse ginn - et sinn der eng ganz Herd - an déi op eenzelne Punkte méi aschneidend a bestehend Strukturen agräife wéi d'Gesetz selwer, wär nach villes ze soen. Ech hoffen, dass se an enker Zesummenaarbecht mat alle Concernéierten - dat sinn d'Leit vum Terrain, dat heescht d'Pompjeesféderatioun an de Berufscorps wat de Service d'incendie et de sauvetage ugeet - geholl ginn.

Dass et an der Zukunft zu Erneierungen am Rettungswiesen hei zu Lëtzebuerg wäert kommen, däers si sech d'Pompjeeën all bewosst, a si sinn och bereet, nei Weeër matzegoen. Dat bedéngt awer, dass d'Pompjeesféderatioun - wéi ech schonn des Öfteren an der Öffentlichkeit gesot hunn - de privilegierten Uspriechpartner vum Ministère de l'Intérieur an der neier Verwaltung muss bliwen.

Här Minister, verzeit mer, well Dir hutt et schonn e puermol héieren, dass ech ofschléissend den Här Sarkozy nach eng Keier zitieren. Hien huet z'joert um Kongress vun der franséischer Pompjeesféderatioun zu Bourg-en-Bresse, wou ech d'Geleeënheet hat dobäi ze sinn, als Innenminister un d'Adress vun deene franséische Pompjeeë gesot: „Sans vous, mes chers amis, pas de sécurité civile en France!“ Wat fir Frankräich géllt, géllt och fir Lëtzebuerg.

Här Minister, haalt lech d'Pompjeeë waarm! Op si kënn Dir och an der Zukunft bauen! Dat géllt och fir déi Fräiwëlleg aus der Protection civile. Der neier Verwaltung wënschen ech bonne chance bei der Ëmsetzung vun deemem Projet, an an deem Sënn géif ech och den Accord vu menger Fraktioun zu deemem Projet ginn.

Ech soen lech merci.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. le Président.** - Merci, Här Strotz. Den nächste Riedner ass den Här Jean-Pierre Klein. Här Klein, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jean-Pierre Klein** (LSAP). - Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, merci dem Rapporteur fir seng gutt Rapporten, esougutt de schréftleche wéi de mëndlechen. Félicitatioun awer och un de fréiere Colonel vun de Pompjeeën, den Här Strotz, fir seng erfahrungsräich Ried, déi en hei gehalen huet!

#### (Interruptions diverses et hilarité)

Dir Dammen an Dir Hären, et ass säit Mënschegedenken den öffentlichen Autoritéiten hir Pflicht a Schëllegkeet, fir sech ëm d'Sécherheet vun hire Bierger ze bekëmmern. Dat fält ënnert d'Responsabilitéit vum Stat a vun de Gemengen. D'Gesetzgebung, déi d'Sécherheet an d'Rettungsdéngschter betrëfft, ass bestänneg a Bewegung an därech weiderhin net stagnéieren, well se muss regelméisseg un d'Contrainten, d'Begebenheeten an d'Konditiounen vun der Zäit an un d'Evolution vun der Gesellschaft ugepasst ginn.

Dat ass och de Sënn vun deemem Projet de loi, deen haut hei an der Diskussioun ass, nämlech d'Schafe vun enger (!) Administratioun fir d'Protection civile engersäits an de Feier- a Rettungsdéngschter anersäits, déi am Ministère de l'Intérieur ugesiedelt sinn.

D'Feierläschwiesen huet seng Racinen an der Franséischer Revolutioun. Et ass an d'Attributiounen, d'Obligatiounen an an d'Kompetenze vun de Gemenge verankert ginn, aus der Iwwerleeung eraus, well d'Gemengen am nootste beim Bierger, bei der Geforequell sinn a well se am schnellsten an am effikaste kënnen agräifen.

Dës Missioun huet mat der Zäit evoluéiert an huet sech méi breet gemaach, duerch d'Diversitéit vun de Risiken, déi sech duerch d'Modernitéit vun der Zäit ugehëft hunn, an hunn den Acteuren, déi sech sollten ëm dës Missioun këmmern, hir Aufgab ëmmer méi komplex a méi schwéier gemaach.

D'Gemeengesetz vun 1843 huet d'Roll vun de Gemengen op deem Plang verstärkt. Dat neit Gemeengesetz vun 1988 huet e regelrechte Service public, de Service d'incendie et de sauvetage um kommunale Plang agefuert, deen entweder vun engem fräiwëllegen oder engem professionnelle Pompjeescorps ausgefuert gi soll. Also déi kommunal Déngschter, wat d'Rettungswiesen ubelaangt, hunn hir Base légale am Gemeengesetz. Dat ass fir de Stat a fir déi Corpen oder déi Leit, déi am Privatsektor op deem Gebitt tätig sinn, net de Fall, an et misst een derfir suergen, dass an Zukunft déi Leit, déi Agenten, déi do tätig sinn, dass dat Wiesen och eng Base légale kréich.

D'Protection civile ass um Virowend vum Zweete Weltkrich an d'Liewe geruff ginn, fir der Zivilbevölkerung am Fall vun engem bewaffnete Konflikt bäizestoen. Och d'Protection civile huet hir Missiounen am Laf vun de Jore verstärkt kritt. Déi zwee Organismen, déi gréisstendeels aus fräiwëllegen Asazpersonal sech zesummesat hunn, si vun zwou verschiddene getrennte Verwaltungen geleet ginn.

Et ass elo zu Recht agesi ginn, dass et besser wär fir déi zwou Branchë vu Services de secours, déi jo awer vill Gemeinsamkeiten hunn an déi beruff sinn zesummeschaffen, ënnert enger eenzeger

Verwaltung funktionéieren ze loosenen.

Dat ass den Haaptobjekt vun deemem Gesetz, wat vill Avantagen huet, an zwar d'Garantie vun enger besserer Koordination wat den Organisationsystem vun der Hëlfeleeschung betrëfft; d'Erhéijung vun der Wierksaamkeet vum Déngscht duerch méi eng rationell Organisatioun duerch d'Zentralisatioun vun der allgemenger Verwaltung, vum Personal vum Sekretariat, der Kontabilitéit, dem Budget, dem techneschen Déngscht, dem Service médical, der Formatioun - ganz wichtig - an, an der Planificatioun vum Noutdéngscht, dem 112.

Et erlaabt och deenen zwou operationelle Branchen, fir sech op hir eigentlech Missiounen ze konzentrieren. Et geet elo och drëm, déi national a regional Basis ze schaffen wat d'Divisioun vum Service d'incendie et de sauvetage ubelaangt, obschonn dat elo och scho méiglech war a praktizéiert konnt ginn.

Moosnamen, déi an deemem Gesetz zrëckbehalen ginn, hu sech opgedrängt, hu misse kommen, se ergi sech aus deem wat d'Populatioun verlaangt a wat hir och zousteet, nämlech e Recht op Sécherheet, an d'Sécherheetsgefill ass eppes Berouegendes.

Et ass ganz wichtig wann d'Bierger sech kënnen op effikass Sécherheetsdéngschter verloossen. D'Effikassitéit ergëtt sech selbstverständlech aus der Zouverlässegkeet vum Service public, aus enger zolitter Formatioun a Formation continue, souwuel um Niveau vun der Protection civile wéi och op deem vun dem Service d'incendie et de sauvetage. Dës Formatioun gëtt den Exigence vun der Zäit ugepasst.

Alles huet geännert. D'Asätz sinn haut vun enger vill méi grousser Komplexitéit duerch d'Villzuel vun de Risiken an alle Beräicher, besonnesch am Ëmweltberäich, wou an deene leschte Jore ganz vill geschitt ass, vill evoluéiert huet. D'Infrastrukture sinn net méi déiselwecht wéi dat an der wäiter Vergaangenheet de Fall war. Ee ganz grouse Risikofacteur ass zum Beispill bäikomm, dat ass deen op den Autobunnen a besonnesch deen an den Tunnelen, an déi eis Autobunne féieren. Duerch déi tragesch Accidenter an Incidenten am Ausland ass et bewise ginn. D'Protection civile an d'Pompjeescorps bei eis maache sech Suerger a Gedanken a plangen iwwert dës Geforepunkten. Beispill: d'Tunnelen op der Saar- an der Nordstrooss.

D'Corpsen an d'Instanzen hunn hir Memberen an déi zoustänneg Buergermeeschteren doriwwer an d'Bild gesat. Op deemem Plang géllt et, dass déi zoustänneg Instanze ganz enk mateneen zesummeschaffen, fir déi néideg Sécherheet ze garantéieren. D'Tunnelle mussen esou équipéiert sinn, dass se, wat d'Sécherheet ubelaangt, deene modernsten Erkenntnisser entsprechen. Um Markusbiereg, Saarstrooss, ass dat elo schonn de Fall. Den Här Strotz huet dat och gëschter schonn hei ernimmt, an och an dem Rapport vun de Pompjeeë vun leschte Joer ass op d'Modernitéit, déi um Markusbiereg duerchgefuert ginn ass, higewise ginn.

Dat muss och op der Nordstrooss am Tunnel zu Lëntgen a Luerenzweiler realiséiert ginn. Dat bedéngt eng enk Zesummenaarbecht tëschent der Bauverwaltung als Bauhär, den zoustänneg Sécherheetsorganer an de Bureaux d'études. Dat bedeit awer och, dass d'Sécherheetsacteurs fir dës besonnesch Situatioun eng ganz speziell Ausbildung kréien. Am Fall vun enger Interventioun müssen se dat néidegt Wësse besëtzen, fir direkt Hëllef ze leeschten an de Schued an d'Leed, déi am Fall vun Accidenter kënnen entstoen, op e Minimum ze begrenzen.

Ganz wichtig ass et, dass fir eventuell Asätz op dës Plaze stänneg eng Equipe zur Verfügung steet, 24 op 24 Stonnen, déi operationell ass. Et muss onbedéngt e System op d'Bee gesat ginn, dee funktionéiert, dee sans faille ass, eng Force de frappe fir mat där gréisster Effikassitéit a Vitesse a mat Sachkenntnis anzegräifen.

Et ass onbedéngt noutwendeg, dass déi Ustéissergemengen d'Pompjeescorpsen aus deene Gemengen, déi de Service d'incendie et de sauvetage ausféieren, an d'Protection civile vu Lëntgen an d'Pons et Chaussées sech esou séier wéi méiglech zesummesetze fir e Sécherheetskonzept auszeschaffen.

Eng Unitéit, déi zum Beispill aus Stats- a Mengenaarbechter besteet, aus Spezialisten, déi vun der Protection civile zu Lëntgen agestellt ginn. Leit, déi besonnesch dozou ausgebildat a present sinn, fir esou schnell wéi méiglech ze intervenéieren, besonnesch an engem Moment, wou dee professionelle Corps vun der Stad Lëtzebuerg, fir op d'Plaz ze kommen, ënnerwee ass.

À moins, an dat wär eng aner Méiglechkeet, dass ee géng mat der Stad Lëtzebuerg eng Konventioun maachen, fir eng besonnesch Interventioun respektiv d'Permanence an der Ëmgéigend, an der Proximitéit ze organiséieren. Beim Asaz an dës Geforesituatiounen ass äusserst Virsiicht verlaangt, och besonnesch wat d'Situatioun vun den Intervenanten ubelaangt, deenen hir Integritéit en cause ass.

Et musse sech an Zukunft seriö Gedanken gemaach ginn iwwert déi kommunal a regional Zesummenaarbecht am Pompjeeswiesen. Dat ass ganz wichtig. Am Virfeld vun der Diskussioun iwwert dat neit Gemeengesetz vun 1988 ass schonn doriwwer geschwat ginn.

De Statsrot, am Avis zum Projet de loi iwwert d'Organisatioun vun de Gemengen, huet 1984 schonn d'Fro iwwert d'regional Strukturen opgeworf an dat préconiséiert am Kader vum Artikel 100 vum aktuelle Gemeengesetz. Ech erlabe mer fir de Statsrot vun deemools ze zitieren: „L'obligation formelle pour chaque commune de créer ou de maintenir un service d'incendie exclusif-elle la possibilité de former un syndicat, c'est-à-dire le groupement de plusieurs communes en vue d'assurer en commun le service d'incendie“

Le texte reste muet à ce sujet.

De l'avis du Conseil d'État il est cependant indispensable d'approfondir cette question dans l'intérêt primordial de la sécurité des citoyens, mais également dans l'intérêt des finances communales sur le coût appréciable du matériel technique et roulant, ainsi que de son entretien.“

Déi Ausso do vum Statsrot 1984 hat an huet et nach ëmmer a sech. Déi ass haut méi richteg wéi jee an ass sécherlech d'Grundlag fir eng rasonnabel Diskussioun iwwert déi regional Zesummenaarbecht um Plang vum Pompjeeswiesen ze féieren.

Mir müssen eis haut d'Fro stellen, ob et nach ubruecht a verstänneg ass, dass a ville Gemengen, wou d'Dierfer no beienee leien an ëmmer méi zesummewuessen, nach e puer Pompjeescorps funktionéieren. Et misst dach méiglech sinn, dass do ënnert verstänneg Leit eng Zesummenaarbecht stattfënn, déi drop hiniilt fir eng fräiwëlleg Zesummeleeëung vun de Pompjeescorpsen erbäizeféieren.

Et kann dach net sinn, dass Milliounen a Milliounen verschlonge gi fir zwee oder méi TL'Fen an enger Gemeng stoen ze hunn, wou et mat engem géif duergoen, oder fir enorm Zommen a Gebailechkeeten ze stichen, déi keen interkommunalen oder regionale Charakter hunn.



Et ass haut schonn agerass, dass vill méi op regionale Plang op interkommunaler Ebene zesumme-geschafft gëtt, dat am Sënn vun der Effikassitéit vun der Sécherheet vun de Bierger, déi aus dem Austausch vun Erfahrungen sech ergëtt. Eng interkommunal respektiv regional Zesummenaarbecht ass ganz sécher am Intérêt vun de Gemen-gefinanzen. Sécher wäert et an deenen eenzelne Gemengen nach ëmmer Pompjeescorpsë musse gi fir Klenggekeeten aus dem Wee ze raumen. Fir grouss Infrastrukturen, schwéiert a sophistikéiert Material an d'Formatioun dierft allerdéngs déi regional Dimensioun predominéieren.

Dofir muss och duerno gekuckt ginn, ob déi kantonal Andeelung fir d'Pompjeeën nach ëmmer déi richteg ass. Et dierf net stur op enger Grenz vum Kanton mat der Zesummenaarbecht opgehale ginn, do zielen aner Affinitéiten an net d'Rigiditéit. Et soll duerno gekuckt ginn, wou d'Corpsë sech am meeschten higezu fillen a wou se dovun iwwerzeegt sinn, wou d'Zesummenaarbecht am beschten zum Wuel vum Bierger fonctionéiert; Flexibilitéit ass an deem Sënn ubruecht. Interkommunal a regional Infrastrukture musse méi substanzuell vum Stat subventiounéiert ginn an doduerch gewannen se och un Attraktivitéit.

Wat d'Ausféierung vum Service d'incendie et de sauvetage ugeet, déi soll laut dem Artikel 100 an esou weider vum Gemeengegesetz vun engem Pompjeescorps aus der Gemeng assuréiert ginn. Et wär gutt, fir d'Relatiounen tëschent der Gemeng an dem Pompjeescorps ze ënnermaueren, wann dat iwwert de Wee vun enger Konvention gemaach géif ginn, dass déi zwou Parteie wësse wou hir Obligatiounen, hir Rechter an hir Flichte sinn.

Et géing e Lien bestoen tëschent der béidsäiteger Zesummenaarbecht. Eng Konvention, déi kloer Verhältnisser géif schafen, déi zesummen ausgehandelt géif ginn an den Termen an an dem Geescht vum Gemeengegesetz, dem Règlement grand-ducal vun 1992, dat d'Organisatioun vum Service d'incendie et de sauvetage betrëfft, an de Virschreften an Iddie vun der Pompjeesfédératioun entspreche géif.

Déi Responsabel a Gewëssenhaft vun de Pompjeescorpsë bekloe sech iwwert de Nowuess vun hire Corpsen. Ech ka mir virstellen, sou wéi een haut ganz oft d'Mentalitéit virfënnt, dass d'Bénévolat net méi esou „in“ ass, wéi dat fréier de Fall war. D'Gemenge sollten als Verantwortlech fir d'Sécherheet op hirem Territoire eng fest Hand mat uleeën am Sënn vum Recrutement duerch d'Sensibiliséierung an andeem dass se hir Populatiounen drop opmierksam maachen, wéi wichteg déi Institutiounen: Pompjeeën a Protection civile, sinn. Si hunn och Moyene fir deene Leit, déi an esou enger Institutioun tätég sinn, d'Prioritéit an der Astellungspolitik ze ginn; eppes wat de Syvicol och scho mat der Fédératioun geschwat huet, an un d'Gemenge weider recommandéiert huet.

Zu Recht gëtt op eng optimal Formatioun a Formation continue gehale vun allen Intervenanten, souwuel vun der Protection civile, wéi vun eise Pompjeescorpsen, ganz besonnesch déi Formatioun, déi noutwendeg ass fir blesséiert a krank Leit ze begleeten. Hauptberufflech Instruktore musse beoptraagt ginn, fir déi Coursen ze ginn an a zwar och a Schoulen, Gebaier an Zentren, déi zu enger gudder Ambiance tëschent Chargéen an deenen, déi sech wëlle schoule loosse, géeeigent an agericht sinn. D'Coursë musse gutt strukturiert an d'Schoule gutt verwalt sinn.

Bei der Réunioun fir d'Coursë begéine sech Leit, déi d'Méiglechkeet hunn Erfahrungen um Gebitt vun der Sécherheet auszetau-

schen; dat ass immens wichteg fir den Asaz um Terrain. De Regroupement vun de Leit an dëse Coursen huet och als Effet, dass se sech weider dru gewinnen, fir am Grupp ënnerteneen ze schaffen an ze wierken, mateneen eens ze ginn, een op deen aneren ze lauschteren, wann et drëm geet am Asaz koordinéiert ze handeln, fir de Matmënschen an hirer Gefor an am Intérêt vun hire Gidder ze hëllefen.

Dës Coursë si bestëmmt net do, fir ze schikanéieren. Der Erfahrung vu laangjähregen an eelere Fräiwëllege muss Rechnung gedroe ginn, deenen hiert Beispill muss u méi Jonker a manner Erfuerener weidergereecht ginn.

Jee nodeem wéi déi verschidden Acteuren dann ausgebilt sinn, wat fir ee Bagage vu Kenntnisser, dass se hunn, sollen se dann och en fonction vun där Ausbildung agesat ginn. Dat ass d'Aufgab vun deene jeeweilegen hierarchesche Responsabelen, déi an der Lag musse sinn, fir den Asaz ze organiséieren an ze leeden. D'Leit musse sech gutt ënnerteneen kennen, een deem anere seng Stärkten a seng Schwächen kennen, an en fonction dovunner ginn d'Asätz schnellstens organiséiert.

D'Formatioun ass also eng äusserst wichteg Konditioun, mä et muss ee se awer och kënnen esou gutt ewéi méiglech ëmsetzen, praktizéieren. Dat kënn net eleng duerch dat, wat an der Theorie an der Schoul geléiert an assimiléiert ginn ass, dat kënn duerch d'Praxis, duerch d'Erfahrung, wa méiglech net duerch d'Gestioun vu reelle Katastrophen, mä duerch praktesch Exercicer, déi periodesch musse stattfannen a wou versicht gëtt a simuléierte Fäll d'Theorie an d'Praxis ëmzesetzen. Ech denken do un d'Aktiounen, déi an de Schoulen, Verwaltungen, Betriber a Geschäfte, periodesch duerchgefouert ginn.

Dat huet en duebelen Effet. Engersäits, eng Übung fir d'Pompjeeë respektiv d'Volontairë vun der Protection civile, si léieren ëmmer méi d'Geforen, Risquen an d'Katastrophe praktesch géréieren, a léieren och wéi se sech behuelen a verhale sollen a Kataklysmen an déi se kënnen eng kéier verwéckelt ginn. Et kann doduerch verhënnert ginn, dass am Eeschtfall Panikstëmmung ausbrécht an dass zum Beispill ouni Iwwerstierzung an ouni dass een iwwert deen anere fällt oder trampelt e Gebai kann evakuéiert ginn.

Op där anerer Säit, an do denken ech ganz besonnesch un d'Schoulen, wou duerch esou regelméisseg periodesch Exercicer d'Léierpersonal och e weíneg Iddie kritt, fir zesumme mam Sécherheetspersonal am Eeschtfall zesummenzeschaffen. Dat schéngt mir ganz wichteg ze sinn, am Interesse vun der Sécherheet vun de Kanner.

D'Formatioun ass also extrem wichteg, se muss kënnen praktesch ëmgesat ginn an dat duerch Exercicer, déi a regelméissegem Ofstänn stattfannen a wou, fir effikass ze sinn, mussen esou vill ewéi méiglech Leit dru deelhuele. Dat bedéngt a verlaangt vill Effortë vun deene Fräiwëllegen, déi dofir vill Zäit mussen opbréngen, ouni dass se dofir bezuelt ginn. Op hire respektive Generalversammlungen oder Versammlunge kréien se dofir vun den zoustännege Politiker merci gesot oder am héchste Fall no laangen onentgeltlechen Asätz kréien se um oder an de Paragë vum Nationalfeierdag eng Medail ugehaangen. Dat geet a mengen Aen haut net méi duer fir déi, déi sech ënnert dem Risiko vun hirem Liewen an hirer Gesondheet fir déi aner, fir hir Matmënschen asetze sollen.

D'Preparatioun dorop sollte mir eis e Minimum kaschte loosse.

Ech hu vun der Wichtigkeet vun den Exercicer geschwat, déi op d'Asätz solle virbereeden an un

deene sollen e Maximum vu Leit deelhuele, fir dass se dee gréisstméigleche Rendement hunn.

Fir déi Exercicer attraktiv ze maachen a fir deene Bedeelegten hiren Engagement an hiren Idealismus minimal unzeerkennen, soll een onbedéngt emol eng kéier driwwer nodenken an diskutéieren, fir hinnen eng Prime de reconnaissance fir all Presenz zouzegestoen; an do sollten d'Gemenge mam Stat sech eens ginn, fir esou en harmoniséierte Virgang ze gestalten, och am Sënn vun der Attraktivitéit fir déi Exercicer.

Déi Jongen a Meedercher, déi sech op d'Hëllef fir d'Matbierger preparéieren, hautdësdags ënner grouss Risiken, verdéngen net nëmmen eise Respekt, mä och eis ugepasste finanziell Unerkennung; dat schéngt mir ubruecht ze sinn.

An alle Beräicher vun der Sécherheet geet et awer drëm, fir déi Moosnamen am Virfeld ze treffen, fir esou vill ewéi méiglech Geforen ze verhënnern. Op deem Niveau ka viles geleescht ginn, besonnesch am preventive Brandschutz - den Här Strotz huet dat och schonn hei ënnerstrach. Déi legal Grondlage si geschafen, fir déi néideg Virschreften an der Bautätgeheet ze maachen.

Elo erëm eng kéier weider an dësem Gesetz, an dem Gesetz iwwert den Aménagement communal, wat deemnächst hei soll verabschit ginn. Kommodosbestëmmunge sinn dozou e wichtigst Instrument, mä mat de Virschreften eleng geet et net duer, si mussen och duerchgefouert an agehale ginn. Op deem Plang spillen d'Inspection du Travail et des Mines, den Inspecteur général de la Sécurité dans la Fonction publique, déi lokal Sécherheetsbeamten an d'Bautekommissiounen, an deenen de Pompjeescorps muss vertrauede sinn, eng maassgeblech Roll. Si mussen hir Verantwortung voll a ganz iwwerhuele, da kënnen vill Katastrophen vu virera verhënnert ginn.

Fir ofzeschlëssen, Dir Dammen an Dir Härën, e puer Wuert vun Unerkennung a merci un all déi Leit, déi sech joeraus, joera fräiwëlleg an onentgeltlech fir hir Matmënsche asetzen.

Alleguerten déi, déi sech am Pompjeeswiese bereet erkläre fir ze schaffen.

Déi vun der Protection civile - an do wéilt ech vun der Geleeënheet profitéieren, fir dem Här Direkter, deen elo deemnächst a Pensioun geet, e grouss Merci auszesprechen, fir déi sëllech Aarbecht, déi e gemaach huet a fir alles dat, wat en an der Protection civile beweegt huet. Hien ass e Schoulkomerod vu mir, hien huet schonn déi Zäit mam Feier gespillt, konnt et awer spéider vill besser géréiere wéi deemools. Him villmools merci fir seng vill Aarbecht.

Och deene verschiddene staatlechen a kommunale Gremien, déi Verantwortung iwwerhuele, Félicitatiounen an e Merci.

Ech ginn dovun aus, dass an Zukunft d'Pompjeesfédératioun de privilegierten Usprechpartner vu Regierung a Gemengen an hirem zoustännege Sécherheetsberäich bleift. Dat huet bis elo ëmmer gutt funktionéiert an et gëtt kee Grond, fir dat an Zukunft anescht ze gesinn. Déi Partnerschaft muss weidergefouert ginn.

Ech bedauern, dass mir am Kader vun der Diskussioun vun dësem Gesetz, obwuel mir dat als Fraktioun verlaangt haten, d'Delegatioun vum Corps professionnel vun der Stad Lëtzebuerg net ugehéiert hunn. Mir haten dat gefrot. D'Majoritéit vun der Kommissioun huet dat ofgelehnt. D'Beruffspompjeeë vun der Stad Lëtzebuerg hunn

eng grouss Erfahrung, hunn dem Land immens vill Dëngschter geleeht an hätt kënnen doduerjer am Kader vun dëser Diskussioun der Saach nach weider notzen. Et ass wierklech schued, dass dës Réunioun net stattfont huet, wat och en Zeeche vun Unerkennung un hir Adress gewiescht wier.

Alles an allem géing ech soen, dass dëse Projet de loi e Fortschritt fir d'Sécherheetsdëngschter ass an och fir d'Sécherheetswiesen hei zu Lëtzebuerg, an dofir bréngen ech den Accord vun eiser Fraktioun dozou.

Ech soen lech merci.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. le Président.** - Merci, Här Klein. Déi nächst Riednerin ass d'Madame Nagel. Madame Nagel, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Maggy Nagel (DP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härën, fir d'alleréisch emol dem Rapporteur, dem honorablen Här Loes, e grouss Merci a Félicitatiounen fir sáin excellenten a laangen, 52-säitege Rapport vun de Moien. Et erlaabt all deene Riedner, déi duerno kommen, sech kuerz ze faassen, an dat wäert ech och maachen a just e puer Gedanken an e puer Beispiller nach hei zitéieren.

1995, hu mer héieren, sinn d'Diskussiounen zu dësem Projet ugelaf, bis en de 24. Februar 1999 déposéiert ginn ass, an no ville Kommissiounssätzungen an Avisen ass et haut esou wäit, dass de Projet zum Vote ka gestallt ginn. Sécherlech ass et keen einfache Projet. Net dat en technesch komplizéiert wär, neen, mä vill méi, well et hei ëm Mënsche geet, Mënschen, déi bis elo eng excellent Aarbecht, zum gréissten Deel bénévol Aarbecht, bis elo geleescht hunn an déi ee mat esou engem Gesetz net därer widdert de Kapp stoussen, deenen ee muss ze verstoe ginn, dass heimadder d'Bénévolat op kee Fall degradéiert gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Härën, a mengen Aen ass et wichteg a scho längst iwwerfällg, dass mer mat dësem Gesetz e legale Kader schafen, den Objet définéieren, d'Carrière fixéieren, iwwer Spezialcongéé vun de Fräiwëllege schwätzen an esou weider. An deene Joren nom Krich ass vill Wäert op d'Action de protection et de secours - also op d'Reaktioun - geluecht ginn. Haut verlaangt déi modern Welt eng nei Orientatioun, an zwar eng preventiv Vermeidung duerch eng aktiv a voluntaristesch Approche. Dës nei Démarche verlaangt eng Concertatioun an eng besser Strukturatioun vun deene bestoenden aktuelle Moyenen.

Här President, Dir Dammen an Dir Härën, schonn de Koalitionsaccord vun 1999 annoncéiert am Kapitel iwwert de Ministère des Affaires étrangères, du Commerce extérieur, de la Coopération et de la Défense d'Iddi fir en zivile Corps op d'Been ze setzen, an ech zitéieren: „au sein duquel pourraient s'engager des femmes et des hommes soucieux d'apporter leur contribution à la réponse aux défis survenant dans des zones de crise, d'instabilité, de conflits ethniques.“

Op den europäesche Sommerten 1999 zu Helsinki an 2000 zu Feira ass voll a ganz an déi Richtung geduecht an diskutéiert ginn. Et ass nozeliesen, dass Lëtzebuerg duerchaus capabel ass schnell an effikass op eng Demande d'assistance humanitaire ze reagéieren, sous condition dass eng Rei vun de Prémissen a Konditiounen erfëllt sinn an Intérieur a Kooperatioun enk mateneen schaffen.

Här President, Dir Dammen an Dir Härën, dat heite Beispill an nach vill aner Beispiller beweisen, dass de Regroupement vun engem staatleche Service, dem Service national de la protection civile, an engem kommunale Service, dem

Service d'incendie et de sauvetage, an eng eenzeg Unitéit mam Numm Administration des services de secours schonn déi richteg Léisung ass. D'Zesummeleung vun dräi Divisiounen: d'Protection, d'Pompjeeën an déi administrativ, technesch a medezinesch Divisiounen, erlaabt eng nach méi performant, eng nach méi perfektionéiert an eng nach méi kompetent Zesummenaarbecht, woubäi sécherlech d'Gefill vu Sécherheet bei de Bierger verstärkt gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Härën, dëst Gesetz gesäit eng adequat Formatioun vir. Eng ganz Rei Coursen, Attestatiounen a Brevete wäerten erfuerdert sinn. A wéi et an der Loi communale vum 13. Dezember 1988 erëm iwwerholl ginn ass am Artikel 100: „Chaque commune est tenue de créer ou de maintenir un service d'incendie et de sauvetage assuré par au moins un corps de sapeurs-pompiers volontaires ou professionnels et disposant des locaux et du matériel nécessaire.“ Jo, fir vill Leit ass et am Land evident, dass et bénévol Servicer gëtt, ouni ze iwwerleeën, ouni sech bewusst ze sinn, wat eis Pompjeeën a Secouristen an de Gemengen Dag fir Dag leeschten, an dass se bei hirer Aarbecht allze oft hiert Liewe mussen op d'Spill setzen.

Et ass fir vill selbstverständlech, dass se mat ëmmer méi groussen Eraufuerderungen, mat méi technesche Missiounen befaasst ginn an dass se eng enorm Zuel vu Formatiounscoursen an hirer Fräizäit iwwer sech ergoe loosse mussen. Déi heiteg Besoine ginn an d'Luucht, ouni dat awer d'Recruitermenter suivéieren. D'Protection civile huet d'lescht Joer d'Chance gehat 155 Fräiwëlleger bäizekréien. Leider war et bei de fräiwëllege Pompjeeë just de Contraire, sou dass d'Fédératioun envisagéiert eng Campagne de sensibilisation an deenen nächste Méint ze lancéieren, wou a mengen Aen haaptsächlech d'Jugend muss ugesprach ginn.

Wa mer also d'Bilanz 2003 vun de fräiwëllegen Hëllefsdëngschter kucken, gesi mer, dass d'Zuel vun de fräiwëllege Pompjeeën am Laf vum vergaangene Joer ëm 175 zréckgaangen ass. Déi individuell Verfügbareket vu virun allem dags-iwwer hält of. Déi Gemengen, déi bei der Astellung vun hirem Personal an zemoos bei den Aarbechterplazen Leit iwwerzeegt kréien, deene fräiwëllege jeeweilege lokale Pompjeescorpsë bäizetrieden, iwwerleeën a mengen Ae richteg a steigere domat d'Presenz um Terrain. An et ass och nach ze bemierken, dass schonn a ville Gemenge grenziwwerschreidend eng gutt Zesummenaarbecht geleescht gëtt, awer och - an dorobber insistéieren ech, dat hei ze soen -, dass kantonal a regional eng excellent Aarbecht tëschent de Corpsë scho leeft. Do muss ech déi Corpsen alleguer, déi op dee Wee ginn, féliciteieren.

Den Impuls muss aus der Bevëlkerung kommen, dass ëmmer méi Leit och an déi Richtung denken. Et schéngt mer äusserst positiv, dass d'Leit vun de Rettungsdëngschter bereet si sech widerzebilden. D'Personal ass héich motivéiert a profitéiert vun Aus- a Weiderbildungscoursen.

Här President, Dir Dammen an Dir Härën, aacht Joer nodeems d'Planung fir d'Reorganisatioun vun de Services de secours ugefaangen huet, ass et begrëssenswäert, dass mer haut um Enn vun der Legislaturperiod dëst Gesetz kënnen stëmmen. D'Beméiungen aus der Vergaangenheet ware wichteg a richteg, a wat verhënnert no enger gewëssen Zäit, wa Verbesserung musse gemaach ginn, d'Gesetz erëm ënnert d'Lupp ze huele an deenen neie Gegebenheeten unzepassen?

Esou soll et och mat dem Volet iwwert de Krankentransport, de Service d'aide médicale urgente ge-



schéien, e Volet, deen an eisen Aen nach net esou ausgeräift war, an no eise Bemierkungen, déi mer och an der Kommissioun gemaach ginn, si mer elo frou, datt et och esou ass, datt dee Volet do elo net haut zum Vote steet.

Ech wëll ofschléissen an all deene Leit, déi hei un deem Projet dann och geschafft hunn, merci soen, mä virun allem wëll ech och dem fréieren Direkter vun der Protection hei merci soen am Numm vun der Demokratescher Partei fir déi Aarbecht, déi hie geleescht huet, dem Néckel Strotz merci soe fir seng Presidentschaft, déi hie jorelaang un der Spëtzt vun der Fédératioun vun de Pompjeeën hat, a selbstverständlech och deem neie President, dem Här Jean-Pierre Hein, vill Courage wënschen a vill Asaz, an datt se ëmmer glécklech a gesond heemkommen.

Heimadder géing ech dann och den Accord vun eiser Fraktioun bréngen. Ech soen lech merci.

**Une voix.** - Très bien!

**M. le Président.** - Merci, Madame Nagel. Den nächste Riedner ass den Här Jaerling. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

**M. Aly Jaerling (ADR).** - Merci, Här President. Fir d'éischt emol e Merci un den Här Rapporteur, deen déi gutt Aarbecht, déi déi ganz Kommissioun während elo Jore gemaach huet, hei erëmgespigelt huet, eng Aarbecht, bei där et net einfach war fir déi verschidden Doléancen, déi vun alle Säite komm sinn, ënnert een Hutt ze kréien an awer e Gesetz ze maachen, wou awer trotzdeem ee Kompromëss fonnt ass, vun deem ech géif mengen, dass awer jiddferee kann dermat liewen.

Bei där Aarbecht ass et och esou, wéi d'Madame Nagel gesot huet, dass, wann de Besoin do ass, een dat Gesetz ëmmer nach kann deenen neie Gegebenheeten, déi solle kommen, upassen. Mä ech mengen, wichtig ass et emol, dass mer dat do iwwert d'Bühn bruecht hunn an engem grouss Konsens. Ech mengen, dat ass bei esou Gesetzer ëmmer besonnesch wichtig.

Ech soen och dem Här Strotz merci fir seng Interpretatiounen an och seng nei Philosophien, déi en hei entworfen huet, déi een och zum Deel ka matdroen. Och vun eiser Säit aus trotzdeem dem Här Strotz eis Felicitatiounen a merci fir déi gutt Aarbecht, déi e sai Liewe laang am Interesse vun de Pompjeeën hei am Land gemaach huet!

Ech géif mengen, wat elo dat Gesetz hei ubelaangt, esou ass et wichtig, dass mer hei endlech eng Regelung fonnt hunn, déi eng adequat Koordinatioun iwwer eng effikass Verwaltung tëschent deenen eenzelnen Hëlleforganisatiounen hei am Land fonnt huet. Et ass wichtig, dass kloer Dispositiounen iwwert d'Kompetenze virleien an och ganz kloer Direktiven an deem Gesetz festgehal ginn, wie sech dann elo däerf, sief et als Hëlleforganisatioun oder als Hëllefprofession ausginn. Ech mengen, och dat schéngt wichtig, dass dat an deem Gesetz kloer definéiert ass, fir dass net jiddferee mengt, e kënnt egal wou eng Organisatioun grënnen, egal wouhi fueren an da mat Leit ëmgoen. Ech mengen, och dat ass wichtig fir dat emol kloer festzeleeën.

Besonnesch wichtig schéngt mer och, dass d'Beruffspompjeeën och an deem Gesetz hei mat ernimmt gi sinn, dass och do kloer Dispositiounen festgeluecht gi sinn. Dispositiounen, déi awer eiser Meenung no net wäit genuch ginn, besonnesch am Zesummenhang mat deene medezineschen Hëllefinterventiounen, déi d'Beruffspompjeeë musse maachen, wou nach ëmmer keng Kloeerheet besteet iwwer hir Ofsécherung an deem Beräich, wéi wäit dass se kënne goen a wat geschitt wa se hir Kompetenzen iwwerschreiden.

Kompetenzen, déi néierens kloer festgeluecht gi sinn, a wou se dann a permanenter Gefor an och an enger permanenter Onsécherheet sinn, wa se déi Hëllefakten op der Plaz musse maachen, wou se direkt musse décidéieren, wat se maachen a wéi wäit dass se ginn. Ech mengen, dat ass net kloer genuch festgeluecht, an do wär et ganz wichtig, dass awer an deem Zesummenhang nach kloer Dispositiounen kommen.

Dofir schéngt et eis och, dass d'Beruffspompjeeën, géif ech mengen, en nationale Statut misste kréien, dee festgeluecht ass iwwer e Gesetz, an dass et net duergeet, dass mer kommunal Beruffspompjeeën hunn. Well mir hunn zwou Zorte Beruffspompjeeën: Mir hu kommunal Beruffspompjeeën an der Gemeng Lëtzebuerg a mir hu Beruffspompjeeën um Findel, déi awer verschidden Aufgaben hunn, wou zum Beispill déi Beruffspompjeeën an der Gemeng Lëtzebuerg musse mat medezineschen Hëllefinterventiounen maachen, während d'Beruffspompjeeën um Findel déi am Fong net brauchen ze maachen; déi sinn dofir net zoustänneg.

Dat heescht also, mir hu schonn zwou Zorte Beruffspompjeeën, an do wär et ganz wichtig, wa mer endlech géifen e Statut kréien iwwert d'Beruffspompjeeën, e ganz kloer Beruffsbild vun de Pompjeeën, eng ganz kloer Ausbildung. Et misst souguer esou sinn, dass Beruffspompjee e Beruff fir sech gëtt, e ganz klore Beruff, well haut geet et jo just duer wann een en CAP huet fir kënne Beruffspompjee ze ginn. Dat heescht et muss een am Fong eng secondaire Ausbildung hu fir Beruffspompjee ze ginn, mä da weess ee jo awer ganz genau, dass duerno nach zwee Joer Spezialausbildung musse kommen, fir dass déi Leit sech kënnen an deem Beruff erëmfannen.

Dofir schéngt et mer wichtig, dass misst e klore legale Statut, en nationale Statut komme fir d'Pompjeeën iwwerhaupt, net nëmme fir d'Beruffspompjeeën, mä fir d'Pompjeeën alleguer, fir ganz kloer Dispositiounen do festzeleeën. An do deele mer och d'Meenung vum Landesverband, deen an enger Motioun, déi en un d'Chamber geriicht huet an déi mer de Muere kritt hunn, och e legale Statut fir d'Beruffspompjeeë fuerdert an deen och d'Chamber hei opgufuerdert huet, eng Motioun ze stëmmen, déi mir dann och als ADR integral iwwerholl hunn a wou ech dann d'Éier hunn, déi hei ze hannerleeën. Mat just enger Ënnerschrëft vu jiddferengem heibannen, all Fraktioun heibannen, déi déi Motioun nach vläicht net gesinn huet, ass d'Geleeënheet ginn, fir déi matzedroen an déi och mat ze ënnerschreiwen, fir e legale Statut fir d'Beruffspompjeeën anzeféieren.

#### Motion 1

##### Considérant

- *que le sauvetage ainsi que les services incendie et ambulances reposent sur deux piliers indispensables, à savoir le volontariat et le professionnalisme;*

- *que la profession de pompier-ambulancier pour le secteur communal est ancrée dans l'article 101 de la loi communale;*

- *que le Gouvernement s'est engagé à régler les attributions et la formation des pompiers-ambulanciers moyennant règlement grand-ducal, ceci en étroite collaboration avec les organisations représentant le personnel en cause;*

- *que la fonction de pompier-ambulancier du secteur communal regroupe en une seule profession les compétences nécessaires dans le domaine de la prévention et de la lutte contre les incendies, du sauvetage, du premier secours et de l'ambulancier;*

- *qu'il y a lieu de conférer également une base légale à ce statut pour les pompiers professionnels*

*occupés par l'État et les entreprises et sociétés du secteur privé;*

*- qu'il est préférable de bénéficier de l'expérience du secteur communal en la matière pour créer un statut uniforme pour cette profession;*

*la Chambre des Députés*

*- demande au Gouvernement de prévoir la création - soit par voie réglementaire, soit par initiative législative et voie réglementaire - la base d'un statut national pour le statut de pompier-ambulancier professionnel valable aussi pour le secteur communal, qu'étatique que privé.*

*(s.) Aly Jaerling.*

Här President, d'fräiwëlleg Pompjeeën huet den Här Strotz schonn hei ganz vill gewürdegt a mat Recht an och eng Rei Iwwerleeungen hei opbruecht, wat dann elo de Wäert vun deem Bénévolat, dee si do maachen, ass. Deen hänt mat ganz ville Contrainten zesummen, mat berufflechen, familiären a soss Contrainten, déi awer néierens éierbar, muss ee soen, gewürdegt ginn, an dofir suergen déi Contrainten och derfir, dass sech ëmmer manner Leit fir déi fräiwëlleg Pompjeeën entscheiden.

Mir hunn elo nach déi glécklech Situatioun, dass nach vill Jonker, déi net am Beruffsliewe sinn, sech ebe fir déi interessant Aufgab als fräiwëllege Pompjee entscheiden, mä wa se bis an d'Beruffsliewen erakommen, da kommen déi Contrainten derbäi, déi den Här Strotz hei ugeschnidden huet, an da gëtt et ëmmer méi schwéier. Da ginn déi meescht vun hinne verluer. Dofir schéngt et mer ganz wichtig ze sinn, dass mer endlech hei am Land eng seriö Diskussioun féieren iwwert dee Bénévolat, esou wéi et a Frankräich gemaach ginn ass, déi zum Beispill e Guide vum Bénévolat opgestallt hunn, déi e ganze Guide opgeschriwwen hu vum Bénévolat, wat e Bénévolat ass, wéi wäit dass e ka goen a wien ënnert déi Bedingunge fällt.

Et schéngt och ganz wichtig ze sinn, dass mer och an deem Kontext eng kéier iwwerleeën, wat fir eng Form vu Vergéischtegen, dass mer deene Leit dann awer kënne ginn, déi hiert Liewe laang praktesch sech an den Déngscht vun eiser Gesellschaft stellen. Do kann een Iwwerleeunge féieren iwwer Steiervergéischtegen, wou et natierlech kloer ass, dass dann déi Leit, déi keng Steiere bezuelen, déi Vergéischtegen net kréien.

An dofir ass eis Iddi als ADR vun der Negativsteuer am Fong eng géingschteg Geleeënheet, fir déi Ongerechtegkeeten aus der Welt ze schafen, dat heescht, dass een déi Abatementer, déi een elo kritt iwwert d'Steieren, ëmännert a Forfaiten, fir dass ee jiddferengem déi kann zoukomme loossen, och deenen, déi keng Steiere bezuelen. Ech mengen, eis Iddi vun der Negativsteuer géif zum Beispill dee Problem léisen, an da kënnt een och iwwer Steiervergéischtegen deene Leit entgéintkommen.

Eng aner Méiglechkeet wär déi, wéi et schonn a Frankräich ass, iwwert d'Vergéischtegen iwwert d'Pensionsrechter. Ech mengen, do misst ee kucken a wat fir enger Form dass een dat hei am Land kënnt maachen. Dat heescht, et sinn also Moyenen do, mir mussen se nëmmen eraussichen a mir mussen awer emol eng kéier kloer festleeën, wat de Bénévolat ass, net nëmmen an deem Beräich vun den Hëlleforganisatiounen, mä iwwerhaupt am ganze Beräich vun deem Bénévolat, deen iwwer Veräiner geet, iwwer all méiglech Organisatiounen a wou et ëmmer méi schwéier ass, Leit ze fannen, déi sech där wichtiger Aufgab widmen.

An ech kann lech soen, dass mer, wa mer wierklech elo am Pompjeeeswiese kucken oder egal och bei den Hëlleforganisatiounen, ouni Bénévolat géifen domm drakucken an net auskéimen, an dofir ass et besonnesch wichtig, dass mer direkt scho mol an deem Beräich den Hiewel usetzen an och do d'Méiglechkeete schafe fir déi Leit ze belounen, déi sech awer där wichtiger Aufgab widmen.

Bon, nodeem esou praktesch alles gesot ginn ass an ech net nach eng kéier wëll elo all déi gutt Usätz widderhuelen, déi an deene ganze fräiwëllegen Hëlleforganisatiounen an och bei de Beruffspompjeeë sinn, kann ech hei mat rouegem Gewëssen d'Zoustëmmung vu menger Partei zu deemem Projet ginn.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.** - Merci, Här Jaerling. Den nächste Riedner ass den Här Gira. Dir hutt d'Wuert, Här Gira.

**M. Camille Gira (DÉ GRÉNG).** - Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi lescht Wochen a Méint konnt ee ganz vill Bericht iwwer Generalversammlunge vun de Pompjescorpsen, och vun de Centres vun der Protection civile liesen, an esouwuel an den Iwwerschrëfte wéi an den Texter si bal ëmmer déiselwecht Noriichten zrëckkomm: gréisser Nowuessproblemer, Problemer, d'Permanence am Dag ze assuréieren. Sécherlech sinn oder schéngen d'Nowuessproblemer op d'mannst kuerzfristeg bei der Protection civile méi kleng ze si wéi bei de Pompjeeën. Mä iwwerall héiert een awer, dass et besonnesch am Dag schwiereg ass, nach eng Permanence ze assuréieren.

Wann een dann awer d'Statistik kuckt am Rapport vum Ministère de l'Intérieur wéini de Gros vun den Asätz ass, dann ass dat awer grad am Dag, esou dass d'Spëtzt vun den Asätz mat der Spëtzt vun der Ofwiesenheet vun de Leit zesummefällt, wat sécherlech problematesch ass. Dës Situatioun huet och den deemolegen Direkter Anen an engem Artikel vum „Lëtzeburger Land“ vum 13. Februar 2004 confirméiert a gesot, d'Situatioun wier kritesch an alle 25 Zentren.

Well een als Buergermeeschter och d'Situatioun um Terrain natierlech kennt, hat ech da mol proposéiert, an der éischter Sitzung am November 2001, wéi mer d'Debatten iwwert dese Projet de loi ugefaangen hunn, dass mer vläicht sollte méi wäit goen, dass mer eis net nëmme sollte mat der Fusioon vun der Verwaltung um Ministère beschäftegen, mä dass mer och zumindest sollten eng Diskussioun féieren iwwert d'Situatioun um Terrain, an de Regiounen, d'Zesummeleee vun de Pompjescorpsen u sech, mä awer och duerno d'Zesummeleee vu Pompjescorpsë mat Zentre vun der Protection civile.

An ech hat deelweis awer och d'Fro opgeworf iwwer zumindest eng Deelprofessionaliséierung vun deem ganze Service de secours. Ech hat och an där Sitzung dat Gefill, dass ech beileiwen net eleng wär mat menger Meenung. Ech hat d'Gefill, dass, wéi et scho gesot ginn ass, den Innenminister selwer bereet gewiescht wier op dee Wee ze goen. Ech hat och dat Gefill, dass eng ganz Rei Leit an der Kommissioun menger Meenung wieren. Ech sinn och duerno duerch den Avis vum Statsrot bestätegt ginn a menger Meenung, dee praktesch an anere Wieder dat gesot hat, wat ech an der éischter Sitzung gesot hat.

Aus fir mech bis haut nach relativ onerklärleche Grënn war dës Majoritéit awer net bereet méi wäit ze goen. Ech froe mech wierklech: Firwat? Ech sinn och e bëssen iwwerrascht iwwert dem Här Strotz seng Aussoen haut.

#### (Interruption)

Ech wier immens frou gewiescht, wann den Här Strotz déi Iddien, déi en haut hei um Pult développéiert huet, an déi ech als eng excellent Base de discussion fannen, mä ech froe mech: Firwat huet den Här Strotz déi Iddien net virun zweeanengemhallwe Joer an d'Kommissioun erabruecht? En hätt nach zweeanenhalleft Joer Zäit gehat, iwwert déi Iddie mat de concerndierte Kreesser an deenen eenzelne Fraktiounen sech Gedanken ze maachen. Ech mengen, dass et dann och méiglech gewiescht wier, an zweeanengemhallwe Joer méi wäit ze komme wéi dohinner, wou mer haut sinn.

Ech kennen den Terrain, wéi gesot, als Buergermeeschter genuch, fir mer keng Illusiounen ze maachen, dass déi Diskussioun keng einfach gi wier, wann ee weess, dass déi zwee Corpsen awer, an dat ass genuch hei beluecht gi vu menge Virgänger, historesch ganz ënnerschiddlech gewuess sinn. Eleng d'Tatsaach, dass déi eng ënnert d'Kompetenz vun de Gemenge fallen an déi aner ënnert d'Kompetenz vum Stat, hätt et sécherlech net einfach gemaach, déi Diskussioun ze féieren. Ech weess och, dass, wéi sou ganz oft, - hat ech dat Gefill - éischter an den ieweschte Gremië vu gewëssen Institutiounen vläicht méi Hemmschwelle waren, wéi vläicht op der Basis. Dat ass jo ganz oft esou.

Ech weess awer och gradesou, Här President, dass um Terrain bei de Leit, déi all Dag ënnerwee sinn, eng immens grouss Bereetschaft existéiert huet, an och haut nach existéiert, éischters fir zesummeschaffen, mä awer och fir déi Diskussioun do ze féieren. An dofir bedauern ech, dass mer dat net gemaach hunn. Et gëtt nämlech schonn dobaussen eng Rei Beispiller, wou déi Zesummenaarbecht éischters tëscht verschidde ne Pompjescorpsen, mä awer och tëscht Pompjescorpsen a Protection civile excellent funktionéiert, an da froen ech mech, ob mer eisem Rôle als Législateur gerecht ginn, wa mer e Gesetz haut stëmmen, wat a mengen Aen zu engem gudden Deel um Terrain schonn dobausse vun der Realitéit iwwerholl gëtt.

Ech weess och, Här President, dass d'Deelfprofessionaliséierung keen einfache Sujet ass, weder organisatoresch nach finanziell. Den Här Statsminister huet vun engem Chiffer vun 30 Milliounen Euro a senger Déclaration sur l'état de la nation geschwat, wann een all déi Fräiwëlleg haut géing duerch Professionell ersetzen. Bon, ech kann elo net novollzéien, wéi en un dee Chiffer do kënnt. Ech mengen net, dass heibannen op jidde Fall een drun denkt, déi 2.000 Fräiwëlleg duerch lauter Professioneller ze ersetzen. Dat muss jo net op ee Coup geschéien. Et muss een och net déi eng verdrängen duerch déi aner.

Ech ginn och do ganz gären zou, dass mir als Gréng och keng fäerdeg Modeller hunn, wéi een dann déi Deelfprofessionaliséierung kënnt organiséieren. Erëm aus der Erfahrung weess ech och, dass een awer och beim Brand besonnesch ganz no bei dem Incident muss sinn. Et ass besser e Fräiwëllegen op dräi Minutten ze hunn, wéi e Professionellen op enger Véirelstonn, besonnesch beim Brand. Dat hëlleft engem net alles, well dann ass et schonn oft ze spët.

Mä mir waren awer der Meenung, an ech bleiwe bei där Meenung, dass et derwäert gewiescht wier, sech intensiv Gedanken ze maachen iwwert déi Reorganisatioun, wéi gesot, net nëmmen um nationalen Niveau, mä och um regionalen an um lokalen. Mir sinn och der Meenung, dass et noutwendeg gewiescht wier, sech déi intensiv Gedanken ze maachen, well d'Situatioun, zumindest plazeweis, relativ kritesch ass. Et ass een och schonn abordéiert gi vun Hausdok-



teren, déi soen, dass, deemno wéi d'Situatioun ass an deemno wéi den Zäitpunkt am Dag ass, et wierklech net méi assuréiert ass, dass an enger verstänneger Zäit déi néideg Servicer do sinn.

Et wier wierklech net gutt, léif Kolleeginnen a Kollegen, wa mer géifen an eng Zweeklassesegeellschaft, wat d'Noutdéngschter ubelaangt, ofrêtschen. Op där enger Säit déi Leit, déi Bierger a Biergerinnen, déi d'Chance hunn an der Stad Lëtzebuerg ze wunnen, oder no bei enger Antenne vum SAMU, déi dann a relativ kuerzer Zäit eng Ambulanz virun der Dier stoen hunn, an all déi aner, déi awer vläicht méi laang musse waarde bis Hëllef do ass. Bei de Bränn ass et vläicht manner problematesch, well an Tëschenzäit jo och scho vill Gemengen eng Tëscheleisung fonnt hunn an zumindest deen een oder deen anere Gemengenaarbechter amstand ass, fir deen alleréischten Asaz ze maachen.

Mir hätten eis op jidde Fall kënnen ufrënne mat engem Modell, wou een en haarde Kär vu Professioneller flächendeckend iwwert d'Land gehat hätt, an do derbäi ënnerstëtzt vu Fräiwëllegen. Mir wësse souwiso, dass et bei gréisseren Katastrophen, wéi lwwerschwemmungen an esou weider an esou fort, souwiso net denkbar ass fir alles mat Professionellen ze maachen. Ech mengen, déi Fräiwëlleg hätten trotz engem haarde Kär vu Professioneller nach masseg Aarbecht dobaussen ze maachen. Mir hunn och gesinn, dass sämtlech Statistike vun den Asätz eropginn. Et ass jo och logesch: Wat mer méi Awunner an Awunnerinnen an deem Land hei hunn, wat mer méi Autoen ënnerwee hunn, wat mer méi Verkéier hunn, wat och méi Aarbecht ass.

Zur Finanzéierung wollt ech just eng Pist hei kuerz an d'Diskussioun geheien. Mir kéinte jo och do mol probéieren, méi konsequent de Prinzip Pollueur-payeur unzewennen, wann ech tatsächlech gesinn, dass mer 1.500-mol am Joer ënnerwee sinn, fir Masutt ewechzemaachen. Wann ech gesinn, dass awer och an Tëschenzäit scho bei de Pompjeeën d'Asätz bei de Verkéiersaccidenter en enormen Deel vun den Asätz maachen, mä dann ass et jo awer e Wee fir ze soen: Dat do si Käschten, déi vum Autosverkéier engendréiert ginn. Da musse mer kucken, dass iwwert d'Assurancen, oder wat weess ech, käschtendeckend déi Asätz bezuelt ginn.

Just, an der Klammer, ass et fir mech alt erëm een Deel vum Individualverkéier, deen net an d'Käschten afléisst, deen net zougerechent gëtt, wou awer d'Allgemengheet muss suergen, dass déi Servicer do fonctionnéieren. Ech kënnt mer parfaitement virstellen, dass ee mat den Assurancë géing diskutéieren, dass dat do géing ofgedeckt ginn. Dann hätt ee schonn een Deel vun de Käschten eran.

Mir sinn eis och eens, dass Synergien tëscht de Pompjeescorpsen u sech an tëscht de Pompjeescorpsen an de Protection-civiles-Zentren och géingen Hëllef Geld anzespieren. Et ass jo och net ganz richtig, wann ee mécht, wéi wann de fräiwëllege Service nâischt géing kaschten. Wann ee mol alles zesummerechent wat mer de Moment iwwert d'ganz Land ausgi fir déi ganz Servicer, ass dat jo och net nâischt. Ech mengen och, dass et zu Synergie kéint kommen. Dat misst dann awer och méi konsequent ënnerstëtzt ginn.

Ech bedauern do e bëssen, dass deelweis dat, wat awer heiansdo a Sonndesriede gesot gëtt, net der Realitéit esou richtig entsprécht. Ech héieren ëmmer, dass d'Fusioun vun de Pompjeescorps gewënscht ginn, dass se och ënnerstëtzt ginn. Wann een da selwer deen Exercice mécht, wéi mir en an eiser Gemeng gemaach hunn, a laange Gespréicher - dat weess jiddfereen, dee mat esou Fusiou-

nen ze dinn hat, dee weess, dass dat och net vun haut op mar geschitt -, et da fäerdeg bréngt aus dräi Corpsen een ze maachen, dann awer och seet: Da maache mer och aner Synergien. Da maache mer ee Gebai a keng dräi méi, an dann e Projet an den Innenministère schécken, da muss ech awer soen, dass d'Enttäuschung net nëmme bei de Verantwortleche vun der Gemeng, mä awer och bei de Pompjeeë selwer ganz grouss war, wéi mer bei engem Projet vun enger Millioun Euro da geschriwwen kréien, mir kriterien als Maximum 40% vun 125.000 Euro.

Ech muss lech awer soen, Här President, do war d'Enttäuschung bei alle Leit an eiser Gemeng awer ganz grouss. Do ass awer wierklech den Ënnerschied tëscht deem, wat sonndes gepriedegt gëtt, nämlech: Setzt lech zesammen, fusionéiert, da kritt Der vun eis wierklech substanzuell Ënnerstëtzung.

Ech muss soen, wann ee weess wéi deier haut d'Gebaier sinn, wann een och déi néideg Sécherheetsvirkéierunge mécht, da fänkt ee mat 40% vun 125.000 Euro net vill un, wann een en neien Zenter wëllt schafe fir seng Pompjeeën. Do vermessen ech awer wierklech och d'Konsequenz vun deem wat gesot gëtt a vun deem wat herno um Terrain geschitt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Gréng bedauern, dass déi méi prinzipiell Diskussioun, déi ech elo ugeschwat hunn, entweder net gewollt, net erwünscht oder net méiglech war. An duerfir si mir leider der Meinung, dass dëst Gesetz net deem Usprach gerecht gëtt, vun deem de Rapporteur schwätzt, nämlech: „...adapter les services de secours étatiques et communaux aux exigences de notre temps“.

Mir hu kee Problem mat all deem wat am Gesetz steet, wat d'Fusioun um Niveau national ubelaangt. Mir mengen, dass et ganz gutt gelongen ass, dat esou ze fusionéieren. Mir hunn och kee Problem mat deene Bestëmmungen, déi iwwert déi besser Ausbildung an och déi medezinesch Kontroll sinn.

Erlaabt mer eng méi kritesch Fro, wat de preventive Brandschutz ubelaangt an de Gemengen. Och do si mer eis eens, dass dat eng dringend Aufgab ass, mä et ass awer alt erëm e Beispill vun enger schlächender Aufgabenopstockung vun de Gemengen, wou ech mech da froen, wien dat do dann erëm bezitt. Well wann een déi do Aufgab an der Realitéit eescht hält, da wësse mer allegueren, dass een do net aus der Héft ka schéissen, dass dat wierklech Leit musse sinn, déi eppes kennen dovunner, déi eng gutt Ausbildung mussen hunn. Ech froe mech och, wéi dat do an der Realitéit deelweis soll geschéien a wann een et seriö wëllt maachen, wien dat soll bezuelen; dat just als Klammer.

Mä mir fannen awer d'Grondiddi nach wie vor richtig, dass d'Gemengen dat sollte maachen.

**M. Michel Wolter, Ministre de l'Intérieur.**- Dat war awer schonn 200 Joer esou!

**M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).**- Glift?

**M. Michel Wolter, Ministre de l'Intérieur.**- ...vun de Gemengen, scho säit 1802 an 1843 am éischte Gemengegesetz. Dat ass keen Transfert vun enger Kompetenz vum Stat op d'Gemeng. Dat ass eng nei Aart a Weis wéi een eng Kompetenz, déi säit ëmmer am Gemengesector war, an Usproch hält.

**M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).**- Et ass awer en Ënnerschied, wéi et formuléiert ass. Ech mengen hei geet Rieds vun engem Service de prévention. Virdu war et engem iwwerlooss, wéi een dat

do gemaach huet an elo steet carément am Text „organiser un service de prévention“. Dat ass en Ënnerschied.

**M. Michel Wolter, Ministre de l'Intérieur.**- Neen.

**M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).**- Et deet mir leed, Här Minister, dat bedeit an der Realitéit eppes anescht. Och wann et keng nei Kompetenz ass, d'Manéier, wéi een engem wëllt gerecht ginn, ass eng aner an do sinn ech awer iwwerzeugt, dass et eng zousätzlech Belaaschtung fir d'Gemengen ass.

Dofir, Här President, no all deem, wat ech gesot hunn, wäerte mir selbstverständlech net géint dat Gesetz stëmmen, well dat, wat dran ass u sech eisen Accord fënnt. Mir hunn awer dat Gefill, dass dës Majoritéit sech hei an hir eegen Täsch litt an dass schonn déi nächst Regierung, eiser Meinung no, wäert gezwonge gi sech méi intensiv mam Grondproblem um Terrain ze beschäftegen. A well mer et wierklech schued fannen, dass dës gutt Geleeënheet verpasst ginn ass, fir méi substanzuell eis Services de secours op d'21. Jorhonnert ze preparéieren a well mer och der Meinung sinn, dass een an deenen zweeannehalleft Joer, wou mer elo amgaange sinn hei ze diskutéieren, méi eng fundamental Diskussioun hätt kënnen féieren an haut méi wäit sinn, géinge mer eis bei dësem Gesetz enthalten.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.**- Merci, Här Gira. Ageschriwwen ass den Här Laurent Mosar. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

**M. Laurent Mosar (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nodeem esou vill eminent Spezialisten aus dem Pompjeeswiesen hei scho viru mir geschwat hunn, bleift mer a sech net méi schrecklech vill do dobäizefügen. Ech wëll trotzdem nach eng Kéier op dee Punkt vun de Beruffspompjeeën aus der Stad Lëtzebuerg agoen, deen och scho vun enger Rei vu menge Virriedner hei ugeschwat ginn ass.

Ier ech dat awer maachen, erlaabt mer trotzdem och nach vu menger Säit aus e ganz grouss Merci un de Rapporteur Nico Loes, deen a sech dat op eng ganz konsequent a kompetent Manéier fäerdeg bruecht huet, dass mer nach dee Projet de loi kënnen virum Enn vun der Legislaturperiod stëmmen. Och mäi Merci u mäi Fraktiounskolleeg Néckel Strotz, deen eigentlech op eng ganz komplett Manéier virdrun déi ganz Problemer vun de fräiwëllege Pompjeeë geschildert huet, ech wëll och hien a mäi Merci aschleissen, fir all déi Aarbecht, déi e während Joren och am Kantonalverband a besonnesch och a senger Qualitéit als President gelescht huet.

Dëst gesot, wëll ech ganz kuerz op véier Punkten agoen.

Deen éischte Punkt ass - an dat begrëissen ech natierlech ganz staark -, dass de Projet de loi virgesäit, dass e Règlement grand-ducal an Zukunft kann eng Base nationale a méi Bases régionales schafen. Ech ginn dann och mol dovun aus, dass d'Kasäre vun de Beruffspompjeeë vun der Stad Lëtzebuerg d'Base nationale wäert ginn; wat mir dann natierlech och um Niveau vun der Stad Lëtzebuerg ganz häerzlech géife begrëissen.

Ech wëll mech duerfir dann awer och e bësselche méi nach eng Kéier mat der Roll a mat de Missiounen vun eise Beruffspompjeeë vun der Stad befaassen. Dir wësst, mir hunn am Moment e Corps vu ronn 130 Beruffspompjeeën, mir

hunn en Anzuchsgebit vum 80.000 Awunner, wat awer während dem Dag méi wéi dat Duebelt vu Bewunner hei vun der Stad ëmfaasst, an Dir kënnt lech allegueren virstellen, dass do heiansdo dee Corps vun 130 Beruffspompjeeën net duergeet, fir all déi Missiounen ze erfëllen.

Wann een dann do derniewent och nach weess, dass a sech d'Grenze vum Asaz vun eise Beruffspompjeeën net op der Stad Lëtzebuerg Halt maachen, mä och an eng Rei vun aner Gemenge ginn, gesäit een, dass a sech d'Obligatiounen vun de stater Beruffspompjeeën och eng national Bedeitung hunn a sech net op eng lokal Bedeitung begrenzen.

An ech wëll awer just ganz kuerz eng Kéier déi verschidde Missiounen vun de stater Beruffspompjeeën nach eng Kéier resüméieren.

Fir d'éischt assuréiere si den Ambulanzdéngscht, net nëmme fir d'Stad Lëtzebuerg, mä och fir eng ganz Rei Nopeschgemengen, wéi Hesper, Stroossen, Walfer, Koplescht bis op de Briddel an Nidderaanwen, wou also eis stater Beruffspompjeeë mat der Ambulanz hifueren.

Doniewent assuréiere mir natierlech och den Déngscht an alle Spideeler vun der Stad Lëtzebuerg, an doduerch dass déi meeschte Spidolbetter um Territoire vun der Stad Lëtzebuerg sinn, ass dat natierlech och e ganz grouss Plus vun Engagement, deen do verlaangt gëtt.

Doniewent sinn natierlech och allegueren d'europäesch Institutiounen um Territoire vun der Stad Lëtzebuerg. Déi europäesch Institutiounen wuessen an och dat comportéiert fir eis stater Beruffspompjeeën en zousätzlech Plus un Aarbecht.

Doniewent hu mer dann och nach eng Rei vu groussen nationalen Infrastrukturen, wéi zum Beispill d'Coque an och anerer, déi elo wäerten an deenen nächste Méint fäerdeg ginn, an och do ass erëm den Engagement vun de Beruffspompjeeën erfuerdert. De Kolleeg Jempy Klein huet virdrun och vun den Tunnelen geschwat - dat ass sécherlech richtig - och do ass ëmmer erëm den Engagement an d'Interventioun vun de stater Beruffspompjeeë gefuerdert.

Doniewent sinn natierlech dann och ëmmer eng ganz Rei vun nationaler Manifestatiounen, déi um Territoire vun der Stad stattfannen, esou dass wierklech d'Obligatiounen vun de Beruffspompjeeë vun der Stad largement iwwer hir lokal Missiounen erausginn, wat natierlech dozou féiert - an dofir sinn ech dann och frou, wann d'stater Beruffspompjeeë géifen d'Base nationale hei kréien -, dass mer awer och eng Kéier musse kucken, wéi een déi national Obligatiounen och ka besser subventionéieren.

Well wann Der lech virstellt, all déi Missiounen, déi ech elo hei geschildert hunn, mat 130 Beruffspompjeeën, mat Infrastrukturen, déi largement am Moment ze kleng sinn, och mat Material wat net duergeet, déi ginn dann awer zum gréissten Deel ganz eleng mam Budget vun der Stad Lëtzebuerg finanzéiert. Dat ass also problematesch an duerfir wier ech och frou, dass wann dann déi Base nationale instituéiert gëtt, dass ee sech awer eng Kéier ganz seriö ënnerhält, wéi do der Stad Lëtzebuerg ka besser ënnert d'Äerm gegraff ginn; an ech weess, ech stousse och do doudsécher op en oppent Ouer beim aktuellen Innenminister.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, en zweete Punkt op deen ech wollt agoen - well en och vu menge Virriedner hei ugeschwat ginn ass -, dass ass de Statut vum Beruffspompjee. De Kolleeg Aly Jaerling huet do eng Motioun déposéiert, allerdéngs muss ech lech soen, dass ech mengen, dass déi Motioun iwwerflësseg ass, well ganz einfach de Statut vum Be-

ruffspompjee schonn duerch den Artikel 100, respektiv 101 vum Gemengegesetz geregelt ass.

**(Interruption)**

An do, Här Jaerling, wou a sech de Problem besteet, ass, dass bis elo nach keng Règlements grand-ducaux d'application geholl gi sinn, do hutt Der Recht, mä d'Base légale, déi besteet manifestement am Artikel 101.

**M. Aly Jaerling (ADR).**- Et gëtt net nëmme Beruffspompjeeën zu Lëtzebuerg! Et gëtt der och um Findel an déi hunn och kee Statut. Et geet hei net nëmme ëm d'Gemeng Lëtzebuerg.

**M. Laurent Mosar (CSV).**- Här Jaerling, d'Méiglechkeet fir dat ze regelen ass am Gemengegesetz virgesinn.

**(Interruption)**

Dach, Här Gira.

**(Interruption)**

Wat elo muss kommen, dat si Règlements grand-ducaux d'application an do kann ech lech och soen, dass den Innenminister mir schonn am Februar op eng Question parlementaire geäntwert huet, dass hien och gewëllt ass, déi Reglementer esou schnell wéi méiglech ze huelen.

Ech sinn allerdéngs mat deene Virriedner d'accord, wa se soen, dass dat extrèmement wichteg ass, well mir effektiv am Moment e Problem hunn, besonnesch um Niveau vun der Formatioun. Mir maachen am Moment d'Formatioun vum Rettungsassistent, wat eng ganz wichteg Formatioun ass, mir hunn allerdéngs do nach ëmmer keng Equivalence vun den Diplomen an do stelle sech och Froe vu Responsabilitéit, wann ee vun eise Beruffspompjeeën effektiv do op der Plaz intervenéiert.

Dofir ass et wesentlech, dass déi Reglementer och esou schnell wéi méiglech geholl ginn an ech rechnen och staark domadden, dass déi nächst Regierung - well déi aktuell dat jo wahrscheinlech net méi wäert fäerdeg bréngen - an deen nächsten zoustänneg Minister dann och esou schnell wéi méiglech a Concertatioun allerdéngs och mat de Beruffspompjeeën, esouwuel vun der Stad, wéi och deene vum Findel, dass déi Reglementer wäerten ausschaffen.

En drëtten Punkt, op deen ech wollt se schwätze kommen, deen och ganz wesentlech ass, ass dee vun der Zesummenaarbecht tëscht de Beruffspompjeeën a fräiwëllege Pompjeeën. Och eis Beruffspompjeeën an der Stad Lëtzebuerg kënnen net eleng déi ganz vill Obligatiounen erfëllen ouni déi aldeeglech Ënnerstëtzung a Matarbecht vun de fräiwëllege Pompjeeën. Déi Zesummenaarbecht ass also wichteg ganz eleng fir emol allegueren kënnen déi Missiounen ze erfëllen.

Si ass awer och nach op engem anere Punkt wichteg, nämlech op deem vun der Formatioun. Och eis Beruffspompjeeë maachen do all Woch Formatiounen mat deene fräiwëllege Pompjeeën, a mir hunn och eise Grupp „volontaires“ an eise Grupp „garde“, iwwert déi déi fräiwëlleg Pompjeeën och integréiert ginn an d'Aarbecht vun de Beruffspompjeeën.

Hei wëllt ech vläicht eng zousätzlech Remarque och nach maachen. Mir hunn am Moment ganz vill Beruffspompjeeën, déi eben elo scho mat 55 Joer hu missen a Pension goen, déi awer nach ganz valid sinn, déi eng onheemlech grouss Experienz an och eng grouss Kompetenz hunn. Ech géif eigentlech wënschen, dass een déi Leit och méi nach géif asetzen an der Formatioun, och vun de fräiwëllege Pompjeeën, ob dat elo an der Pompjeesschool ass, eventuell och um Niveau vun der Instructioun vun der Protection civile. Hei läit eigentlech eng grouss Kompetenz brooch an ech géif mer eigentlech wënschen, dass een déi besser géif am aldeegleche Liewe benotzen.



En allerleschte Punkt, op deem ech dann nach wollt ganz kuerz agoen, ass dee vun der absoluter Noutwendegkeet, datt mer déi Pompjeeskasären um Rond-point Gluck an der nächster Legislaturperiod wäerte kënnen bauen. Dir hutt et scho gesot kritt, hei soll jo niewent der Pompjeeskasär vun der Stad och nach d'Pompjeesschoul hkommen an da soll och nach d'Protection civile dohinner kommen.

Et ass vu verschiddene Virriedner och schonn ugeschwat ginn, datt déi Zesummenaarbecht tëschent all deene Corpsen heiansdo net ëmmer ganz einfach ass. Abee, ech sinn dovun iwwerzeegt, datt, wa mer mol do e eng gemeinsam Kasär hunn, an där all déi Corpsë sech erëmfannen, wou och d'Formatioun gemaach gëtt, dann automatesch déi Zesummenaarbecht och vill besser wäert ginn.

Dofir ass dann och mäi Wonsch, an deem adresséiert sech dann awer un déi nächst Regierung, datt mer wierklech kucken, datt mer dee Projet esou schnell wéi méiglech realiséieren, well ech fannen, datt en eigentlech fundamental ass, och fundamental fir déi jonk Pompjeeën, deene mer vläicht net ëmmer genuch kënnen bidden. Hei, mat deenen Infrastrukturen, déi geplangt sinn, mengen ech, datt mer do och eng wesentlech besser Formatioun kënnen maachen.

Dëst gesot, erlaabt mer dann och nach perséinlech mech all deene Mercien unzeschleissen, déi virdrun hei adresséiert gi sinn, souwuel un den Här Anen, deen a Pensiouen geet, an awer och un den alen an den neie President vun der Pompjeesfédératioun.

Ech wëll awer och hei eng kéier nach un alleguerten d'Pompjeeën an och d'Membre vun der Protection civile denken, déi all Dag sech am Déngscht vun hire Matbierger asetzen an déi vläicht net ëmmer d'Chance hunn owes Grouss op RTL-Télee während hiren Asätz gewisen ze ginn. Och vun där Plaz aus e grouse Merci un déi Leit, och wa se wéi gesot net op der Télee sinn, heescht dat net, datt se zumindest net vun der Politik a Considératioun geholl ginn. Dëst gesot, wäert ech och mat grousser Begeeschterung dëse Projet de loi stëmmen.

**M. le Président.** - Ech hunn zousätzlech elo nach zwou kleng Wuertmeldungen. Déi éischt ass vum Här Mars Di Bartolomeo an déi zweet vum Här Gira. Här Mars Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass an deene leschte Stonnen an an deene leschte Jore ganz vill vu praktescher Zesummenaarbecht um Terrain - geliefte a gewünschte - diskutéiert ginn. Ech wëll an dem éischten Deel vu menger Interventioun d'praktescht Beispill gi vun där geliefte Zesummenaarbecht tëschent fräiwëllege Pompjeeën an der Protection civile.

Mir sinn an engem Raum bei eis zu Diddeleng a Beetebuerg, wou déi Zesummenaarbecht, déi bal Integratioun zwëschent de fräiwëllege Pompjeeën an der Protection civile zënter Joren excellent fonctionnéiert. Dat gëllt souwuel fir d'Gemeng vun Kolleeg Lucien Lux wéi och fir déi Diddelenger Gemeng, wou et esou wäit geet, dass mer e gemeinsamen Zentrum opgebaut hunn...

**Une voix.** - An déi Keeler!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - An déi Keeler, selbstverständlich! Déi wëlle mer net vergiessen, well dat och excellent Kolleeg sinn a ganz gutt zesummeschaffen.

..., wou mer net nëmmen e gemeinsamen Interventionszentrum hunn, mä wou déi Zesummenaarbecht...

**(Interruption)**

Awer net méi laang! Déi nächste kéier kritt der näischt méi ze tricksen, Här Minister. Déi nächste kéier décidéieren d'Wieler an net ënnert der Decke Leit, déi schonn alles ofgemaach hunn, gradesou wéi et och den 13. Juni net esou geet, wéi d'CSV an d'DP dat mateeneen ofgemaach hunn, mä och do wäert de Wieler...

**(Interruptions diverses et brouhaha général)**

Ech wollt eng objektiv Diskussioun iwwert d'Mérite vu Leit, déi um Terrain zesummeschaffen, net mëssbrauchen, fir Wahlkampf ze maachen. Mä den Här Minister...

**(Interruptions diverses et brouhaha général)**

De Minister, Här President, une fois n'est pas coutume, huet dës kéier mech provoziert an ech war net deejéinegen, dee provoziert huet.

**(Interruption)**

Gesitt Dir, Här fréiere Pompjeeskommandant, wann ech dat däreif soen, et ass...

**(Interruption)**

...oder President vun de Pompjeeën, et ass net ëmmer esou, dass den Di Bartolomeo d'Mikroë mëssbraucht, fir - wéi Dir et gesot huet - Spektakel ze maachen. Et sinn och heiansdo...

**(Interruption)**

Jo, wann et noutwendeg ass!

Ech wollt also just ënnersträichen, dass op deem Terrain déi Zesummenaarbecht op eng natierlech Aart a Weis fonctionnéiert, wou d'Gebaier gemeinsam sinn, wou an der Zwëschenzäit et och esou ass, dass den Zenterchef oder d'Zenterchefe sech ofwiesselen. Den Zenterchef ass eng kéier de Responsabele vun der Protex. Dann ass de Pompjeeskommandant den Adjoint a vice-versa.

Ech wollt eigentlech dat Beispill bei dëser Geleeënheet ginn, fir de Message erauszeginn, fir déi doten Zesummenaarbecht ze woen, well déi zwee Corpsen doru wannen, wa se um Terrain den double emploi verhënneren, wa se sech gemeinsam Strukture ginn a wa se en Encouragement un d'Gemenge ginn, fir hinnen e professionellt Standbeen zur Verfügung ze stellen - net elo dee ganze Corps ze professionaliséieren, mä dat professionellt Standbeen, wat se beim Sekretariat, wat se bei der Organisatioun brauchen, fir kënnen optimal ze fonctionnéieren. An dorëm geet et eis jo alleguer, fir dat ze maachen!

Ech wëll dat net nach eng kéier widerhuelen, vu dass all eis Kolleegen, déi dat virdu gemaach hunn, Recht hu mat hire Mercien, mä ech wëll mech deene Mercien uschleissen.

Ech wëll och soen - de Jempy Klein huet dat richtig gesot -, dass mir dee Projet hei wäerten ënnerstëtzen, och wa mer eis an eenzelne Punkte vläicht e bësse méi Konsequenz, e bësse méi Courage erwaart hätten. Wéi zum Beispill an den Artikelen 4 an 8, wou mer am Artikel 4 d'Basis hunn, fir national, regional Basë fonctionnéieren ze loossen, wéi dat och schonn de Fall ass, a wou mer am Artikel 8, do wou et ëm de Service d'incendie geet, virun esou enger Obligatioun oder virun esou enger Realitéit e bësse gezéckt hunn an eng Kann-Bestëmmung agesat hunn, fir national a regional Basen ze schafen.

Mir mengen awer, dass och am Service d'incendie regional Basen eng natierlech Konsequenz misste si vun deenen Iwwerleeungen, déi mer an der Landesplanung gefouert hunn, wou Centres de développement régionaux et principaux définiert sinn, a wou, mengen ech, kengem en Zack aus der Kroun erausbrécht, wa mer déi Idéi vun der regionaler Zesummenaarbecht promouvieren - net duerch penaliséierend Moossna-

men, net duerch Drohung vum Ofschafungen a Penaliséierung, mä duerch Encouragement ass dat duerchaus méiglech.

Ech hätt also virgezunn, wann déi Artikelen 4 an 8, jiddefalls an deenen Dispositiounen, wou et ëm d'national, d'regional an d'lokal Organisatioun geet, méi no uneneen erubrecht gi wären.

Am Artikel 5, mengen ech, ass och d'Geleeënheet verpasst ginn, fir déi Zesummenaarbecht a Saache Sauvetage zwëschent Protection civile an de Pompjeeën ze regelen an ze institutionaliséieren. Hei am Artikel 5 gëtt gesot, dass d'Protection civile disposéiert iwwert dee Service de sauvetage. Bei Katastrophe kënnen d'Pompjeeën och op de Sauvetage zréckgräifen. Mir hätten eis gewënscht, dass beim Sauvetage tëschent Protection civile an de Pompjeeën méi zolidd Brécke gebaut gi wären, fir och den double emploi an och vläicht ze verhënneren, dass déi eng e bësse méi am Raum hänken.

Och bei deenen nationale Missiounen hätt ee sech kënnen virstellen, dass zumindest d'Méiglechkeet geschaft gi wär fir national Servicer, fir e Sauvetage an der Héicht an a groussen Déiften opzebauen, wou mer - mengen ech - net déi Kompetenz oder net genügend Kompetenzen am Moment hunn, par analogie zum Service canin oder zum Grupp vun den Taucher.

Da mengen ech, an ech brauch net dorop anzegoen, beim Artikel 8 war e bësse méi e komplizierten Text. Wahrscheinlech duerch d'Amendement, duerch d'Iwwerhuele vun den Texter vum Conseil d'État ass deen Artikel 8 an der Definitiou, wat dann elo d'Missions de prévention sinn, net ganz liiesbar. Ech hunn dat dem Minister matginn, de Minister huet an der Zwëschenzäit, mengen ech, d'Gebrauchsanweisung kritt wéi een deen Artikel misst liesen. Et wär vläicht besser gewiescht wann een en och hätt kënnen ouni Gebrauchsanweisung liesen.

**M. Michel Wolter, Ministre de l'Intérieur.** - Et ass en Text vun der parlamentarescher Missioun.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - Do sinn ech net dran, Här Minister.

**M. Michel Wolter, Ministre de l'Intérieur.** - Schued!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - Ech mengen och, dass ech dat net gemierkt hätt. Ech hunn et am leschte Moment gemierkt an ech hunn lech et dofir och mat op de Wee ginn.

Dann zum Artikel 10: Wat de Brandschutz ugeet kann ee bedauern, dass dat erëm un d'Gemengen delegéiert gëtt. Mir hätten do virgezunn, wann dat méi staark op nationalem Plang mat engem Groupe d'experts och hätt kënnen geregelt ginn. Ech weess net wéi Dir dat gesitt, Här fréiere President?

**M. Nicolas Strotz (CSV).** - ...Niveau! Grouss Leitinnen aus-schaffen ass dat eent, mä den Niveau, fir déi dann ëmzesetzen, dat muss bei de Gemenge bleiwen.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - Jo, dat ass richtig, mä d'Gemenge brauchen do Berodungskompetenz, an dat wär net schlecht wann een déi Berodungskompetenz kéint schafen.

Dann e lescht Wuert iwwert den Artikel 10, wou et ëm d'Commission technique geet. Ech mengen, d'Commission technique gëtt sech vill Méi fir déi vill Wënsch ze duerchlichten. Ech muss aller-

déngs soen, dass et an der Praxis net schlecht wär wa vläicht bei der Commission technique déi eng oder déi aner Fachleit vum Terrain derbäi wären, fir och mat e bësse méi Flexibilitéit op d'Evolutionen um Terrain anzegoen.

Ech wëll et an engem klengen Beispill illustréieren. Wann een nei Techniken huet, déi och gebraucht ginn - an dat huet d'Praxis gewise beim Equipement vun de groussen, schwéiere Ween, wou eigentlech um Terrain jiddferen d'accord ass, dass een e puer där Equipementer brauch - ass et relativ schwierig fir esou Equipementer an de Cahier des charges respektiv an d'Kritäre vun der Kommissioun eranzekréien. An och wann da Responsabelen aus dem Ministère heiansdo Entgéintkommen hunn an och souguer Leit um Terrain beroden, ass dat net ëmmer evident, dass et bei der Commission technique duerchkënn.

E leschte Punkt, deen och vun der Praxis aus kënnt, wéi bei eenzelne Gemenge si mer an darselwechter Situatioun wéi de Stat, dass d'Gemengen - wéi de Stat - hiren eegenen Assureur si bei de Gefierer. Dat ass sécher net bei en alleguer de Fall, mä et ass awer bei enger ganzer Rei vu Gemengen de Fall. Wann d'Situatioun kënnt, dass een eent vun deene Gefierer vun de Pompjeeën virun der Zäit béit, dann hat ee Pech. Wann dann nach fënnel Joer oder dräi oder ech weess net wéi vill um Ersatzplang, wou e virgesi war, ewech sinn, dann huet ee Pech, da muss een de Won ganz ersetzen.

Dofir d'Suggestioun, déi och vum Terrain kënnt, wann een dann am Asaz géif e Won béien, dee souwiso virgesinn ass fir an enger Rei vu Joren ersat ze ginn, da kéint een e bësse Flexibilitéit bréngen. Och wann een dann net de ganzen Taux applizéiert fir déi Ween ze ersetzen, da soll een awer vläicht en adaptéierten Taux applizéieren an d'Gemengen net eleng loosse mat deem dote Risiko oder sech e Wee iwwerleeën wéi déi Gefierer dann alleguer assuréiert kënnen ginn.

Dat gesot, e puer Iwwerleeungen aus der Praxis. Ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet, an eis Fraktioun wäert selbstverständlech deen heite Projet stëmmen.

**M. le Président.** - De leschte Riedner, den Här Gira nach eng kéier. Zwou Minutten, hat hie gesot.

**M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).** - Jo, Här President. Ech wollt nach eng kéier ganz kuerz intervenéieren a reagéieren op dat wat den Här Mosar gesot huet an erklären, firwat ech meng Ënnerschrëft och ënnert déi Motioun iwwert de Statut vun de Beruffspompjeeën gesat hunn. Well ech der Meinung sinn, dass den Här Mosar net richtig läit. E läit richtig wann e seet, dass d'Gemengegesetz d'Base légale hiergëtt fir de Statut vun de Beruffspompjeeën vun der Stad Lëtzebuerg ze regelen. Ech mengen awer net, dass et richtig ass ze behaapten, et kéint een och d'Gemengegesetz erbäihuele fir de Statut vun de Beruffspompjeeën um Findel ze regelen, a scho guer net fir déi Pompjeeën, déi an de Privatbetriber sinn.

Ech fannen et awer richtig, wa mer eis elo schonn d'Méi maachen, endlech e Berufsbild ze schafe fir déi Leit, déi dat do maachen, d'Rechter an d'Flichte vun deene Leit ze definéieren, da soll een dach vun der Geleeënheet profitéieren an elo net nëmme fir déi Pompjeeën vun der Stad Lëtzebuerg regelen, mä an engems de Problem um Findel léisen an an engems de Problem an de Privatfirma léisen. Och um Findel gëtt et Pompjeeën, mä theoretesch gëtt et se awer net. Dat si Schräiner, dat sinn Usträicher, déi och nach Feier läschen. Dat ass jo eng absurd Situatioun, an et wier awer flott herno wann ee Méiglechkeeten hätt, dass Leit aus enger Privatfirma kéinten

op de Findel wiesselen oder bei d'Stad Lëtzebuerg oder ëmgedréint. Wie weess, dat ass vläicht manner oft de Fall, wat d'Paieren ubelaangt, wat weess ech.

Mä da kommt mir huelen eis dach elo déi Zäit a mir schaffen en eenheetleche Statut aus. Ech verstinn net, firwat dass d'Majoritéit sech elo hei wiert déi Motioun do unzehuelen? Ech hunn dat Gefill, dass mer vum Fong eis eigentlech eens sinn. Da kommt mir maachen dat do an dann huet déi nächst Regierung e kloren Auftrag fir ee fir allemol dee Problem do ze léisen.

Ech soen lech merci.

**Plusieurs voix.** - Très bien.

**M. le Président.** - Merci, Här Gira. D'Regierung huet d'Wuert. Här Minister!

**M. Michel Wolter, Ministre de l'Intérieur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt och dem Rapporteur, dem honorabelen Deputéierte Loes, merci soen. Hien huet a sengem schrëftlechen an a sengem mündlechen Rapport op d'Komplexitéit vun der Fro higewisen, déi mer hei traitéieren. Et gëtt am Liewe vum Politiker Deeg, déi esou sinn, an et gëtt der, déi aneschtens sinn, an dat hei muss ech soen ass fir mech perséinlech éischter där een, deen esou ass.

**Une voix.** - Wéi dann?

**(Hilarité)**

**M. Michel Wolter, Ministre de l'Intérieur.** - Nämlech dass een, och wann et ganz laang dauert, heiansdo gesäit, dass Iddien, déi ee virun zéng Joer ugefaangen huet ze développéieren, lues a lues an de Sproochgebrauch iwwerginn, jo, dass een haut ka soen, et ass eng Majoritéit vun Deputéierten, déi sech geäussert hunn, déi en fin de compte déi Iddië rejoinéiert hunn, déi un der Base si vun deem, wat mer 1995 ugefaangen hunn a wat - och dat muss een awer aus der historiescher Wourecht hier soen - dem Innenminister vun deemools net déi allergréisste Frënn abruecht huet.

Et ass nun eemol esou, dass, wann een eng Pensionsreform am öfentlechen Déngscht mécht, dann direkt gesot gëtt, et wier ee géint d'Statsbeamten. Wann een eng Reorganisatioun vum Pompjees- a vum Protection-civiles-Wiese wëllt virhuelen an et undenkt, da kritt een direkt virgeworf, et wier ee géint d'Pompjeeën, an eng ähnlech Diskussioun schéngt mer jo elo bevirzesten an de Bestriewung fir eng méi modern administrativ Gestiou vun eisem Land erbäizeféieren, déi op d'21. Jorhonnert ofgestëmmt ass, well ech der Deeg an engem Artikel gelies hunn, ech wier elo géint d'Gemengen.

Alles dat ass awer e bësse méi komplex an e bësse méi reng an och alles e bësse méi villschichtig, an ech hunn haut an de Rieden all déi Nuancen op ganz ville Bänken erëmgespoert, déi et en fin de compte gëtt, wann een a un certain moment probéiert, eng méi modern Ausrichtung vun engem Secteur erbäizeféieren.

Et muss een awer wëssen, dass mir dee Projet tëschent 1995 an 1999, also vun deem Moment u wou mer en undiskutiert hunn an deem Moment un, wou mer en deposéiert hunn - an de jëtzege Secrétaire général vun der Chamber ass jo mäin éischten Zeien, well en an all deenen Diskussiounen als Conseiller deemools vun Innenminister derbäi war - eis extrem Méi ginn hunn an Dosende vu Réuniounen mat der Pompjeesfédératioun, mat der Protection civile, mat alle Leit, déi do direkt oder indirekt eppes domadder ze dinn haten, ob dat den Ambulanzdéngscht ubelaangt, ob dat de SAMU ubelaangt, datt dat all Komponente si fir ze kucken zu eppes ze kommen, wat konsensfäeg wier a wat och



längerfristeg e Kader géif setzen an deem d'Pompjeeswiese kéint evoluéieren.

An do - dat ass eng vun deene wéinege Saachen, wou ech net mam Här Gira d'accord sinn - sinn ech der Meenung, dass, wa mer dee Projet hei gestëmmt hunn, mer d'Basis an de Kader geschafen hunn, ab deem mer op déi zukünftég Evolutiounen, déi nach sécher wäerte kommen, kënnen agoen. Mir kënnen Äntwerte formuléieren, déi mer à ce stade haut nach net formuléiert kréien. Déi Erausforderungen, déi Dir gesitt, déi ech selwer och scho säit laangem gesinn, déi kënnen mer an deem Kader hei traitéieren.

Mir hunn eng ganz Rei vun Notiounen hei agefouert, wéi de Fait, dass mer eng Administratioun des services de secours schafen, wéi de Fait, dass mer de Prinzip vun der nationaler, regionaler a lokaler Base definéieren. Ech wëll drun erënneren: Wéi mer dat 1998 gemaach hunn, ass eis virgeworf ginn, mir wëilten d'Pompjeeën an d'Protection civile ze engem Corps zesummefusionéiere mat Gewalt vun uewen erof, ouni mat de Leit ze schwätzen.

Et ass eis drëm gaangen en fin de compte an där Dispositioun d'Méiglechkeet ze schafen, dass mer bei der Acquisitioun vu Material, wat mer vläicht am Land nëmmen eemol brauchen, oder bei der Acquisitioun vu Material, wat mer am Land nëmme vläicht op zwou oder dräi Plaze brauchen, einfach Voraussetzungen duerch déi Notioun vu Base nationale oder Base régionale ze schafen, fir deene Gemengen, déi do mussen d'Hauptlaascht droen, och um Niveau vun der Subsidiatioun a vun der Ënnerstëtzung op engem anere Wee nozekommen, wéi dat haut an dësem Kader de Fall ass.

Et ass duerch de Fait, dass mer eng zentral Administratioun schafen, déi a wesentleche Punkte vum Pompjeeswiesen a vum Protection-civiles-Wiesen elo eng Kompetenz huet, wou se ka kucke gemeinsam op d'Problemer anzegoen, wéi an der Formatioun, wéi beim Médico-sapeur, dass mer do Wesentlechens elo leeschten, an eng wesentlech nei Welt erakommen, an eng aner Welt erakommen, wéi dat virun der Fall war.

Wat ass dann dat, wat mer '95 gesinn hunn, wéi mer eis mat der Problematik beschäftegt hunn? Ma éischtens ass et, dass mer um Terrain gemierkt hunn, dass eng Noutwendegkeet géif bestoen, dass méi e grouse Rapprochement tëscht Protection civile a Pompjeeswiesen, dat heescht tëscht all deenen, déi am fräiwëllegen Hëllefdsdängscht géife sinn, misst kommen. An zwar well mer 1995, 1996, 1997 gemierkt hunn, dat wat haut Realitéit ass, dass eis Gesellschaft amgang wier sech fundamental ze änneren.

Den IVL huet eis jo am Fong och do nees eng Rei vun Äntwerte ginn, firwat dass dann elo iwwer Dag zum Beispill déi eenzel Zentre vun der Protection civile net méi esou fonctionnéieren, wéi se fréier fonctionnéiert hunn. Ma jo well ëmmer méi Dammen, déi en fin de compte fréier am Dag de Service gemaach hunn an déi de Statut vun der Hausfra haten, net méi de Statut vun der Hausfra hunn, mä an d'aktiivt Berufsliewen eragaange sinn oder eraginn.

An net nëmmen de Fait, dass méi Leit an d'Berufsliewen eraginn, déi fréier d'Basis vun deem Service do duergestallt hunn, mä de Fait, dass se och vun der Lokalisatioun vu hirer Aarbechtsplaz net méi do sinn, wou se fréier waren. Well mer duerch eng exzessiv Konzentration vun Aarbechtsplazen déi lescht 30 Joer op ee Punkt vum Land, haaptsächlech op d'Stad Lëtzebuerg, dozou bäigedroen hunn, dass an deenen eenzelne Regiounen, an deenen eenzelnen Uertschaften, an deenen eenzelne Gemengen d'Leit, déi mer brau-

chen, net méi eben an där Zuel disponibel sinn, fir kënnen e Service oprecht ze erhalen, an dat och dozou bäidrëit, dass den Temps de réaction dee Moment méi laang gëtt, wann ech d'Leit muss ruffen, wann déi vu méi wäit musse kommen, respektiv, wa se ze wäit sinn, se iwwerhaupt net méi kënnen kommen, well einfach déi Zäit, déi se brauchen, fir vun hirer Aarbechtsplaz op den Asazplaz ze goen, esou grouss ass, dass se dee Moment net méi benéidegt ginn.

Mir hu festgestallt, dass d'Risiko fir de Pompjee zum Beispill géifen ëmmer zouhuelen, dass mer an der Brandbekämpfung an engem ganz anere Schema sinn, wéi deen, dee mer virun 30 Joer oder 40 Joer kannt hunn. Dass also d'Noutwendegkeet, fir d'Formatioun ze adaptéieren un d'Realitéit, sech géif stellen.

Wëssend awer, an dat wëll ech awer och eng kéier soen - well et gëtt ëmmer esou einfach duergestallt: „il n'y a qu'à..." -, dass besonnesch bei der Protection civile mer awer eng fundamental Diskusioun hunn, och elo nach hunn am Corps eran, bei de Leit selwer, iwwert dat wat ech kann oder net kann engem Fräiwëllegen zoomuden. Well net jiddfer ee vun eise Matbierger, dee sech wëllt engagéieren an de fräiwëllegen Hëllefdsdängschter, déi intellektuell respektiv zäitlech Méiglechkeeten huet, fir bis no uewen un d'Spëtz ze kommen. Dass also de Risiko, wann s de d'Basisformatioun ze héich setzt, doranner besteet, dass de eng ganz Rei Leit, déi awer bluttnoutwendeg sinn, demotivéiers. Op där anerer Säit awer muss de ganz gutt oppassen, dass wann s de an de Formatioun verschidde Gradé méchs, dass de net op eemol am Corps selwer ze enger Hierarchisatioun erakënns, wou Leit, déi nëmmen d'Basisformatioun maachen, op eemol d'Gefüll géife kréien, dass si net méi dozou géifen zielen.

Dat ass ee Volet, dat hunn ech zu Beetebuerg an enger Debatt, déi ech virun e puer Méint mat 150 Fräiwëllege gefouert hunn, aus Protection civile an aus Pompjeeswiesen, ganz kloer gesinn, déi Dualitéit och am Corps selwer tëscht der Meenung vun deenen, déi soen: Mir brauchen zousätzlech Formationsweeër. Mir mussen eis méi spezialiséieren. Mir müssen aner Weeër goen. An dann anerer, déi der Meenung sinn, dass dat net de Fall soll sinn.

D'Gesetz gëtt eis elo d'Méiglechkeet, dat kombinéiert mat der zweeter Erausforderung, déi mer gäre gehat hätten. Nämlech déi, dass mer d'Formatioun tëscht Protection civile a Pompjeeë méi no musse beienee kréien. Dass mer Brécke musse bauen. Dass mer iwwerall do wou et méiglech ass a wou et néideg ass, gemeinsam Ausbildungsweeër schafen.

#### (M. Jean Spautz prend la Présidence)

D'Gesetz gëtt eis elo emol d'Basis fir an déi Richtung kënnen ze goen, doduerch dass mer an enger gemeinsamer Verwaltung, doduerch dass mer an engem Comité de pilotage oder Comité d'accompagnement, dee sech aus de Représentanté vun deenen engen a vun deen aneren zesummesetzt, elo an eng Richtung vu gemeinsamer Formatioun ginn, déi ebe méi op d'Realitéit an op d'Bedürfnisser kënnen zougesehnide ginn, wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war. An dass mer och d'Méiglechkeet duerch d'Gesetz hei schafen, dass mer den Encadrement och um Niveau vun der Formatioun zum Deel aneschtens kënnen maachen. Wëssend dass den Encadrement haut deelweis och total an der Fräiwëllegkeet gemaach gëtt.

Déi Leit maache jo een enormen Engagement. Wann ech déi Instruktere gesinn, déi mer do hunn, déi maachen dat exklusiv an hirer Fräizäit, wou mer trotzdem d'Geeleehheet kréien an d'Méiglech-

keet schafen duerch dat Gesetz hei, och um Niveau vun dem professionellen Encadrement d'Basis ze setzen, dass een do sécher stellt, dass mer déi Demanden - mer spieren dat jo am Pompjeeswiesen, dass zum Deel méi Demanden nach do si wéi Disponibilitéiten do si fir Coursen ze halen - kënnen ophuelen. Also méi differenziéiert, awer op där anerer Säit méi no unenee gestréckt. Dat war ee vun den Ausgangspunkten, mat deene mer '95 fortgaange sinn an déi mer '99 dunn an d'Gesetz ageschriwwen hunn.

D'Noutwendegkeet vu medezinescher Kontroll, déi ganz laxistesesch - dat muss ee soen - behandelt ginn ass a wou mer duerch d'Gesetz hei elo e Kader setzen, dass mer net eng kéier an eng Situatioun kommen, dass eis am Asaz eppes geschitt, wat Gott sei Dank jo säit Jorzéngten hei zu Lëtzebuerg net de Fall ass. Mä dass mer an eng Diskussioun kommen, dass wann eng kéier eppes geschitt, da gesot gëtt, ma jo firwat hutt der dann net dëst a firwat hutt der net dat a firwat hutt der net dofir gesuergt, dass déi Leit, an hat deen do dann net een Häerzfeeler, oder, oder, oder. Also dee ganze Volet och vun der Ofsécherung vum Fräiwëllegen, ier en an den Asaz geet, dat musse mer an de Grëff kréien.

D'Noutwendegkeet en administrative Kader ze setzen, en Encadrement ze schafen, ewechkomme vun där Dualitéit, déi doranner bestanen huet fir déi zwou Saache komplett separat ze gesinn, déi administrativ Tëschestruktur do ze schafen, eng weider Erausforderung. Dat an engem Corps, wou mer awer ganz kloer gesinn hunn, dass e sech ännert. Mir schwätzen ëmmer vun deenen 9.500 Pompjeeën. Et ass jo gutt, dass mer 9.500 Pompjeeën...

#### (Interruption)

Wa guer keen nolauschtert, ass et ganz schwéier!

#### (Coups de cloche de la Présidence)

**M. le Président.** - Dir Dammen an Dir Härren, ech géif ëm e bësse méi Opmierksamkeet bieden. De Minister mécht sech d'Méi alles ze explizéieren, d'Froen ze beäntweren, an da ginn esou Zwiegesprécher gefouert.

#### (Interruption)

Et kënnt awer vill bei lech aus dem Eck!

#### (Hilarité et interruptions)

Här Minister, fuert weider, an déi aner sollen opmierksam nolauschteren.

**M. Michel Wolter, Ministre de l'Intérieur.** - Mir hunn - an och dat ass eng Problematik, déi mer awer net aus den Aen däre loossen, wa mer fir méi Professionalismus, fir méi Encadrement schwätzen, dat ass alles schéin a gutt - an eise Pompjeeswiesen awer och zwou Mouvacen, zwou Tendenzen ze ënnerhalen. Ech mengen op jiddfer Fall, dass mer déi nach mussen ënnerhalen.

Dat sinn déi, an dat ass vläicht d'Majoritéit vun deene Leit, déi wierklech an déi ganz grouss Asätz kënnen goen, do wou et wierklech ëm Liewen an Doud geet, déi och e Besoin hu vu méi Formatioun, déi och musse physesch méi fit sinn, déi och musse bereet sinn an der Weiterbildung ze schaffen. An dann awer och e ganz grouse Stack vu Volontairen, déi, géif ech soen, de soziale Pompjee sinn, déi eng Vocation sociale et culturelle och an den Uertschaften hunn, wou ee ka soen, dat verschwénnt iergendwann eng kéier, well mer jo lues a lues mierken, dass et amgaangen ass erof ze goen.

Mir waren awer net der Meenung, a sinn et och haut nach net, dass mer déi Vokatioun vun engem Dag op deen anere sollen ewechhuelen, mä dass mer mussen an eise Pompjeeswiesen ebe flexibel Äntwerte kënnen ginn, jee nodeem ob ech mat engem Pompjee aus där enger Kategorie oder där anerer Kategorie schwätzen.

An do kënnt dann derbäi, dass d'Pompjeeswiesen och nach eng kéier ënnerscheet tëschent dem urbane Raum an dem rurale Raum. Wann ech den Här Di Bartolomeo héieren hunn; hie schwätzt dann iwwer Diddeleng a Beetebuerg, mais moi je veux bien, mä et gëtt awer niewent Diddeleng a Beetebuerg nach 116 aner Gemengen am Land, an déi hunn net alleguerten déiselwecht Situatioun wéi Diddeleng a Beetebuerg, net déiselwecht Erausforderungen. A wann ech mat deene Pompjeeë schwätzen, wann ech mat de Buergermeeschteren aus deene Gemenge schwätzen, dann héieren ech zum Deel awer och nach ganz aner Saachen.

Dat heescht, mir mussen et also och nach fäerdeg bréngen, dat hu mer probéiert an deem Gesetz hei ze maachen, fir op déi Dualitéit, déi besteet tëschent de städteschen Erausforderungen an deene méi ländlechen Erausforderungen, eng Äntwert kënnen ze ginn.

A wann ech soen, dass ech mat Satisfaktioun deen Dag vun haut trotzdem erliewen, dann zum Deel well ech awer feststellen, well mir musse feststellen a well ech an de Rieden hei feststellen, dass effektiv an deene leschten aacht, néng Joer déi Changement, déi un der Base ware vun deene Reorganisatiounen, déi mer wëlle virhuelen, agetratt sinn. Dass eis Gesellschaft sech weider profund geännert huet a Richtung méi Leit an den Aarbechtsmarché eran, a Richtung Zentraliséierung vun den Aarbechtsplazen, a Richtung Dépeuplement an de ländleche Gebidder, a Richtung vun der Noutwendegkeet fir Protection civile a Pompjeeë méi no uneneen ze strécke fir Permanenzen am Dag, de Weekend an esou weider, fir déi kënnen opzefänken. Dass och d'Disponibilitéit vum Fräiwëllege weider sech geännert huet.

War et fréier eng allgemeng Disponibilitéit, déi do war, stelle mer fest, dass d'Leit haut vill méi ufänken och sektoriell am Fong ze denken. Net méi d'Protection civile an d'Pompjeeswiesen als en Ensemble ze gesinn, mä Deelaspekter dovunner en fin de compte wëlen ze besetzen an och nëmme bereet sinn dann an esou engem Deelaspekt ze schaffen.

Och dat muss ee gesinn an et ass och déi Unzuel vu Stonnen, déi d'Leit bereet sinn ze prestéieren, dass déi individuell, wann een dat op de Kapp hält, ofhëlt. Dass eis Gesellschaft sech an deem Sënn geännert huet, dass mer zwar 100.000 Leit méi hei zu Lëtzebuerg wunnen hu wéi virun 20 Joer, mä dass mer vun deenen 100.000 Leit der ganz weéng an eisen Hëllefdsdängschter erëmbegéien. Mir hunn also eng 10.000 Leit haut, déi en fin de compte an engem Land vun 350.000 Leit eisen Hëllefdsdängscht gemaach hunn a mir hunn déiselwecht 10.000 Leit an enger Gesellschaft vu 450.000 Awunner.

An do musse mer alleguerten zesummen awer och no Weeër a Moyerë sichen, wéi mer et fäerdeg bréinge fir an déi Organisatiounen do - et muss een awer soen, dass dat nach zimlech Lëtzebuenger Organisatiounen sinn - och méi auslännesch Matbierger mat eran ze kréien an ze begeeschteren do matzemaachen, well si profitéieren. Jiddfer ee profitéiert jo och dovun. An engem Land vu 450.000 ass ebe méi Asaz ze leeschte wéi dat an engem Land vun 350.000 virun 20 Joer de Fall war.

D'Formatiounsevolutioun hunn ech opginn. Déi ass mer wierklech ex-

trem kloer ginn dee Moment, wéi mer déi Réunioun zu Beetebuerg haten, mat de Volontairen, déi Noutwendegkeet fir och um Niveau vun der Protection civile aner Weeër ze goen. Net eng Formation unique unzebidden, mä eng Formatioun mat Compartimenter kënnen unzebidden, wéi ech dat viru gesot hunn.

De Rapprochement tëschent Protection civile a Pompjeeswiesen huet sech an deene leschten zéng Joer weiderentwéckelt. Et hu sech op ganz ville Plazen, och duerch eng Systematik, déi gemaach ginn ass, och duerch d'Incitatioun, déi vun de Gemenge komm ass, Rapprochement gemaach. An d'Fusioun vun de Pompjeescorpsen, wéi mer dat '95 ugeschwat hunn, dass mer gesot hunn, dat kënnt a préparéiere mer eis drop, dass wann et kënnt, dass mer et proper kënnen begleeden, déi si geschitt. Wann ech kucken, dass mer fortgaange si vun 260 Pompjeescorps virun zéng Joer, dass mer der '99 246 haten, a mir hunn der elo nach 215, da gesäit ee jo awer, dass do déi Evolutioun, déi mer gesinn hunn, déi och do zu enger méi grousser Zesummenaarbecht um Niveau communal mol haaptsächlech gefouert huet, dass déi komm ass.

An elo kënnt awer eppes derbäi. Wat derbäi nach kënnt, dat ass, dass mer ufänken a gewëssene Gemenge vläicht kee Service incendie méi ze hunn, op jiddfer Fall net an deem Mooss, wéi mer et elo hunn. Dat heescht, dass mer och hei duerch d'Gesetz d'Méiglechkeet geschafen hunn, dass mer grenziwwergräifend iwwert d'Gemegegrenzen eraus eis Gedanke maachen, wéi mer dann eng Permanence an deem Domän kënnen gesinn.

Da muss een natierlech och soen, dass sech d'Image de marque geännert huet. Dass déi Fräiwëllegkeet an hirer Gesamtheit vläicht net méi dee Stellwäert an eiser Gesellschaft huet, déi se nach virun zéng Joer hat, an dass virun allem - an dat soll keng Kritik sinn, mä dat ass awer eppes, wat ech ëmmer méi héieren an dem Corps an aus dem Corps eraus - d'Médiatisatioun op gewëssen Deelaspekter vun de fräiwëllegen Hëllefdsdängschter zu enger schlächender Demotivatioun vun de Leit bäidrëit.

Wat ass an deene leschte Jore geschitt? Dat muss een offe soen, offen ugoen. Et hu sech zur Protection civile an zum Pompjeeswiese Konkurrenzorganisatiounen geschafen, wann ech dat mol esou ka soen. Zum enge kommerzieller, op enger kommerzieller Basis, déi Deelaspekter vun deem, wat an eise fräiwëllegen Hëllefswiese gemaach gëtt, ofdecken. Déi zum Deel déi méi interessant, déi méi medienträchteg Saachen do maachen. Déi och duerch e geschéckte Marketing sech an hir Organisatioun permanent an de Vierdergrond bruecht hunn. Dat huet, a gitt mat Äre Leit schwätzen, op der Basis, an den eenzelne Corpsen dréit dat dozou bäi, dass d'Leit soen, ma jo vun eis schwätzt ni een. Mir kommen net an déi Emisiounen do eran. Dat ass deen ee Volet.

Deen anere Volet ass deen, wann ech d'Croix-Rouge zum Beispill kucken, déi huet esou e Service canin geschafen, dat ass jo nëmmen 1,8% vun der Spannbreit vun deem wat an der Fräiwëllegkeet muss gemaach ginn. Mä dans la mesure wou déi Leit en fin de compte duerch hir Aktiounen, wat gutt Aktiounen sinn, awer permanent op e gewëssene Standard gehéiert ginn, këns de an d'Situatioun, dass der deng Leit, déi s du an deemselwechte Service an der Protection civile hues, riskéiere fortzelaufen, well se soen, ma jo wa mir gären déi Unerkennung hätten op déi mer Recht en fin de compte hunn, dass d'Gesellschaft eis se soll ginn, da musse mer eis jo net enger Gesamtstruktur ënnerwer-



fen, mä da musse mer kucken, dass mer an eng Struktur kommen, déi sech dorobber spezialiséiert huet an déi doduerch en Image de marque kritt huet an engem ganz klenge Segment.

Dat heescht, dass haut - dat wëll ech soen, net dass an zéng Joer gesot gëtt, et huet keen et gesot - de Risiko vum Eclatement besteet vun de fräiwëllegen Hëllefsgéingschter, wa mer do net dergéint steieren a wa mer net sécher stellen, dass dat Ganzt als eng Gesamtheet ugesi gëtt, déi och vun der Gesellschaft als Gesamtheet dee Moment muss honoréiert ginn.

Do gëtt et eng Rei Pisten iwwert déi ee kann diskutéieren, iwwert déi jo och scho säit Joren diskutéiert gëtt, wou et ëmmer interessant ass ze kucken, wéi sech dann d'Meenunge vun deenen engen a vun deenen aneren am Laf vun der Zäit, wéi soll ech soen, adaptéieren a wou een elo, op Basis vun deem Gesetz hei - an ech mengen de jëtzenen Direkter, den neie Direkter an de President vun der Pompejesfédération, déi hunn déi Debatte jo hei suivéiert - ka kucken an enger nächster Etapp: Ma jo, wat sinn da méiglech Pisten, déi ee kann ugoen, fir op deem Wee, wat e permanente Wee ass, weider ze goen?

Zum enge schéngt mir eng Diskussioun néideg ze sinn, wéi ech viru scho gesot hunn, wéi mer an Zukunft kënne rekrutéieren. Wéi kënne mer un eis auslännesch Matbierger erukommen, fir mei Leit an d'Protection civile eran ze kréien? Wat fir eng Strategie musse mer, an dat kann net nëmmen d'Pompjesfédération maachen an net nëmmen de Stat maachen, développéieren um Niveau vun der Jugend? Do mussen d'Gemengen och hëllefen an déi Richtung ze goen.

Verschiddener maachen et, verschiddener maachen et manner, et ass keng generell Dénge, mä mir mussen do Weeër fanne fir d'Fräiwëllegkeet attraktiv ze erhalen. An net exklusiv domadder, dass mer soen, elo musse mer ufänken déi Leit massiv ze rémunéréieren. Ech menge mir mussen och d'Gedankegutt vun der Fräiwëllegkeet, de Fait, dass mer an enger Gesellschaft och d'Solidaritéit brauchen, dat ass e wesentleche Bestanddeel, wou ech net gären hätt, dass mer déi iwwer Bord géife geheien. Et bleift awer, dass mir zum Beispill um Niveau vun de Finanzen, mengen ech, aner Weeër musse goen.

Mir bezuelen eist Pompejeswiesen iwwert d'Feierläschsteier. Dat ass eng Steuer, déi ass interessant, déi ass virun honnert Joer agefouert ginn, mä déi gëtt dat hier, wat se hiergëtt. A vu dass se nëmmen dat hiergëtt, wat se hiergëtt, a vu dass d'Prioritéit, an do dierfe mer eis awer och näischt virmaachen, d'Prioritéit an deene leschte Jorzénge awer op der Acquisitioun vu Material geleeen huet, an zwar net nëmme vu staatlechen a vu Gemengesäiten, mä och aus de Corpsen eraus - et war méi wichteg, e Pompejeswon ze hunn, wéi e Pompejesgebai ze hunn -, musse mer aner Weeër goen. Dat ass amgaange lues a lues ze änneren, och well einfach - Wéi soll ech soen? - d'Unzuel vu Ween esou ass, dass mer awer iergendwou flächendeckend am Land alles dat hunn, wat mir kënne brauchen.

Mä wann den Innenminister 120 Milliounen graff pro Joer zur Verfügung huet, fir de Subventionnement ze maache vun deem Vendeur, wann domadder d'Pompjesfédération un alleréischter Stell mol muss finanzéiert gi mat all hiren Aktivitéite vun der Formatioun, vun der Sensibilisatioun an esou weider, déi en fin de compte doruwwer finanzéiert gëtt, well déi net iwwert d'Corpsé finanzéiert gëtt, déi gëtt praktesch zu 100% vum Stat aus iwwert déi Feiersteier finanzéiert, da geet dat net duer. Wann ech dann all Joer fir 60, 70, 80, 90,

100 Milliounen, jee nodeem wat fir ee Joer et ass, Subsiden ausdeelen, fir Gefierer ze kafen, da bleift mir natierlech bei den Zommen, fir Gebaier ze subventionéieren, näischt méi iwweg.

Elo sinn ech perséinlech der Meinung, dass een d'Gebaier méi muss subventionéieren. Allerdéngs mengen ech, dass een da muss op de Wee goen, dass een dat iwwer ee Crédit budgétaire mécht, well eis Feierläschsteier dat net bréngt. D'Feierläschsteier ass net dofir do. An da kënnt d'Revendicatioun op där anerer Säit natierlech awer vun de Finanzen, dat muss een awer ganz kloer an d'itlech och soen, fir ze soen: Ma jo, wann dat esou ass, dann hätt mir awer och gären eng Mainmise iwwert d'Feiersteier, da wëlle mir gäre kontrolléieren, wat dann domadder geschitt. Dat heescht, du kriss dann eng Budgetisatioun vun enger Steuer, déi während 100 Joer net budgetéiert ginn ass.

Als staatlech Instanz wëll ech awer och soen, wa mir dat maachen, wa mer soen, d'Gebailechkeete gi méi subventionéiert, dann hätt ech awer och gäre méi den Domm drop, wat dann dee Moment mat deene Sue geschitt, wou dann déi Pompejeshaiser hikommen, wéi vill Gemengen, dass do mussen zesummen eppes maachen.

Et kann awer net esou sinn, wéi mir Verschiddener hunn am Secteur, déi der Meinung sinn, dass si 85 Milliounen ausgi fir hire Corps communal, an dass dat Eenzezt, wat si dann ze maachen hunn, ass, d'Hand opzehalen an ze soen, den Innenminister ass esou gutt an e leet da 50 Milliounen op den Dösch a 50% op den Dösch, fir dat ze finanzéieren. Déi Spillregel funktionéiert dann awer och net méi, well mir eis dann national- a regionalpolitisch - wéi soll ech soen - Objektiv musse ginn, wéi mir dat an Zukunft organiséieren. Och do hu mer eng Äntwert am Projet de loi duerch de Fait, dass mir déi national, regional a lokal Basen am Projet de loi elo ageschriwwen hunn.

Mä et sinn och aner Punkten, iwwert déi ee kann diskutéieren. Ech wëll awer deene Leit eppes soen, déi haut hei opgetruede sinn a gesot hunn: Jo, mir sinn domadder d'accord fir an déi Richtung ze goen. Déi Leit musse wëssen, wa mir awer an déi Richtung ginn, sech eng ganz Rei vun anere Leit uschléissen an unhänken, fir ze soen: Ma, mir maachen deeselewechten Déngecht oder en ähnlechen Déngecht. Wou awer d'Leit mir haut gesot hunn: Ah, neen, de Pompejee ass nu wierklech de Max, an alles anescht ass eng Etapp drënner.

Jee nodeem, ween awer soss opsteet, dann, wann et drëm geet, d'Zousazpensiounen an iwwer esou Saachen ze diskutéieren, bleifs de dann op eemol net beim Pompejee a bei der Protection civile stoe, mä da begéins de d'ganze Secteur an der ganzer Bandbreit erëm an héiers: Da wëlle mir och dovunner profitéieren, da wëlle mir och domat dobäi sinn. Dat féiert dann dozou, dass de esou Diskussiounen op eemol net méi packs.

Et geet also net duer, fir ze soen, Dir hätt oder Dir hätt kennen, oder dëst an dat, mä et muss een ëmmer kucken, wann een esou eng Diskussioun ufänkt, wat dann och dat ass, wat hannen dobäi erauskënnt.

Perséinlech mengen ech, dass och Saache wéi e Pompejesmusée eppes wär, wat ze enger Valorisation kéint bäidroen, dass d'Leit och gesinn, dass dat Material, mat deem geschafft ginn ass, konservéiert gëtt an dem grand public zougänglech gemaach gëtt.

Ech ka liewe mat enger prioritärer Astellungspolitik fir de Pompejee nottamment am Gemengesector. Et si jo ganz vill Gemengen, déi dat maachen, ganz vill Gemengen, méi wéi mir mengen, déi dat maachen, déi en fin de compte an hire Re-

krutierungspolitik drop oppassen, dass déi Leit an de Pompejee sinn, respektiv deenen objektiv eng Chance ginn à concurrence égale, fir ze soen: Dann huele mir de Pompejee. Et muss een natierlech och oppassen op deenen anere Phenomeen, dee mir an enger Rei vu Gemenge gemierkt hunn, dass d'Leit sech an d'Pompjeeë mellen, well se gesinn: Oh, do ass e Schäferot, dee passt bei der Rekrutierungspolitik e bëssen dorobber op. Da kréien se d'Plaz, well se Pompejee sinn, a sechs Méint drop begéins de se net méi am Corps.

Dat si se net alleguerten, et sinn der vläicht nëmmen e puer, mä dat féiert awer dee Moment och dozou bäi, dass eng gutt gemengte Mesure, déi vu ganz ville Gemengepolitiker gemaach gëtt, dann denaturéiert gëtt an de Géigendeel.

Dréttens - wann ech soll ophalen, Här President, da musst Dir mir et soen -...

**(Brouhaha général)**

**M. le Président.** - Häre Kollegen, ech wëll nach eng Kéier un Är Disziplin hei appelléieren. Et si jo awer wichteg Saachen, déi hei diskutéiert ginn.

**M. Michel Wolter, Ministre de l'Intérieur.** - Jo, ech probéiere just op dat ze äntwerten, wat sechs, siwe Leit viru mir gefrot hunn.

**Une voix.** - Et ass fir eis och net ëmmer einfach!

**M. Michel Wolter, Ministre de l'Intérieur.** - Jo!

Dréttens mengen ech, dass mer de Volontaire do mussen entlaaschten, wou en haut Aarbechte mécht, déi en fin de compte näischt méi mat senger Charge ze dinn hunn. Mir haten et probéiert, mir sinn net duerchkomm. Ech huelen dat heiten zum Optrag, fir et dann nach eng Kéier ze probéieren, well mir eis doriwwer eens sinn, dass zum Beispill eise Service ambulancier ëmmer méi dozou mëssbraucht gëtt, fir Taxi ze spillen, fir d'Leit an d'Spideeler ze féieren. Dat ass e flotte Service un eise Leit. Mä wann ech gesinn, wa vun 29.275 Sortien am Joer 2003 19.729 Sortien, dat heescht zwou Sortiën vun dräi vun eisen Ambulancier an der Protection civile, fir Krankentransport ze maache sinn, da soen ech, dat kann net méi esou viruoen. Do muss de politesche Wëlle bestoen, fir mat de Krankekeessen zu enger Solutioun ze kommen, dass de sou genannte Sekundärtransport aneschters organiséiert muss gi wéi dat de primären Transport ass.

Eis Protection civile ass do, fir an der éischter Nout ze hëllefen; eis Protection civile ass net do, fir e bëllege Service un der Bevölkerung ze leeschten. Wa mir zur Konkursioun géife kommen, dass se dofir do sinn, da muss een natierlech deene Leit e ganz anere Statut ginn, wéi deen, dee se haut hunn. Dobäi kommen d'Kloen, déi mir dann an de Réuniounen och ëmmer méi kréien, déi ech och emol schonn an der Press eng Kéier gesot hunn, dass eis Fräiwëlleg entre-temps a verschiddene Spideeler esou wäit am Fong mëssbraucht ginn, soen ech, dass se net nëmmen d'Leit dohinner féieren, mä dass se och nach zoustänneg sinn, fir se an deen heite Service ze bréngen, fir se op d'Zëmmer ze bréngen.

Ech hu Fäll bericht kritt, wou d'Leit gefrot gi sinn, dann den Telefon fir d'Leit an d'Rei ze maachen. Doriwwer musse mir eis awer als Gesellschaft Froe stellen. Ass dat d'Missioun, déi mir dem Fräiwëllege ginn, a kann dat an Zukunft e Modell sinn? A mengen Aen kann dat et net sinn.

En zweet Beispill, et ass net grad esou grave, mä et léisst awer déif blécken. Den 112, deen heescht Central des secours d'urgence. Do sollen am Fong geholl déi Leit urufen, déi eng Urgence hunn. Am Joer 2003 hu mer 450.000 Appellen um 112 kritt, dovu sinn 380.000 Appellen, wou d'Leit urufen, fir gewuer ze ginn, wat fir eng Apdikt ophuet, wat fir een Dokter Garde huet an esou weider. Dat heescht 380.000 vun 450.000 Uruff op engem Telefon, deen enfin geduecht ass fir premier secours ze ginn, dat si ganz normal Renseignerment, déi net direkt eppes domadder ze dinn hunn.

Da kënnt dobäi, dass ëmmerhin nach 5% vun allen Appellen op den 112 Appels abusifs sinn. Bal 30.000 Appelle vu 450.000 d'lescht Joer waren Appellen, déi abusiv Charakter haten, och dat léisst trotzdem an enger Gesellschaft bis zu engem gewëssene Grad Froe stellen.

De Volontairen e gewëssene Stelleväert ginn - et hunn eng Rei Leit dat gesot - an de Betriber. Dat schéngt mir wichteg ze sinn an der Gesellschaft. Kann et dann esou si wierklech, dass d'Leit penaliséiert ginn, well se an engem Betrib schaffen? An do soen ech, dat ass net nëmmen d'Aufgab vun der Politik; et ass net nëmmen de Minister; et ass net nëmmen d'Regierung; et sinn net nëmmen d'Deputéierten, et sinn net nëmmen d'Gemengen, déi do musse maachen, mä d'Gesellschaft muss sech an hire Gesamtheit bewusst sinn, dass hei e Service geleeicht gëtt, dee gratis ass, dee fir eis do ass an dee fir den Zesammenhalt, fir d'Kohesioun vun enger Gesellschaft wéi eiser extrem wichteg ass.

An da last but not least d'Introduktioun duerch dat Gesetz hei vum Corps civil, wat och eng Neiegkeet ass, déi am Laf vun der Debatt dobäikomm ass, déi awer och - mengen ech - e gewëssene Stelleväert huet, deen een eraushiewe soll.

An dofir mengen ech, dass dee Projet hei op ganz vill Froen, déi sech stellen, d'Basis gëtt fir Äntwerten ze formuléieren. Dass mer de Kader schafen, fir e modernt Rettungswiesen an Zukunft zu Lëtzebuerg weider ze organiséieren, wat eis awer net dispenséiert, déi kruzial Froen, déi vu ganz ville Riedner ugeschwat gi sinn, an enger offensiver Aart a Weis ze féieren, an dass de Minister, op Grond vun der Debatt an op Grond vun de Meinungen, déi en aus deenen eenzelne Parteien héieren huet, och elo ka mat deenen eenzelne Komponenten an der Protection civile an am Pompejeswiesen op Basis vun deene Remarquen, déi hei gemaach gi sinn, vläicht eng aner Qualitéit an eng aner Intensitéit vun Dialog féieren, wéi em dat viru fënnel oder zéng Joer méiglech war.

**(Coups de cloche de la Présidence)**

An deem Sënn nach eng Kéier e grouse Merci. Ech mengen, dass déi Debatt hei dozou bäigedroen huet, parteieniwiergräifend eng Clarificatioun an enger ganzer Rei vu Froen erbäizeféieren. Ech géif dann och dem Här Anen an dem Här Hein, déi déi Debatten hei suivéiert hunn, wat ech ganz flott fonnt hunn, well se sech eben elo och e Bild iwwert d'Situatioun konnte maachen, an hinne „bonne chance“ an hiren Tâchë wënschen.

E lescht Wuert zur Motioun, déi vum ADR eragereecht ginn ass. Ech géif proposéieren, déi ofzelehen, well ech contrairement zu deem, wat den Här Gira seet, net mengen, dass mer eis kéinten a

sollten engagéieren op e Wee fir ze kucken, e gemeinsame Statut - et muss ee wësse wat dat heescht, e gemeinsame Statut - fir dräi Zorte vu verschiddene Fäll ze schafen, nämlech déi vun engem Statservice.

De Findel ass e Statsservice. Et ass falsch, deen een oder deen aneren huet hei gemengt, d'Pompjeeën um Findel hätte kee Statut. D'Pompjeeën um Findel hunn e Statut, et ass eng Statsverwaltung.

**Une voix.** - Si sinn a kenger Verwaltung.

**M. Michel Wolter, Ministre de l'Intérieur.** - Jo, mä si sinn awer am Statut.

**Une voix.** - Si sinn awer net an der Verwaltung.

**(Interruptions diverses)**

**M. Michel Wolter, Ministre de l'Intérieur.** - Jo, mä et ass e staatleche Service, dee virgesinn ass. Elo maache mir, op Grond vun där heiter Gesetzgebung, d'Reglementatioun wat de Gemengeservice ubelaangt, mä fir ze mengen, dass mer och nach déi Pompejescorpsen aus de privat organiséierte Servicer an ee gemeinsame reglementareschen Text géife kréien an ee gemeinsame Statut doraus maachen, do mengen ech beim beschte Wëllen, dass mer dat net hikréien, an dofir géif ech och proposéieren, dass mer déi Motioun hei net géifen unhuelen.

Ech soen lech merci.

**Plusieurs voix.** - Très bien.

**M. le Président.** - D'Discussion générale ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4536 a stëmmen driwwer of.

**Lecture du texte du projet de loi (par M. Niki Bettendorf)**

D'Artikelen 1 bis 45 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Lecture ass domat ofgeschloss a mir kéimen dann elo zum Vote vun deem virleiende Gesetzesprojet 4536.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 55 Jo-Stëmmen a 5 Abstentiounen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupt, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach (par M. Patrick Santer), Nicolas Strotz, Fred Sonnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Nico Loes);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming (par M. Jeannot Belling), Alexandre Krieps (par Mme Simone Beissel), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;*

*MM. Jean Asselborn (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Alex Bodry), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Mars Di Bartolomeo);*

*MM. Jean Colombero (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Fernand Geisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*



M. Serge Urbany.

*Se sont abstenus: MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener (par M. Camille Gira).*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

**Motion 1**

Dann hu mer nach eng Motioun vum Här Jaerling, déi ausgedeelt ginn ass an déi jiddferee viru sech leien huet. Et war nëmmen eng Ënnerschrëft drop an et hunn nach ënnerschiwwen: d'Häre Camille Gira, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes a Jean-Pierre Koepp. Ass e Vote électronique verlaangt oder kënnen mer par main levée ofstëmmen?

**(Interruption)**

E Vote électronique? Et ass also e Vote électronique verlaangt. Da musse mer ee Moment waarden, bis de Computer ëmgestallt ass.

Mir stëmmen dann of iwwert d'Motioun.

**Vote**

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalte sech.

D'Motioun ass ofgelehnt mat 33 Nee- a 26 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: M. Niki Bettendorf;*

*M. Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Alex Bodry), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Mars Di Bartolomeo);*

*MM. Jean Colombara (par M. Fernand Greisen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener (par M. Camille Gira);*

M. Serge Urbany.

*Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach (par M. Patrick Santer), Nicolas Strotz, Fred Sonnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps (par M. Jeannot Belling), Claude Meisch (par Mme Simone Beissel), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Ripinger, Marco Schroell et John Schummer.*

Dann ass dee Punkt ofgeschloss.

Mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 5264 iwwert d'Moderniséierung vun der Beggener Kläranlag. Et sinn agedroen: den Här Klein, d'Madame Beissel, déi Hären Henckes a Gira. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Jean-Marie Halsdorf.

### 3. 5264 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au financement des travaux nécessaires à

### - l'extension et à la modernisation de la station d'épuration de Beggen

### - la construction d'un collecteur de transport des eaux résiduaires entre Bonnevoie et Beggen

#### Rapport de la Commission des Affaires intérieures

**M. Jean-Marie Halsdorf (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Projet de loi, géif ech och soen, kéint een op d'mannst dee Parallelismus zéien zu der Diskussioun, déi mer elo geféiert hunn, dass dëst och e Resultat ass vun enger nationaler Strategie, wou d'Kläranlagen hei am Land - d'Verbesserung, d'Moderniséierung, déi geet jo zrëck op eng Direktiv aus dem Joer 1991...

**(Interruption)**

Den Här Weiler hätt nach gären d'Wuert.

**M. le Président.**- Den Här Weiler huet d'Wuert.

### 4. Ordre du jour

**M. Lucien Weiler (CSV).**- Här President, vu datt déi eng oder aner Modifikatioun vun eisem Ordre du jour, wat d'Zäitpunkten, wou d'Projeten ukommen ubelaangt, virgeholl ginn ass, wär et gutt, vu datt all Member elo hei ass, wann Der géift soen, wéi mer gedanken déi Projeten, och déi, déi gëschter net geholl gi sinn, der Rei no haut de Mëtteg ze huelen.

**M. le Président.**- Et ass mer gesot ginn, et wier ofgemaach, datt mer de Mëtten direkt am Ufank iwwert déi Projeten, déi nach en suspens sinn, géifen ofstëmmen.

**M. Jean-Paul Ripinger (DP).**- Neen, et geet net ëm déi, déi mer nach ofstëmmen. Et geet drëm wéi mer der Rei no déi Projeten, déi fir haut nach um Ordre du jour sinn an déi, déi mer vu gëschter mat eriwwer geholl hunn, der Rei no haut wëllen evakuéieren.

**M. le Président.**- Wéi ass Är Proposition dann do?

**M. Jean-Paul Ripinger (DP).**- Meng Proposition ass déi - ech hat dem Greffe se ginn, firlech se zoukommen ze loosse -, datt mer déi zwou Kläranlage solle fir d'éischt huelen, dann de Projet vun Esch a Schëffleng, duerno géife mer déi zwee Projeten iwwert d'Culten huelen an als leschten de Projet aus de Classes moyennes.

**M. le Président.**- Ass d'Chamber domadder d'accord?

**Une voix.**- An d'Mobilophonie fält ewech?

**M. le Président.**- Den Här Bodry huet d'Wuert.

**M. Alex Bodry (LSAP).**- Ech mengen, et sinn och Zäitgrënn déi vläicht derfir plädéieren, fir eisen Ordre du jour e bësse méi licht ze maachen. Mä op där anerer Säit: Deene Leit, déi den Dossier studéiert hunn, ass opgefällt, dass den Dossier, den d'Regierung den Deputéierten zur Verfügung stellt huet, fir déi Debatt iwwert d'Mobilophonie ze féieren, onkomplett ass.

D'Prozedur gesäit dräi Avisé vir, ier de Minister seng Deklaratioun hei mécht. Dat sinn d'Avisé vum de Gemengeréit, déi sinn am Dossier dran. Dann als nächst kënnt den Avis vum Conseil supérieur vum Aménagement du territoire; den Avis huet d'Chamber net matgedeelt kritt. An da kënnt nach en Avis vum Comité interministériel vum Aménagement du territoire; den Avis hate mer och net am Dossier matgedeelt kritt. Sou dass mer en onkomplett Dossier hunn.

Ënnert dëse Konditiounen ass et och net méiglech, dass d'Chamber

wierklech eng gutt Diskussioun zu deem Thema ka féieren. Dofir ass et - mengen ech - weis, fir an dësem Moment deen dote Punkt vum Ordre du jour ze huelen an en eventuell nach op d'nächst Woch ze verleeën, wann den Dossier bis da komplett ass.

**M. le Président.**- Ass d'Chamber d'accord domat?

**(Assentiment)**

Dat ass dann esou decidéiert. Mer fieren dann elo viru mat eisem Ordre du jour.

**(Interruption)**

Den Här Minister Wolter huet d'Wuert.

**M. Michel Wolter, Ministre de l'Intérieur.**- Här President, ech hu kee Problem domat wann d'Chamber decidéiert fir dat déi nächst Woch ze maachen. Ech hätt awer net gär avant vérification, dass hei gesot gëtt, d'Regierung hätt kee kompletten Dossier ofginn an der Chamber. Et ass elo amgaange vérifiéiert ze ginn, ob d'Regierung e kompletten Dossier an der Chamber ofginn huet oder net.

Ob oder ob net e kompletten Dossier bei den Deputéierten ukomm ass, dat musse mer nach kucken. Also ech hätt net gär wa vireileg hei eppes behaupt gëtt. Wann d'Regierung e Feeler gemaach huet, dann assuméieren ech d'Responsabilitéit. Wann d'Regierung dee Feeler net gemaach huet, hätt ech net gären, dass dat elo schonn esou géif gesot ginn.

Fir de Rescht kann ech och domadder liwen, dass mer et d'nächst Woch diskutéieren. Mir insistéiere just, dass mer deen Débat iwwert d'Mobilophonie féieren, well et ass en extrem wichtigen Débat an enger ganz laanger Prozedur, dee fir d'Zukunft vun eisem Land an deem Domän vu grondleeënder Bedeitung ass.

**M. le Président.**- Den Här Jean-Marie Halsdorf huet dann erëm d'Wuert fir mat sengem Bericht iwwert d'Kläranlag weiderzefueren.

### 5. 5264 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au financement des travaux nécessaires à

### - l'extension et à la modernisation de la station d'épuration de Beggen

### - la construction d'un collecteur de transport des eaux résiduaires entre Bonnevoie et Beggen (suite)

#### Rapport de la Commission des Affaires intérieures (suite)

**M. Jean-Marie Halsdorf (CSV), rapporteur.**- Merci, Här President.

Ech wëll also nach eng Kéier drop zrëckgoen, dass ech soen, de Bau vu Kläranlagen zu Lëtzebuerg geet op eng Direktiv vun 1991 zrëck, déi iwwert de Règlement grand-ducal vum 13. Mee 1994 ëmgesat ginn ass, fir eng besser Klärung ze maachen an doduerch de Stéckstoff an de Phosphor bei de Kläranlagen, déi méi wéi 10.000 Einheiten hunn, ze verbesseren.

E geet awer och zrëck op eng Revisioun vum generelle Konzept fir d'Ofwaasser vun der Stad Lëtzebuerg. Dës Etüd gouf och am Ufank vun den 90er Jore gemaach, an doraus ass also dann de Projet de loi 5264 entstanen, den den 29. Dezember 2003 déposéiert

gouf. Véier Méint drop, den 28. Abrëll 2004, gouf de Rapport ugeholl an haut stëmme mer dee Projet jo.

Et geet ëm d'Kläranlag Beggen, déi moderniséiert gëtt, an et geet drëm fir de Bau vun engem Kollekteschent Bouneweg a Beggen. Coût de l'opération, wéi et am Projet de loi steet: 93,4 Milliounen, bei engem Index vu 579,98 op den 1. Oktober 2003. Dat steet och am Artikel 1 vum Projet de loi.

Am Artikel 2 steet, dass de Fong fir d'Gestioun vum Waasser benotzt gëtt, fir dëse Finanzement ze maachen. Den Artikel 3 mécht eng Derogatioun op den Artikel 12b vum Marchés-publics-Gesetz vum 30. Juni 2003. Wann d'Dauer vun den Aarbechte méi wéi zwéi Joer ass, wann een och den Exercice mat abezitt wou de Projet gestëmmt gëtt, muss een do derogéieren. Dat geschitt hei, well hei ass eng Bauzäit vu véier Joer virgesinn.

A wann ech vun normaler Strategie geschwat hunn - erlaabt mer déi Bemierkung, ier ech nach kuerz am Detail op dëse Projet aginn - muss ee feststellen, wat d'Kläranlagen ueget, dass mer do am Fong geholl net ëmmer en nationaalt Konzept hunn, wat zum Beispill de Klärschlamm ueget. Do huet all Kläranlag säi Konzept. All Kläranlag versicht de Recycling op hir Aart a Weis ze maachen, duerch Verbrennung, duerch d'Agrikultur oder duerch Kompostéierung. Ech hoffen och, dass mer deemnächst do eng Strategie globale wäerte kréien, gradesou wéi déi regelméisseg Kontrollen, déi vu Bréssel verlaangt ginn, iwwert d'Qualitéit vun den Ofwaasser. Och do gëtt et vill Léisungen. D'Stad Lëtzebuerg - mengen ech - geet op München. Aner Kläranlagen hunn och hir Solutiounen, an ech mengen do wär de Laboratoire National de Santé gefuerdert, fir do eng Guideline ze gi fir eist ganz Land.

Ech hu gesot, et geet jo drëm d'Waasser vun der Stad Lëtzebuerg an der Uelzecht ze klären. D'Uelzecht, ee Floss dee kee groussen Débit huet, a wou déi Kläranlage geschaf goufen an der Zäit fir 300.000 Einheiten, a Bouneweg 60.000 Einheiten. Dat gëtt elo ëmfunktionéiert op 220.000 Einheiten an d'Ofwaasser vun den Uertschafte Bartreng, Findel, Leideleng a Stroossen lafen an dës Kläranlag. De Scheierhaff a Riedgen sollen an engem spéideren Zäitpunkt bäikommen. Den originale Projet hat virgesinn, Hesper och duerch dës Kläranlag funktionéieren ze loosse. Dat ass awer net zrëckbehalen ginn. Duerfir gëtt et e spezielle Projet, dee jo herno dann och hei virgestallt gëtt.

De Kollekt, dee gebaut gëtt, ass 6,2 km laang, läit op enger Héicht vu 14 Meter an huet en Duerchmieser vun 2 Meter. E geet vu Bouneweg an de Péitrussdall iwwert d'Adolphesbrëck. Do kënnt d'Waasser vu Märel eran. Da geet en erof op d'Place d'Argent an e leeft dann an dee groussen Haaptkollekt vun der Millebaach, an dee leeft da riets weider laanscht d'Uelzecht bis op Beggen. Dat ass de Wee.

Déi Moderniséierung ass ganz spezifesch. Op där enger Säit bleiwen déi technesch Equipementer, zum Beispill de Klärschlamm, den déi bearbecht, bestoen. Op där anerer Säit gëtt awer eng Verbesserung gemaach, an zwar duerch eng Phas 1, wou eng Erneuerung stattfënnt vun der mechanescher Behandlung duerch de Bau vun enger Pompelstatioun. An der Phas 2 gëtt e Bioreaktor gebaut an an der Phas 3 gi Sandfilteren agebaut, 8 Stéck un der Zuel. Déi aktuell Becke ginn och a Kompensationsbecken ëmfunktionéiert. Fir den Detail heivun, mengen ech, sollt een de Projet noliesen. Do steet déi ganz Technik dran.

Fir de Gerochsproblemer, déi et bei all Kläranlag gëtt, ze begéinen, ass och eng Installatioun néideg. Bei

der Éischtbehandlung gëtt déi an de Gebaier selwer gemaach, fir do dësen Effekt dann ze minimiséieren.

Nach zwéi Wieder zum finanzielle Volet. Ech hat gesot, de Kollekt an d'Kläranlag sinn zwou Aarbechten. De Kollekt kascht 51,8 Milliounen, d'Kläranlag ongeféier 50 Milliounen. Dat mécht e Coût total vun 101,84 Milliounen fir dëse Projet. Well de Stat jo 90% finanzéiert, mécht dat eng Charge vun 91.700.000 Euro, dat beim alen Index vu 569,61. Wou mer awer den Index vum 1. Oktober 2003 dragesat hunn, dat ass dee vu 579,98, do kréie mer e Coût total vun 93,4 Milliounen. Well de Statsrot gemengt huet, mir sollten dee leschte Präis an dëse Projet de loi schreiwen, konnte mer dat jo dann och maachen.

De Statsrot huet och säin Accord ginn, well e gemengt huet, dëse Projet wär indispensabel. Ech mengen dat och an dofir sinn ech och iwwerzeegt, dass Der en alleguerste stëmmt.

Merci fir Är Opmierksamkeet.

**M. le Président.**- Als éischte Riedner ass den Här Jean-Pierre Klein agedroen. Den Här Klein huet d'Wuert.

#### Discussion générale

**M. Jean-Pierre Klein (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Gemengen hunn d'Missioun fir op hirem Territoire fir Propretéit a Salubritéit ze suergen. Dat ass eng Uraufgab vun de Gemengen.

Eng ganz Partie rechtlech Dispositionen hunn dat am Laf vun der Zäit confirméiert a verstärkt. Am Kader vun den Diskussiounen huet d'Verdeelung vun de Kompetenzen tëschent dem Stat an de Gemengen, déi mer am November vum leschte Joer hei gefouert hunn, ass festgestallt ginn, dass den Traitement vun den Ofwässer sollt an der öffentlecher Hand a besonnesch um Niveau vun de Gemenge bleiwen, well déi an där beschter Lag sinn, fir dat ze realiséieren, well se d'Problematik am allerbeschte kennen.

Et ass also unerkannt, datt d'Gemengen op deem Gebitt e ganz wichtege Acteur sinn an doduerch e wichtege Bäitrag leeschten, fir d'Liewensqualitéit vun hire Bierger ze verbesseren. Dat ass och de Fall duerch d'Transformatiounen an d'Moderniséierungsarbeiten un der Kläranlag zu Beggen an zu Hesper, déi den Objet vun eiser heiteger Diskussioun sinn.

Dëse Projet bréngt eng Valeur ajoutée, déi ee folgendermoosse ka resüméieren: Eng spierbar Verbesserung fir d'Protektioun vun eisem nationale Waasserfloss, den d'Uelzecht ass. Dat duerch méi eng performant Behandlung vum Ofwaasser an enger moderner Kläranlag fir 220.000 Awunner. Wann ee bedenkt, datt déi gesamt Verschmutzungsbelaschtung vu Lëtzebuerg op 700.000 Awunner gläichwäerteg geschaaft ass, da kënnen mer eis jo virstellen, wat fir een Impakt datt dës modern Anlag op d'Ofwaasserqualitéit huet.

Dës Verbesserung vun der Rengung vum Ofwaasser kënnt sécherlech alleguer deenen zum Gudden, déi „en aval“ vu Beggen an der Noperschaft vun der Uelzecht wunnen. Ganz besonnesch ass et gënschtig fir d'Renaturation, déi kierzlech am Uelzechtall zu Walfer a Steesel virgeholl ginn ass. Dat ass en Noerhuelungsgebit, wou e propert Gewässer vu gréisster Wichtigkeet ass. Et ass och ganz sécher eng excellent Motivatioun fir déi Leit, déi gewëllt sinn dës Moossen am Dall virun ze féieren. D'Fëscher wäerte besonnesch frou sinn iwwert d'Uwuesse vum Fëschbestand. Déi modern Anlag reduzéiert op e strikte Minimum zumindest d'Bestänn an de Kaméidi fir